

# DE FUUSS

**INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG**

2 | 2023

BULLETIN COMMUNAL



*Foto: Damaris*



# DËST STEET HEI DRAN

Dat leschtent Wuert vun dëser Redaktioun 3

## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*

Léif Matbiergerinnen a Matbierger 4
Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen 9
Les rapports des réunions du conseil communal 28
Zivilstand // État civil 37
Mir gratuléieren 37
Neigebuere Waldbëlleger 38
Hommage un den Nico Schlammes 40
Dîner du Printemps 42
Interview mam Robi Baden 44
Heizzentral Waldbëlleg 46

## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

D'Pirate si lass 48
Maison relais 50
Elterevereenegung 52
Kannerfuesbal 54

## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*

AG vun der S. P. L. 59
Ëmmer Fit 64
Uergelfrënn Waldbëlleg 66
KALATOU Asbl 68
D'Aeromodelliste vu Chrëstnech 69
Waldbëlleger Musek 72
Club des Jeunes Chrëschtnech 74

## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*

D'Wuert vum Foni Lebrun-Ricalens 76
DE FUUSS vun 2018 bis haut 78

## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*

Enquête sur le vivre ensemble dans la commune 90
Labomobil 97
Buergbrennen zu Haler 2023 98
Buergbrennen zu Waldbëlleg 2023 100
Par Mëllerdall Hl Méchel // Paroisse Mullerthal St Michel 101

## KLIMAPAKT
### *PACTE CLIMAT*

Klimaberoder 105
E Mikrobësch fir de Klimawandel 118
Kooperativ „Energiepark Mëllerdall" 119
Beweegungskommissioun Gemeng Waldbëlleg goes Mëllerdall 122
TOUR du DUERF 2023 123

**VILL FREED BEIM LIESEN!**

***BONNE LECTURE !***




*Déi éischt Ekipp: Corinne Meyers tëscht Marc Barthelemy a Maxime Bender:* Foto Filipe Soares



*D'Isabelle Oberlé ass derbäi.* Foto Jojo Tholl



*An och d'Damaris Pleschette.* Foto: Selfie Damaris



*2020 mam Corona huet d'Redaktioun just nach op Distanz an/oder maskéiert geschafft.* Fotoen: privat



*D'Redaktioun 2022 mat der Buergermeeschtesch an dem Personal aus der Gemeng.* Foto: Gudde Kascht Haler



*2023: déi dräi, déi de FUUSS bis zum Schluss konzipéiert hunn.* Foto: Stella Koster

# DAT LESCHTENT WUERT VUN DËSER REDAKTIOUN

Mat dëser Ausgab 2023-2 vum FUUSS haalt Dir déi leschten an der Hand, déi an der Verantwortung vum aktuelle Schäfferot publizéiert gëtt. Well elo den 11. Juni si Walen an dann ass ze kucken, wéi et virugeet, mat der Gemeng an och mat der Gemengenzeitung FUUSS.

Am Februar 2018 stoung am FUUSS dat heiten: *„Mat de Walen ass eng nei Équipe an d'Gemeng komm an domadder och eng nei Zesummesetzung vum Redaktiounscomité. Mir sinn zu dräi: Corinne Meyers, Maxime Bender a Marc Barthelemy."* De Maxime Bender huet 2022 d'Redaktioun verlooss, d'Corinne Meyers an de Marc Barthelemy si bis haut derbäi.

Schonns 2018 koum d'Isabelle Oberlé derbäi, dunn och d'Damaris Pletschette, déi eis als trei Fotografin erhale bliwwen ass, och nodeems se d'Redaktioun verlooss hat. D'Membere vun der Redaktioun hunn déi vill Aarbecht am Benevolat gemaach.

Do dernieft hunn d'Buergermeeschtesch André Henx-Greischer an d'Beamten aus der Gemeng vill mat ugepaakt, d'Martine Dimmer, d'Kim Ruppert, de Pit Beckené, de Filipe Soares an den David Sonetti. An natierlech hunn eis trei Mataarbechter an de Veräiner an an den Associatiounen, mee och an der Schoul, an der Elterevereenegung an an der Maison relais, vill derzou bäigedroen, datt am FUUSS ëmmer ze liesen an ze gesi war, wat esou an der Gemeng lass war.

D'Korrekture sinn déi ganzen Zäit vun der Karin Enser gemaach ginn. De Lay-out gouf ufanks vu gr-ink vun Hiefenech realiséiert. Zanter der Nummer 2019-2 ass déi grafesch Gestaltung an de kompetenten Hänn vun der Susanne Hangarter, där hir Aarbecht vu ville Lieser expressis verbis appreciéiert gëtt.

Et war en Uleies vun der Redaktioun, nieft de wichtegen Informatiounen och d'Liewen an der Gemeng ze dokumentéieren an, wéi et zanter iwwer zwanzeg Joer Traditioun ass, Wëssenswäertes iwwer déi natierlech a kulturell Schéinheete vu bei eis matzedeelen an och déi wichteg historesch Evenementer ze beliichten. De Marcel Ewers huet do de Wee gewisen. Wéi hie si mer vill an dacks op den Zweete Weltkrich an op de bekanntste Waldbëlleger agaangen, de Michel Rodange.

Leider huet dat net iwwerall a bei jiddwerengem Zoustëmmung fonnt, wéi et an de Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen hei hannendrun ze liesen ass. Et ass natierlech esou, datt eng Editioun vum FUUSS d'Gemeng eng Partie Sue kascht, plus déi vill Aarbecht vum Personal vun der Gemeng. De Präis hänkt dobäi esou gutt ewéi ganz just vun der Säitenzuel of; d'Oplag huet e ganz klenge finanziellen Impakt.

Grad an de Joren 2026 an 2027 wäert et wichteg sinn, datt erëm eng asazfreedeg Ekipp sech de kulturhistoreschen Aspekter vun eiser Gemeng unhëlt. Bannent e puer Méint sinn dann den 150. Doudesdag an den 200. Gebuertsdag vum Michel Rodange ze feieren. Bis elo sinn esou Evenementer ëmmer schéi gefeiert an och adequat dokumentéiert ginn an der Gemeng Waldbëlleg.

*Marc Barthelemy*

**Redaktioun:** Marc Barthelemy,
Karin Enser (Korrekturen), Corinne Meyers,
Isabelle Oberlé.
**Fotoen:** Damaris Pletschette
**Hëllef op der Gemeng:** Martine Dimmer,
Andrée Greischer, Kim Ruppert, Pit Beckené,
Filipe Soares, David Sonetti
**Grafesch Gestaltung:** Susanne Hangarter
**Drock:** Imprimerie de l'Est, Iechternach
**Responsabelen Editeur:** Gemeng Waldbëlleg

Ënnerschriwwen Artikelen drécken
d'Vuë vum Auteur aus a ginn ënner senger
Responsabilitéit publizéiert.

# D'GEMENG // *LA COMMUNE*

## LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER,

D'Legislaturperiod 2017-2023 geet zu Enn an dowéinst si mir der Meenung, et wier un der Zäit fir e Réckbléck ze maachen.

Mir goufe viru grouss Erausfuerderungen gestallt, déi kee konnt virausgesinn. Ugaangen ass et mam Héichwaasser am Juni 2018 wou eis Regioun, a speziell de Mëllerdall uerg betraff war. 2019 hate mir e waarmen an dréchene Summer wou mir d'Phase „orange", fir Drénkwaasser ze spueren, hu missen ausruffen. Am Mäerz 2020 ass et lassgaange mat ganz groussen Aschränkungen duerch d'Pandemie mam Coronavirus. Et koum zu engem Lockdown fir d'ganz Bevëlkerung an domat och zu héijen Ufuerderunge fir eis Servicer a fir de Gemengerot. Am Februar 2022 ass déi traureg Noriicht ëm d'Welt gaangen, dass de Krich an der Ukrain ugefaangen huet. Domat sinn d'Energiepräisser explodéiert an net nëmmen d'Energie gouf méi deier, mee och d'Liewensmëttel an d'Baumaterial. Sou sinn och d'Käschte vu ville Projeten eropgaangen. Mir schwätzen haut vun enger Wunnengskris, d'Bauen ass méi deier ginn, d'Zënse si vill an d'Luucht gaangen, a fir vill jonk Leit ass et bal onméiglech ginn, fir nach e Prêt accordéiert ze kréien.

*Betonselementer fir de Stauraumkanal vun der Reewaasserachs*



Dir frot Iech sécher, wat ënnerholl ginn ass, fir dass mir an Zukunft besser kënne reagéieren wann et zu Starkreen kënnt? Et ass e Konzept mat engem Moossnamekatalog ausgeschafft ginn. Dëst Konzept, fir déi eenzel Dierfer, krueten d'Biergerinnen a Bierger an der Sportshal virgestallt. Zu Waldbëlleg ass eng grouss Reewaasserachs gebaut gi mat enger Réckhaltung. Verschidde kleng Moossname konnten direkt ëmgesat ginn, anerer sinn nach um Instanzewee fir Autorisatiounen ze kréien. D'Gemeng huet och zwou grouss Pompele fir un den Trakter kaf, mat deenen a kuerzer Zäit vill Waasser gefërdert ka ginn.

Wéinst der Pandemie hu mir verschidde Servicer an der Gemeng ëmgestallt. Den Teletravail gouf agefouert an eise Computersystem verbessert. De Service technique ass besser ausgestatt ginn, fir den neien digitalen Ufuerderunge gerecht ze ginn. Vill Haushalter kruten en digitale Waassercompteur, d'Steierung vun de Waasserpompelen zu Haler an déi vun der Pompelstatioun am Mëllerdall lafen elo digital, wat erméiglecht Feeler méi séier ze detektéieren. Eisen technesche Service krut Personal bäi an och neit Material. Dëst hate mir an deene leschten Ausgabe vum DE FUUSS scho presentéiert. Am Sënn vum Schoultransport huet d'Gemeng en neie Bus kaf.



*Fernwärme Heizzentral*

A Punkto Ofwaasser ass zu Waldbëlleg e Reeniwwerlafbaseng mat enger Pompelstatioun gebaut ginn, fir d'Ofwaasser an Zukunft vu Waldbëlleg bis op Chrëschtnech ze pompelen. De geplangte Standuert vun der Kläranlag zu Chrëschtnech gëtt no laangem Plange vum Sidest an der Waasserverwaltung a Fro gestallt. Aktuell lafen Ënnersichungen, fir eist Ofwaasser bis an d'Kläranlag op Iechternach ze leeden. Zu Waldbëlleg am Duerf gouf en neie Kanalsammler gebaut. Duerch dëse Bau entfalen déi al Deversoiren, wat d'Qualitéit vun der Baach staark verbessert.

Verschidde Waasserleitunge sinn zesumme mam Kanal, respektiv mat der Reewaasserachs erneiert ginn. E wichtege Projet war d'Verleeë vun där neier Waasserleitung vun Haler op Waldbëlleg an och d'Drockleitung vum Mëllerdall bis op Haler. D'Waasser ass elementar fir eis Gemeng, mir hunn d'Chance autark an eiser Waasserversuergung ze sinn. Eis Gemeng versuergt och d'Nopeschgemenge mat Waasser, sou d'Ärenzdall Gemeng, Bäerdref, Beefort an an Zukunft och Reisduerf. Grouss Gebidder vun eiser Gemeng leien an engem Waasserschutzgebitt. D'Qualitéit vun eise Quelle gëtt reegelméisseg analyséiert, an Zesummenaarbecht mam Natur- a Geopark Mëllerdall. Och an Zukunft wäerten et weiderhi grouss Projete am Beräich Waasserversuergung ginn.

Weil d'Energie an de leschte Joren ëmmer méi deier ginn ass, hu mir eis ëmgekuckt fir Méiglechkeeten ze fannen, fir manner ofhängeg ze gi vun den Uelegpräisser. Duerch den Ëmstand dass den Heckeschnëtt net méi verbrannt däerf ginn an awer grouss Quantitéiten dovunner ufalen, déi ze entsuerge sinn, hu mir decidéiert eng grouss Heizungszentral ze bauen, déi mat Hackschnëtzel a Landschaftsfleegeholz (Heckeschnëtt) bedriwwe gëtt. Iwwer e Fernwärmenetz kënne sou den techneschen Service, d'Schoul, d'Maison relais, d'Spillschoul, d'Waldbëlleger Kierch an d'Gemeng gehëtzt ginn. Esou spuere mir pro Joer 46.000 Liter Mazout. De Kessel vun der Holzheizung ass zum groussen Deel iwwer den Life-IP Zenapa Projet finanzéiert ginn. Dem Natur- a Geopark Mëllerdall drécke mir e groussen Merci dofir aus.

Et ass esou, dass net nëmmen de Mazout deier kascht, mee och de Stroum. D'Gemeng huet der Energiekooperativ Mëllerdall zwee Diech zur Verfügung gestallt fir PV Anlagen ze montéieren, eemol zu Chrëschtnech op der Kierch an eemol zu Waldbëlleg um Gebai vum technesche Service. Et ass geplangt weider PV Anlagen op déi nei Heizzentral, op de Pompjeesbau an op den Ausbau vun der Gemeng ze installéieren, an dass d'Gemeng dee Stroum als Eegeverbraucherin notzt.

Am Joer 2019 huet den Natur- a Geopark Mëllerdall mat de Gemengen e Subsidreglement ausgeschafft, fir de Bierger eng finanziell Hëllef ze erméigleche bei energietechnesche Verbesserungen oder techneschen Installatiounen. Eis Gemeng applizéiert dëst Reglement.



*Spillplaz op der Heringer Millen*

Fir en E-Bike oder en Elektroauto kritt een och eng Ënnerstëtzung. Bis elo goufen 30.200 € Euro ausbezuelt.

Dernieft sinn och méi kleng Projeten ausgefouert ginn. Beim Musekssall ass en Noutausgang mat engem Lift amenagéiert ginn fir den Accès behënnertegerecht ze maachen an et ze erméiglechen déi schwéier Instrumenter méi einfach hin an hir ze transportéieren.

Net ze vergiesse sief, dass mir och all Joer un de Feldweeër geschafft hunn, an Zesummenaarbecht mat der Asta.

Op deenen dräi Kierfechter, zu Chrëschtnech, Waldbëlleg an Haler ass geschafft ginn. D'Haaptweeër sinn deelweis erneiert an nei Colombairen opgeriicht ginn.

Am Schoulhaff bei der Primärschoul ass vill geschafft ginn. Et si Beem geplanzt ginn, fir méi Schied ze maachen an en neien Holzchalet schützt virun der Sonn an och géint de Reen. Zwee Buedemtrampoline sinn agebaut ginn, fir de Kanner eng weider Spillméiglechkeet ze bidden, an den Amphitheater ass nei gemaach ginn.

An der Sportshal hu mir d'Beliichtung op LED ëmgestallt, d'Sportsveräiner kruten en neien Tableau mat Unzeig an eng nei Soundanlag ass do installéiert ginn.

An der Schoul an op der Gemeng sinn d'Luuchte gréisstendeels op LED-Biren ëmgerëscht ginn. Dëst am Sënn fir de Stroumverbrauch erofzesetzen, an engems kréie mir Punkten dofir am Klimapakt. Sief hei ervirgehuewen, dass eis Gemeng och nees Member vum Klimapakt 2.0 ass. Zanter Ufank 2023 bleift och d'Stroossebeliichtung nuets vun 1:00 Auer bis 5:00 Auer ausgeschalt.

E Projet dee positiven Uklang bei de Kanner an Erwuessene fonnt huet, ass de Bau am Mëllerdall vun där grousser pedagogescher Spillplaz, déi de leschte Summer ageweit ginn ass. Ëmmer méi Visiteure kommen an de Mëllerdall a fir deenen eng Parkméiglechkeet ze bidden ass en neie Parking am Bau, direkt niewent dëser Spillplaz. Op weideren zwee aneren Terrainen, déi der Gemeng gehéieren, sinn Ëmweltetuden amgaangen a mir hoffen dass do och séier Parkplaze kënne realiséiert ginn.

Vum leschte Joer un ass eis Gemeng Member am Naturpakt, fir sech anzesetzen dass d'Biodiversitéit erhale bleift respektiv fir se ze schützen.

Eis Gemeng ass dem neie Pacte Logement 2.0 bäigetrueden, deen dräi Ziler huet, d'Erhéijung vun der Offer vu bezuelbaren nohaltege Wunnengen, d'Erschléisse vu bestoendem Terrain a Wunnpotenzial um Gemengenniveau an d'Verbesserung vun der Wunnqualitéit.

Fir d'Sécherheet vun de Foussgänger eropzesetzen, hu mir all Joer e puer Zebrasträifen ëmgebaut a beliicht. Zu Haler a Chrëschtnech sinn nei Busarrête gebaut ginn, déi souwuel vun eisem Schoultransport ugefuer gi wéi och vum ëffentlechen Transport mat den RGTR Linnen.

Mir gesinn an héieren ëmmer méi dacks, dass an eisen Dierfer d'Vitesse net agehale gëtt a wëll doruechter geparkt gëtt. Fir dës Situatioun ze verbessere schaffe mir weider um Circulatiounsreglement a mir erhoffen eis mat Hëllef vu verschiddene Moossnamen, wéi zum Beispill Schikanen oder Stroosseverengungen an den Agäng vun den Dierfer, dëst an de Grëff ze kréien. D'Tempodissen, déi Panneauen am Agang vun den Dierfer, déi den Automobilisten hir Vitesse uginn, waren en éischte Schratt, mee leider ginn déi net duer, fir dass méi lues gefuer gëtt.

De schrëftlechen Deel vum PAG ass ugepasst ginn. Déi nei Versioun kënnt Dir an der Gemeng kréien oder Dir fannt se um Internetsite vun der Gemeng.

E wichtegen Aspekt ass eis Schoul, déi amgaang ass ze kleng ze ginn. D'Aarbechte vum Ausbau mat véier Säll gi geschwënn ausgeschriwwen a realiséiert. Fir besser kënnen ofzeschätze wat an den nächste Joren de Bedarf u Plazen an der Maison relais ass a mat wéi vill Schüler an der Schoul ze rechnen ass, hate mir eng Masterstudie an Optrag ginn an elo nach eng Maachbarkeetsstudie.

Beim Fussballterrain zu Chrëschtnech hu mir eng nei Buvette mat Clubsall, enger Garage, engem Lager an enger Tribün geplangt. D'Aarbechte sinn a Verzuch komm, well déi éischt Soumissioun huet missen annuléiert ginn. D'Offeren déi erakoume louche wäit iwwer dem Devis. De Projet ass liicht ugepasst ginn a gëtt nei ausgeschriwwen.

D'Gemeng vergréissert sech a sou ass och d'Gemengegebai ze kleng ginn. Et feelt u Plaz fir d'Archiven an u Büroen. De Projet fir d'Gemeng ze erweideren ass um Lafen. Nom Ausbau kann de grousse Sall am Hentgesbau och nees fir Aktivitéite genotzt ginn. Mir informéieren Iech elo schonn, dass d'Administratioun wärend den Aarbechte vum Ausbau vun der Gemeng an de Veräinsbau zu Chrëschtnech verluecht gëtt.

De Gemengerot huet a senger viregter Sëtzung eng Primm accordéiert fir d'Lycéesschüler, vun der Troisième un, a fir d'Studenten op der Uni, fir hinnen eng Unerkennung fir hir schoulesch Leeschtungen entgéintzebréngen.

Mir hoffen Iech heimat e klengen Iwwerbléck iwwer eis Aarbecht vun de leschte Jore ginn ze hunn. Vill Projeten hu mir realiséiert, anerer sinn an der Planung.

De Gemengerot koum vum 20.12.2017 bis haut am Ganze fir 49 Sëtzunge beieneen. Mir sëtzen ëmmer méindes zesummen op der Gemeng am Schäfferot. En ass den 10.11.2017 am Inneministere vereedegt ginn an de Gemengerot den 21.11.2017 an der Gemeng.

Op dëser Plaz wëlle mir dem Théo Moulin nach eng Kéier Merci soe fir säin Asaz fir eis Gemeng. Nodeems hie säi Mandat als Schäffen- a Gemengerotsmember huet missen nidderleeën wéinst dem Wiessel vu sengem Wunnsëtz an eng aner Gemeng, huet de Jean-Joseph Tholl genannt Jojo sech bereet erkläert, fir seng Plaz am Schäfferot ze iwwerhuelen. De Jojo ass den 29.07.2021 vun der Inneministesch vereedegt ginn.

All eise Mataarbechter aus deene verschiddenen Servicer sief op dëser Plaz ee grousse Merci fir hir exzellent Aarbecht gesot!

Mir wëllen doriwwer eraus alle Leit, déi beruffflech oder benevole an der Gemeng, respektiv an de Veräiner, engagéiert sinn, fir eis schéi Gemeng virunzebréngen, ee grousse Merci ausspriechen, fir hiren onermiddlechen Asaz an eis gutt Zesummenaarbecht.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, mir wënschen Iech an Äre Familljen e puer schéin an erhuelsam Momenter dëse Summer! Bleift gesond a monter!

*Äre Schäfferot,*
*Andrée Henx-Greischer, Serge Boonen a Jojo Tholl*

*Fotoen:*
*BEST ingénieurs-conseils:*
*Betonelemente Stauraumkanal;*
*Createch: Spillplaz;*
*Filipe Soares: Heizungszentral*



Foto: Damaris

# RAPPORTE VUN DE GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Dës Rapporte gi vum Gemengesekretariat geschriwwen, vun de Conseilleren nogekuckt a vun der Buergermeeschtesch autoriséiert. Si baséieren op den Deliberatioune vum Conseil, woubäi de geneeë Wuertlaut vun den Decisiounen an engem Dossier festgehalen a vun de Conseilleren ënnerschriwwe gëtt. Deen Dossier kann all Bierger op d'Gemeng kucke goen.

Dës Rapporte sinn a méi enger verständlecher Sprooch mat méi Explikatioune geschriwwen. Dofir sinn déi lëtzebuergesch an déi franséisch Versioun net ëmmer genee identesch. Et zielt dann, wat an der Gemeng am Dossier vun den Deliberatioune festgehalen ass.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/1

**Sëtzung vum Méindeg, den 23. Januar 2023**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge, THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt : /

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2023-01-01 | Personalaffär – Ufro fir d'Stagezäit ze verkierzen. |
| 2023-01-02 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2023-01-03 | Verlängerung vun den Auerzäite fir den Ausschank vun alkoholesche Getränker op verschiddene Fester an der Gemeng Waldbëlleg wärend dem Joer 2023. |
| 2023-01-04 | Ausseruerdentlech budgetär Ännerungen. |
| 2023-01-05 | Ofrechnung vun ausseruerdentlechen Aarbechten. |
| 2023-01-06 | Entscheedung fir e Prêt opzehuele fir d'Realisatioun vu verschiddenen ausseruerdentlechen Aarbechten. |
| 2023-01-07 | Bewëllegung vun enger Konventioun am Kader vun engem Bauprojet. |
| 2023-01-08 | Unhuele vum PAP „Henerecht" zu Haler. |
| 2023-01-09 | Avis zum „Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT)" a vum Rapport iwwer d'Auswierkungen op d'Ëmwelt. |
| 2023-01-10 | Avenant vun der Konventioun iwwer d'Zesummenaarbecht mat Valorlux am Kader vun der selektiver Collecte vum PMC, fir dës ze valoriséieren. |
| 2023-01-11 | Ernenne vun de Membere vun der Ekipp Naturpakt. |
| 2023-01-12 | Ufroe fir d'Deele vun Terrainen. |
| 2023-01-13 | Ufro fir en ausseruerdentleche Subsid fir d'Waldbëlleger Musék. |
| 2023-01-14 | Subsidufroen. |
| 2023-01-15 | Verschiddenes. |

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 hunn d'Conseillere Marc Barthelemy a Corinne Meyers d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir folgende Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

| | |
|---|---|
| 2023-01-16 | D'Kandidatinnen a Kandidate fir d'Gemengewalen kréien d'Méiglechkeet, wa si dat wënschen, sech virzestellen am FUUSS, deen am Juni erauskënnt, ënner gewëssen Oplagen, déi de Gemengerot decidéiert. |

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buerger-

meeschtesch schrëftlech gefrot fir folgend Punkten op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

| | |
|---|---|
| 2023-01-17 | Mir froen de Gemengerot, fir säin Accord ze gi mat der Beeforter Gemeng Kontakt opzehuelen an eng Plage fir eis Schoul op der Äispist auszehandelen. Duerch eng finanziell Ënnerstëtzung kéint des flott Aktivitéit/ Beweegungsméiglechkeet fir d'Kanner aus eiser Regioun weider erhale bleiwen. |
| 2023-01-18 | An anere Gemenge gëtt en erfollegräichen Ofschloss vun engem d'Schouljoer vun de Kanner aus hirer Gemeng finanziell valoriséiert. Mir froen de Gemengerot dem Schäfferot den Optrag ze ginn, esou eng Propose och fir eis Gemeng Waldbëlleg auszeschaffen. |

**1.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg engem Beamten am Stage vum Gehältergrupp C1, techenëschen Ënnergrupp de Stage ëm 12 Méint ze kierzen.

**2.** D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hu folgend Froen un de Schäfferot agereecht:

*Vill bis immens vill ass an de leschte Joren an der Gemeng Waldbëlleg gebaut ginn.*

- Wéivill Baugeneemegungen huet den aktuelle Schäfferot an de Joren 2017-2023 accordéiert?

Heirop ass d'Äntwert: Bis den 23. Januar 2023 huet d'Buergermeeschtesch 838 Baugeneemegungen ënnerschriwwen, mam Detail vun de Joren

– Joer 2017: 123 Baugeneemegungen;
– Joer 2018: 101 Baugeneemegungen;
– Joer 2019: 134 Baugeneemegungen;
– Joer 2020: 161 Baugeneemegungen;
– Joer 2021: 158 Baugeneemegungen;
– Joer 2022: 153 Baugeneemegungen;
– Joer 2023: 8 Baugeneemegungen.

- Wéivill Baugeneemegungen huet den deemolege Schäfferot an de Joren 2011-2017 accordéiert?

Heirop ass d'Äntwert: An deene Joren huet de Buergermeeschter 781 Baugeneemegungen accordéiert, mam Detail

– Joer 2011: 101 Baugeneemegungen;
– Joer 2012: 85 Baugeneemegungen;
– Joer 2013: 78 Baugeneemegungen;
– Joer 2014: 110 Baugeneemegungen;
– Joer 2015: 135 Baugeneemegungen;
– Joer 2016: 149 Baugeneemegungen;
– Joer 2017: 123 Baugeneemegungen.

Sief vermierkt an deene Chiffren geet et net nëmmen ëm Geneemegunge fir Wunnunitéiten, mee kleng Aarbechten, wéi Gaardenhaisercher a Clôturen sinn och mat abegraff.

- Wei vill Awunner hat Gemeng Waldbëlleg an den eenzelen Dierfer Stand 2011, 2017 an 2023?

Hei drënner fannt Dir d'Äntwert:

| | 2011 | 2017 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Christnach | 550 | 741 | 845 |
| Freckeisen | 33 | 37 | 28 |
| Grundhof | 9 | 11 | 9 |
| Haller | 301 | 392 | 412 |
| Mullerthal | 58 | 57 | 61 |
| Savelborn | 1 | 7 | 6 |
| Waldbillig | 469 | 516 | 587 |
| TOTAL: | 1.421 | 1.761 | 1.948 |

*Nodeems mir e puer mol de Schäfferot no engem Rendez-vous gefrot hunn, fir eis d'Situatioun vum Réimerwee unzekucken, a keng Propositioun gemaach kruten, wéilte mir de Schäfferot froen, fir e Rendez-vous sur place den 22. Februar um 18:00 Auer ze maachen.*

De Schäfferot proposéiert dës Reunioun op der Plaz den 2. März um 17:00 Auer ze maachen, virun der Sëtzung vum Gemengerot.

*An der Gemengerotssëtzung vum 20. Dezember 2021 hate mir de Schäfferot gefrot, d'Bushaischen zu Chrëschtnech bei d'Velosparkstatioun ze verréckelen. De Schäfferot hat eis erkläert dat hätt fir hie keng Prioritéit, et géif ee sech awer éischter derfir asetzen, datt d'Vitess op 30 km/h géif erofgesat ginn.*

- Huet de Schäfferot dësbezüglech schonn eppes ënnerholl?

De Schäfferot huet elo d'Konzept vun der Verkéiersberouegung vu Waldbëlleg stoen. Fir d'Vitesse zu

Haler a Chrëschtnech erofzesetzen krut de Schäfferot bis elo net accordéiert. D'Gesetzgebung huet geännert an de Schäfferot huet vir, och fir déi Uertschaften nei unzefroen.

*Bei der Usprooch um Neijoerschpatt vun der Gemeng den 10. Januar 2023 huet d'Madame Buergermeeschtesch gesot, si géif(en) sech dofir asetzen, datt verkéiersberouegend Moossname géifen an den Uertschafte geholl ginn.*

- Wat ass do an deene 6 leschte Joren ënnerholl ginn?

De Schäfferot huet an de verschiddenen Dierfer Zebrasträife-Beliichtungen installéiert. Et goufen och Unzeigen opgestallt, fir d'Vitesse ze moossen wann een an d'Dierfer erafiert. Et si Moossapparaten opgehaange ginn, fir de Passage an d'Vitesse zu Chrëschtnech an zu Haler ze moossen. Et ass virgesinn nach Moossapparater ze installéieren. Bei de PAPen, déi approuvéiert goufen, si verkéiersberouegend Mesurë gefrot ginn. Et ass virgesinn elo nach verschidden Dispositifen ze huelen, fir an der Entrée vun den Uertschaften d'Vitesse erofzesetzen, wat och am Budget 2023 virgesinn ass.

*An der Gemengerotssëtzung vum 21. Dezember 2021 ass dëse Punkt, dee mir op den Ordre du Jour gesat hunn, eestëmmeg ugeholl ginn:*

> *„Eng Strooss fir eis all*
>
> *Duerch eis Initiative e Vëlo- a Wanderweegrupp an d'Liewen ze ruffen, fir dass d'Gemeng Waldbëlleg Virreiderin ënner den Naturparkgemenge gëtt, fir no Weeër ze sichen, fir eis un den nationale Vëlosreseau unzebannen. D'Demarche vum Conseiller Barthelemy, fir d'Vitessbegrenzung op 30 km/h an den Dierfer erofzesetzen, ënnerstëtze mir duerch den heite Pilotprojet. An Zesummenaarbecht mat ProVelo a Ponts et Chaussées proposéiere mir, déi Deeler an der Gemeng op 30 km/h, déi fir Verbindungen „Gemengendierfer mam nationale Vëlosreseau" vu Wichtegkeet sinn, ze begrenzen. Duerch déi Vitesslimitatioun ass et méiglech, en Angebotsstreifen op de Stroosse vun der Gemeng fir de Vëlo unzebidden, an esou eis Verbindungen un den nationale Reseau ze verbesseren.*

*Mir froen de Gemengerot dem Schäfferot den Optrag ze ginn, fir mat Ponts et Chaussées de Pilotprojet fir eis Gemeng auszeschaffen, an an den Dierfer en Angebotsstreifen fir de Vëlo opzemolen."*

- Huet de Schäfferot scho mat Ponts et Chaussées geschwat?
- Ass hei geschwë mat engem Resultat ze rechnen?

De Schäfferot léisst elo mol d'Beschëlderung maachen. Sou wéi ProVelo, ass de Schäfferot och der Meenung, datt Angebotssträife fir de Vëlo eng falsch Sécherheet ginn.

*An der Gemengerotssëtzung vum 22. Februar 2022 hate mir de Schäfferot gefrot wat mat de Spierebeem, déi 2017 um Dag vum Bam zu Haler geplanzt gi sinn geschitt ass. Mir kruten als Äntwert: „D'Beem sinn net ukomm, sief et duerch ze vill Nätzt oder Dréchent. Well se am Kader vun enger Aktioun mat den Nopeschgemenge mam Naturpark geplanzt goufen, soll een driwwer nodenken neier op enger anerer Plaz ze setzen an d'Placketten nees dropzemaachen."*

- Ass lo no engem Joer schonns driwwer nogeduecht gi?

De Schäfferot huet driwwer nogeduecht a geplangt nei Beem ronderëm déi nei Heizungsanlag beim Gemengenatelier ze planzen an och dann d'Plackette vun de Gemengen opzehänken.

*An der Gemengerotsëtzung vum 20. Dezember 2021 hate mir folgende Punkt op den Ordre du jour gesat:*

> *„Astandsetzung vum séchere Schoulwee"*
>
> *An der Versammlung vum ORT mat ProVelo am November 2021 goufen d'Verbindungsweeër virgestallt, wou et och gutt wier verschidde Feldweeër accessibel fir de Vëlo ze maachen. Ënner deem Aspekt ass och de séchere Schoulwee vu Chrëschtnech op Waldbëlleg ugeschwat ginn. Nieft deenen 2 Feldweeër déi um Ordre du jour stinn, wollte mir de Gemengerot froen dem Schäfferot den Optrag ze ginn, fir eng „mise en état" vum „séchere Schoulwee" ze maachen. Dëst géif de Kanner et erméigleche méi propper ze Fouss an och mam Vëlo kënnen an d'Schoul ze kommen.*

*De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Prinzip fir de „séchere Schoulwee", dee vu Chrëschtnech op Waldbëlleg féiert, am järleche Plang vun de Weeër virzegesinn, den d'Verwaltung vun den techneschen Déngschter vun der*

*Landwirtschaft (ASTA) fir d'Joer 2023 ausschafft. Dëse Plang gëtt am Juli 2022 virgestallt an approuvéiert.*

- Mir sinn elo Enn Januar 2023, wat ass bis elo geschitt?

De Wee ass op de Programme vun der Asta gesat ginn, fir 2023 ausgefouert ze ginn. D'Asta huet de Projet ausgeschafft an de 14. Dezember 2022 ass en am Gemengerot gestëmmt ginn. De Landwirtschaftsminister huet de 7. Februar säin Accord ginn, fir der Gemeng eng finanziell Hëllef vun 30% zouzespriechen. D'Asta wäert lo geschwënn 3 Offere bei Entreprisen ufroen, fir d'Aarbechten auszeféieren.

De Conseiller Barthelemy wëllt wëssen, wéivill auslännesch Residentë sech scho fir d'Walen ageschriwwen hunn. A wat de Schäfferot wëlles huet, fir nach méi auslännesch Residentë dofir ze mobiliséieren, wat nach géing geschéien an a wéi enge Sproochen? D'Buergermeeschtesch hat mam Service vun der Populatioun geschwat, fir sech driwwer ze informéieren ob - wéi déi leschte Kéier - eng Informatiounsversammlung ka stattfannen oder ënner wéi enger Form dat sollt sinn, mat Webinair oder Flyer. Iwwer dat Thema soll och an der nächster Integratiounskommissioun geschwat ginn. Fir den nächste Gemengerot huet de Schäfferot méi konkret Informatiounen dozou. An Tëschenzäit ass nogekuckt ginn wéivill auslännesch Bierger an eiser Gemeng fir d'Gemengewalen ageschriwwen sinn, et si 76 Persounen aus der EU an der 4 vun ausserhalb der EU, dat mécht en Taux vu 17,2% aus.

De Conseiller Bender freet wéini mat der Bréck am Kalkewee ze rechnen ass. D'Buergermeeschtesch informéiert, dass den Enterpreneur de Kontrakt opgeléist huet well et ze laang gedauert huet bis en d'Aarbechte konnt ausféieren an och wéngt der Präisexplosioun. D'Exekutioun vun den Aarbechten huet sech verzögert duerch nei Fuerderungen vun der Waasserverwaltung an duerch d'Präisexplosioun. E Projet muss nees ugepasst an nei ausgeschriwwe ginn. De Conseiller Bender freet, ob et méiglech wier fir eng Ramp op der provisorescher Bréck ze installéieren fir Leit mat Kannerkutsch oder d'Leit déi schlecht zu Fouss sinn. D'Buergermeeschtesch äntwert, dass dorun och scho geduecht ginn ass, mee ugeholl gouf et géing méi séier goen, well d'Commande schonn eraus war. Et gëtt da lo eng Ramp gebaut.

De Conseiller Tobes freet, ob et nei Pläng vun der Gemeng ginn. D'Buergermeeschtesch informéiert, dass d'Ingenieure mat der Haustechnik a Statik am Gaang sinn, sech awer näischt Grondleegendes um Projet, dee gestëmmt gouf, geännert hätt. Lo am Februar kommen d'Archäologe kucken a Sondagë maachen, well d'Gemeng am Duerfkär läit. Vum Konzept ass nach alles wéi et war. De Conseiller Tobes schwätzt d'Retentioun un am Fall wou vill Waasser kéim. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt op d'Bauweis opgepasst gëtt fir d'Gebai viru Waasser ze schützen.

De Conseiller Michels schwätzt d'Thema Crèche un. Hie freet ob laut sengem Versteesdemech vun der Presentatioun vum Masterplang et richteg ass, dass fréistens 2027 eng Crèche kéint opgoen, an där Kanner vun dräi Méint u kéinte versuergt ginn. Hie freet wat d'Gemeng de Leit fir den Iwwergang kéint ubidden. Dorop hat d'Buergermeeschtesch net direkt eng Äntwert.

De Conseiller Bender freet nom Projet Kläranlag. De Schäfferot deelt mat, datt Enn 2022 de Sidest mam Ingenieursbüro an der Waasserverwaltung op der Gemeng waren. De Chrëschtnecher Site ass e méi problemateschen, et muss nach mat der Waasserverwaltung gekläert ginn, ob deen sech eegent, et gouf och nees ugeschwat d'Ofwaasser op Iechternach ze pompelen. Déi Leitungen, déi geluecht goufe gi gebraucht, ob d'Kläranlag op Chrëschtnech gebaut gëtt oder op Iechternach gepompelt gëtt. Am Fréijoer kritt de Schäfferot d'Chiffren op den Dësch geluecht. De Conseiller Bender freet ob da scho mat den Nopeschgemenge geschwat ginn ass, datt eventuell e Kollekter vu Chrëschtnech bis op Iechternach geluecht géing ginn? D'Buergermeeschtesch äntwert mat Nee an erkläert, datt et ugeduecht wier, datt déi Réier da géifen duerch de CR geluecht ginn, bis op de Grondhaff. De Conseiller Bender freet ween déi Käschten da géif droen? D'Buergermeeschtesch äntwert, dat misst een dee Moment da kucken, mee warscheinlech d'Gemeng Waldbëlleg.

**3.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Auerzäite wärend dem Joer 2023 fir den Ausschank vun alkoholesche Getränker op verschiddene Fester an der Gemeng Waldbëlleg ze verlängere fir Nationalfeierdag vum 22.06.20223 op den 23.06.2023, d'Kiermessen zu Haler, Chrëschtnech a Waldbëlleg an op Sylvester.

**4.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, ënner de Budgetsartikel vun der Leitung fir d'Uschléisse vum zentrale Waasserbehälter „Säitert" zu Waldbëlleg en zousätzleche Kredit vu 60.000,00 € ze stëmmen.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, ënner dem Artikel vun der Spillplaz Maison relais en zousätzleche Kredit vun 25.000,00 € ze stëmme fir en op 45.000 € ze setzen.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, ënner dem Artikel vun der Spillplaz bei der Spillschoul en zousätzeleche Kredit vu 5.000,00 € ze stëmme fir en op 35.000 € ze setzen.

**5.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu der Ofrechnung vun den Aarbechte fir d'Uleeë vun enger pedagogescher Spillplaz um Site vun der Heringer Millen am Mëllerdall. D'Ausgabe belafe sech op 1.341.743,81 €.

**6.** De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmme géint 1 Stëmm (de Conseiller Bender) an 1 Enthalung (de Conseiller Michels), fir e Prêt an Héicht vun 3.500.000,00 € bei enger Bank opzehuelen, fir verschidde gréisser Projete kënnen ze realiséieren. Dëse Prêt fënnt zu folgende Konditioune statt:

| | |
|---|---|
| Montant vum Prêt: | 3.500.000,00 |
| Dauer: | 20 Joer |
| Typ vum Taux: | fix |
| Folleg vun de Remboursementer: | zwee Mol am Joer |
| Rythmus vum Kontosofschloss: | zwee Mol am Joer |
| Fraise fir d'Erstelle vum Dossier: | keng |

**7.** De Gemengerot approuvéiert mat 4 Stëmme géint 1 Stëmm (de Conseiller Bender) an 1 Enthalung (de Conseiller Tobes) d'Conventioun, déi de Schäfferot mam Initiateur vum Projet „Betreit Wunnen" am Uert „Auf den Horgarten" zu Haler geschloss huet, mat där d'Conditiounen an d'Modalitéite tëscht der



Foto: Damaris

Gemeng an dem Initiateur vum Projet gereegelt sinn. D'Conseilleren Michels an Tholl huelen net un den Diskussiounen an um Vott deel.

D'Conseilleren Tobes a Bender hu gefrot ëm wat et hei geet. De Schäfferot erkläert, datt dëst just eng Conventioun ass, déi reegelt, datt den Demandeur all Käschte vun den Ëmweltetuden iwwerhëllt. D'Gemeng wéilt nämlech dovunner keng Käschten droen. De Schäfferot preciséiert, datt et heimat nach net ëm eng Erweiderung vum PAG geet. Bei enger eventueller Ëmännerung vum PAG, déi no den Etudë vum Gemengerot muss decidéiert ginn, definéiert de Gemengerot och d'Zone op där gebaut gëtt. Et gëtt da gesot, datt nëmmen „Betreit Wunnen" do erlaabt ass. Dëst ass en Deel vun der Prozedur vun enger Ëmännerung vum PAG. De Vott vun enger Ëmännerung ass nach ëmmer hannendrun. Wa bei den Ëmweltstudien erauskéim, op deem Terrain dierft net gebaut ginn, ass de Projet hifälleg. De Conseiller Tobes freet ob d'Gemeng déi Sue muss virstrecken an d'Etude an Optrag ginn. De Schäfferot erkläert, datt d'Gemeng d'Hand soll drop hunn, wéngt Kontroll, ween d'Etudë mécht.

**8.** De Gemengerot entscheet mat 5 Stëmme géint 1 Stëmm an 2 Enthalungen:

- de PAP „Henerecht" unzehuelen ënner Berécksiichtegung vun de Bemierkungen, déi am Avis vun der Evaluatiounszell festgehale gi sinn, a vu verschiddenen Awunner aus der rue Henerecht geäussert goufen betreffend de Bau vun engem Rückhaltebecken a Kombinatioun mat enger Spillplaz an dem Planze vun enger dichter Heck, fir d'Terrainen, déi um Kadaster ënner de Nummeren 738/2407, Sektioun A vun Haler a 734/274, Sektioun A vun Haler (op deem de Rückhaltebecken geplangt ass), vuneneen ofzegrenzen;
- e Kompensatiounstaux ze froe fir Terrainen, déi net ofgetruede ginn zum Präis vu 25.000 € den Ar, d.h. zu engem Gesamtmontant vun 363.500,00 € fir déi 14,54 Ar, a festzehalen, datt dësen Taux folgenden Zwecker déngt:
    1. fir de Busarrêt konform ze maachen, deen am nooste beim PAP läit an dee vun den Awunner vum PAP genotzt gëtt an och vun de Kanner, déi vum Schoultransport profitéieren, dee vun der Gemeng organiséiert gëtt a fir d'Jugendlecher, déi an de Lycée gefouert ginn;
    2. d'Verbesserung vun der Sécherheet vun de Foussgänger bei dësem Busarrêt, andeems e Foussgängersträifen agezeechent gëtt mat Beliichtung op deenen zwou Säite vun der Strooss;
    3. d'Uleeë vun enger ëffentlecher Spillplaz um Terrain vum Rückhaltebecken;
    4. d'Ëmsetze vu verschiddenen infrastrukturelle Moossnamen, fir d'Vitess beim Agang a beim Ausgang vum PAP ze reduzéieren, fir d'Stroossesécherheet ze verstäerken.

De Schäfferot proposéiert de PAP esou unzehuelen wéi en elo virleit, soss misst en nees nei an d'Prozedur a géing ënner dat neit Logementsgesetz falen. De PAP ass konform zum PAG a fällt duerch seng Date d'Entrée ënner dat aalt Gesetz. Wann de Gemengerot e géing refuséieren, géing et eng juristesch Affär iwwer d'Geriicht ginn. De Schäfferot kuckt mam Promoteur, déi Ännerungen, déi e wëllt, nach dran ze kréien iwwer eng Modifikatioun vum PAP. De Promoteur sot, hie wier gewëllt, déi verschidden Ännerunge vum PAP nach ze maachen. Wann den Interieur dat Gesetz esou interpretéiert, gëtt et kee Moment wou de Gemengerot seng Iddie kann an e PAP integréieren. Den Avis vun der Bautekommissioun, déi och verschidden Ännerunge gefrot hat, ass och net bindend. Et ass eng berodend Kommissioun.

**9.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, sech dem Avis, dee vum Schäfferot virgestallt gouf zum Thema vum „Projet vun engem Programme directeur d'aménagement du territoire PDAT 2023" an zum Rapport iwwer d'Auswierkunge vun dësem Programm op d'Ëmwelt (RIE), unzeschléissen an dësen un den „Département de l'Aménagement du Territoire (DATer)" vum Ministère fir d'Energie an den Ausbau vum Territoire weiderzeleeden.

**10.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg den Avenant vun der Konventioun fir d'Zesummenaarbecht am Kader vun der Collecte vun de PMC (Verpackungen aus Plastik, metalle Béchsen a Kartonen vu Gedrénks) mam Generaldirekter vu Valorlux, unzehuelen. Den Avenant betrëfft d'Dauer vun dëser Konventioun.

**11.** De Gemengerot ernennt d'Häre GOEDERT Jeannot an AGNES Claude als Membere vun der Ekipp Naturpakt vun der Gemeng Waldbëlleg.

**12.**

a) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze gi fir d'Deele vum Terrain, deen um Kadaster ënner der Nummer 452/1980, Sektioun A vun Haler agedroen ass, an zwee Loten, laut Plang, deen der Demande bäilouch.

b) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze gi fir d'Zesummeleeë vun de Parzellen, déi um Kadaster ënner den Nummeren 445/2084 an 442/2083, Sektioun A vun Haler agedroe sinn, laut Plang, deen der Demande bäilouch.

c) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze gi fir d'Deele vun der Parzell, déi um Kadaster ënner der Nummer 145/3823, Sektioun C vu Chrëschtnech agedroen ass, an zwou Parzellen, laut Plang, deen der Demande bäilouch.

**13.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Waldbëlleger Musek en ausseruerdentleche Subsid an Héicht vun der Hallschent vun de Käschte fir d'Loune vun der Beliichtung vun der Zeen am Kader vum Gala Concert, deen de 4. Februar 2023 virgesinn ass, zouzespriechen. Dëst mécht e Montant vun 1.320,20 € aus.

**14.** De Gemengerot entscheet

– mat 7 Stëmme géint 1 Stëmm (de Conseiller Tholl), der„Union Grand-Duc Adolphe" e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen;

– eestëmmeg, folgende Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Memoshoah Luxembourg asbl
- Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung
- La canne blanche
- SOS Détresse
- Ligue médico-sociale
- Fondation Luxembourg-El Salvador
- Unicef
- Frères des hommes asbl.

**15.** De Conseiller Bender freet ob et méiglech wier iwwer d'Stroossespärungen an der Gemeng per sms to citizen ze informéieren. D'Buergermeeschtesch äntwert, et misst just doru geduecht ginn et ze maachen.

Hie renseignéiert sech, ob wierklech all Luuchten am Kader vun de Spuermoossnamen an der Schoul op LED ëmgestallt goufen, sou wei dat am Ziedel „Mir spueren Energie", deen un all Haushalt gaangen ass, stoung. Do stoung nämlech dran: „D'Luuchten an der Schoul an an der Gemeng goufen op LED ëmgebaut". D'Buergermeeschtesch äntwert, datt schonn e groussen Deel vun de Luuchten an der Schoul mat LED fonctionéieren a kontinuéierlech dru geschafft gëtt, dëst auszebauen. Och op der Gemeng gëtt op LED ëmgestalt.

Hie freet och, ob d'Luuchten op der Spillplaz musse bis 22:00 Auer u sinn. Se waren éischter ausgaang a wéi de Chrëchtmaart war goufe se nees méi laang ageschalt. D'Buergermeeschtesch seet Bescheed, datt se nees éischter sollen ausgemaach ginn. Et sinn LED-Luuchten, mee se friessen awer Stroum.

Hie freet och, ob et meiglech wier wann Invitatiounen vu Veräiner erakommen, datt se zäitno un d'Conseillere weidergeleet ginn.

De Conseiller Bender erkläert sech zu der Fro, déi am leschte Gemengerot war zu där de Conseiller Barthelemy sech schockéiert gewisen hat. Hie selwer hat eng Gripp a konnt net un der Sëtzung deelhuelen. Hien ass der Meenung, datt d'Fro vun him an de Conseillere Michels an Tobes un de Schäfferot falsch verstan an eriwwer komm ass a war schockéiert wéi se am DE FUUSS ausgeluecht ginn ass. Déi dräi Conseilleren, déi d'Fro gestallt hunn, sinn der Meenung, datt all Kandidat fir d'Walen sech selwer per Flyer soll presentéieren an net iwwer d'Gemengenzeitung. Hie fënnt et bedenklech, datt esou Aussoen am Gemengerot gemaach goufen, et wier drëm gaang, datt all Conseiller sech kéint expriméieren, well dacks nees Diskussioune wieren iwwer d'Rapporten, déi net ëmmer propper, respektiv richteg an hiren Ae geschriwwe sinn. Si wollten hir Positioun kloer dohisetzen. Et géing net drëm goen, fir op Gemengekäschte Walpropaganda ze maachen. D'Rapporte sollten dem Gemengerot geschéckt ginn, fir ze iwwerliesen ier se an de FUUSS kommen. Wann hien den aktuelle FUUSS liest, dee lo eraus ass, wier rëm eppes dra gewiescht wat net matgeschéckt gouf, nämlech d'Opläschtung vun de Projeten, déi wäerte


Foto: Damaris

gemaach ginn oder a Preparatioun sinn mat deem neie Budget. Domat hätt hien e Probleem. Et wieren ëmmer nees Saachen, déi dem Gemengerot net géinge matgeschéckt ginn, do kéint een och soen, dat kéint tendenziell Walpropaganda si fir verschidde Punkten. Et wieren och méi Fotoen dra vun der Majoritéit, et wier schéin wann et méi equilibréiert wier.

De Conseiller Bender freet och wéivill Säite pro Veräin am FUUSS virgesi sinn. De Conseiller Barthelemy an d'Conseillère Meyers äntweren, datt d'Säitenzuel net begrenzt ass. Et wiere Veräiner, déi reegelméisseg villes eraginn an anerer manner dacks. Eemol wier un de Fotoe gekierzt ginn.

De Conseiller Barthelemy erkläert, datt et just nach am nächste FUUSS méiglech ass, datt all Conseiller eng Säit zur Verfügung huet, dee FUUSS dee genau virun de Walen erauskënnt. Fir dee leschte FUUSS war et ze spéit. Hien deelt mat, datt et hien effektiv schockéiert hätt, datt am leschte FUUSS virun de Walen d'Conseilleren sech kéinte virstellen an déi aner Kandidaten net. De Conseiller Bender widderhëlt, datt et net ëm d'Kandidate geet. Zum Prinzip vun der Iddi hätt de Conseiller Barthelemy näischt, datt d'Kandidate sech kéinte virstellen, dat wier da fir an den nächste Gemengerot, dowéinst hätt hien et op den Ordre du Jour setze gelooss. Hie bemierkt, d'Redaktioun vum FUUSS wier net zoustänneg fir d'Rapporten.

Op de Virworf vu Reklamm op Gemengekäschten, mécht de Conseiller Bender d'Bemierkung, datt nawell vill verschidde Bicher am FUUSS virgestallt ginn an him sech d'Fro stellt ob do d'Editiounshaiser fir dës Reklamme géingen bezuelen. Och ass him opgefall, datt am leschte FUUSS iwwer 20 Säiten dra waren, iwwer e Colloque ronderëm de Renert, den zu Walfer vum Script & ZLS zesumme mam Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch Marc Barthelemy organiséiert ginn ass. Dëst wier bestëmmt interessant an awer déi Passioun vu verschiddene Leit géing immens vill Plaz par Rapport zu de lokale Veräiner huelen, déi heinansdo scho gekierzt gi sinn. Dëst wier fir hien e Probleem.

De Conseiller Barthelemy äntwert:

Déi 20 Säite ware kee Reportage iwwer e Colloque, mee e laange Bäitrag vum Éierebuergermeeschter Jean-Luc Schleich, deen och op deem Colloque presentéiert gi war, iwwer d'Liewe vum Michel Rodange. Dat ass eng Kuerzfaassung vun deem Text, deen de Jean-Luc Schleich an der neier Editioun vum Reenert geschriwwen huet, déi och am FUUSS virgestallt gouf. Esouwuel de Jean-Luc Schleich ewéi de Michel Rodange si bekanntlech Persounen aus eiser Gemeng.

Et sinn nach ni Texter vu Veräiner gekierzt ginn. Eng Kéier, virun e puer Joer, sinn eng Partie Fotoe vun engem Veräin net publizéiert ginn; dat war eestëmmeg vun der deemools nach kompletter FUUSS-Redaktioun decidéiert ginn an och mam Accord vun der Buergermeeschtesch.

De Conseiller erkläert, datt déi Zäit vun der Pandemie vill iwwer Bicher am FUUSS stoung, hien hätt et sënnvoll fonnt, iwwer lëtzebuerger Auteuren ze schreiwen. Hie bemierkt, wann een aneren et gemaach hätt, hätt deen och kéinten iwwer Museksproduktiounen hei am Land schreiwen. Am leschte FUUSS wier villes ze liese gewiescht iwwer de Renert, well eis Gemeng e Lien mam Michel Rodange huet. De Conseiller Bender fënnt et net gutt, datt déi extrem Passioun vu verschiddene Leit fir de Renert vu Gemengefinanze finanzéiert gëtt. De Conseiller Barthelemy äntwert, et wier eng Redaktioun vum Gemengerot designéiert ginn, déi derfir do ass d'Decisiounen zu der Publikatioun ze huelen an et wier all Conseiller säi Recht dëst ze kritiséieren.

**16.** D'Conseillere Barthelemy a Meyers hunn d'Buergermeeschtesch, geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, schrëftlech gefrot fir deen heite Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

D'Kandidatinnen a Kandidate fir d'Gemengewalen kréien d'Méiglechkeet, wa si dat wënschen, sech virzestellen am FUUSS, deen am Juni erauskënnt, ënner gewëssen Oplagen, déi de Gemengerot decidéiert.

D'Autorin an de Auteur vun der Propositioun preciséieren, datt si gären Eestëmmegkeet hätte fir hir Propos. No Diskussioun zéien d'Conseillère Meyers an de Conseiller Barthelemy hir Propos zeréck.

D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hunn d'Buergermeeschtesch, geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, schrëftlech gefrot, fir folgend Punkten op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

**17.** Mir froen de Gemengerot fir säin Accord ze ginn, mat der Beeforter Gemeng Kontakt opzehuelen, an eng Plage fir eis Schoul op der Äispist auszehandelen. Duerch eng finanziell Ënnerstëtzung kéint des flott Aktivitéit/Beweegungsméiglechkeet fir Kanner aus eiser Regioun weider erhale bleiwen.

D'Buergermeeschtesch deelt mat, datt si fir d'éischt bei der Schoul nogefrot huet. D'Schoulpresidentin sot hir, datt nieft dem Schwammen an Turnen an hirem Stonneplang keng fräi Plage méi ass, fir op d'Äispist ze goen. Wa se op d'Äispist géinge goen, kéinte se net turnen an net schwamme goen. Si seet, datt d'Gemeng mat der Colmar Schwämm schonn um Kämpfen ass, fir d'Schwammstonnen ze behalen. Eng Woch iwwer déi aner Schlittschong fueren ze goen, wéi de Conseiller Tobes et proposéiert, wier an deem Sënn net d'Léisung.

D'Buergermeeschtesch preziséiert, datt d'Äispist net vun der Beeforter Gemeng gefouert gëtt, mee vum Syndicat d'initiative vu Beefort. Si freet ob et erwënscht ass, datt eis Gemeng hire Syndicat ënnerstëtzt fir datt hir Äispist leeft. Si huet sech nach net beim Syndikat informéiert iwwer hir Situatioun. Eis Gemeng huet och näischt am Budget virgesinn.

D'Conseilleren, déi de Punkt op den Ordre du jour gesat hunn, fannen, datt Schlittschong fueren eng sportlech Aktivitéit ass, déi een am Wanter kéint ubidden. D'Buergermeeschtesch seet, datt si perséinlech fënnt, datt schwamme léiere fir d'Kanner méi wichteg ass, wéi datt se spéider kënne Schlittschong fueren.

De Gemengerot ass sech eens, datt et gutt ass, datt d'Äispist do ass a Schlittschong fueren eng gutt Saach ass. D'Schoul war virun der Vakanz mat de Kanner dohin. Jidderee kann an der Fräizäit dohi goe mat senge Kanner.

De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmmen an 2 Enthalungen (d'Buergermeeschtesch an d'Conseillère Meyers) de Schäfferot ze beoptragen sech beim Syndicat d'initiative et du tourisme Beaufort iwwer

déi finanziell Situatioun vun der Äispist zu Befort ze renseignéieren.

**18.** An anere Gemenge gëtt en erfollegräichen Ofschloss vun engem Schouljoer vun de Kanner aus hirer Gemeng finanziell valoriséiert. Mir froen de Gemengerot dem Schäfferot den Optrag ze ginn, esou eng Propose och fir eis Gemeng Waldbëlleg auszeschaffen.

D'Buergermeeschtesch seet, et wier e flotte Kado, deen ee virun de Wale maache kéint. Si freet, wéi si sech et virgestallt hunn, ob just fir d'Lycéesschüler, oder just d'Studenten op der Uni, oder déi zwou Kategorien, oder de Punkten no ze staffelen: Et géingen effektiv vill Gemenge ginn, déi et maachen an eis Administratioun géing et och méi dacks gefrot ginn fir de Lycée ob et och an eiser Gemeng esou ass. Et kéint een dat lo nach virun de Wale maachen, dat kéim jo gutt.

De Conseiller Michels erkläert, datt hien drop ugeschwat ginn ass, datt et net gläich an de Gemengen ass. Et wier éischter fir Lycéesschüler a Studente mat exceptionnelle Resultater geduecht, d'Sportler géinge jo och geéiert ginn. D'Buergermeeschtesch seet, datt eis Gemeng 155 Jonker am Lycéesalter huet an 160 Jonker am Unisalter. Si zielt verschidde Beispiller op. Et wier da fir verschidde Critèren ze setzen an et muss ze geréiere sinn. De Schäffen Tholl seet, datt d'Gemeng och duerfir e Budget stëmme muss. De Conseiller Barthelemy fënnt et net gutt, schoulesch Leeschtunge finanziell ze belounen. Eng aner Iddi wéi e Bong géing hie begréissen.

De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmmen an 1 Enthalung (d'Conseillère Meyers) de Schäfferot ze beoptragen eng Propose auszeschaffen fir eng finanziell Ënnerstëtzung vu Schüler aus der Gemeng Waldbëlleg, wa se hiert Schouljoer erfollegräich gepackt hunn.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/2

**Sëtzung vum Donneschdeg, 2. Mäerz 2023**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt : /

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| | **Ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet** |
| 2023-02-01 | Personalaffär – Ausbezuele vun enger aussergewéinlecher Indemnitéit. |
| | **Séance publique** |
| 2023-02-02 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2023-02-03 | Ëmännerung vun enger Conventioun, déi geschloss gouf am Intérêt vun der Realisatioun vun engem PAP betreffend Grondstécker zu Chrëschtnech. |
| 2023-02-04 | Vertrag tëschent dem Conservatoire de Musique du Nord an der Gemeng Waldbëlleg. |
| 2023-02-05 | Kafvertrag betreffend eng Emprise zu Haler. |
| 2023-02-06 | Schafe vun engem Poste vun enger Botzkraaft (m/w) zu 40 Stonnen d'Woch. |
| 2023-02-07 | Digitaliséierungskonzept am Kader vum Klimapakt. |
| 2023-02-08 | Subsidienufroen. |
| 2023-02-09 | Verschiddenes. |

D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hunn d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir folgende Punkt op d'Dagesuerdnung ze setzen:

| | |
|---|---|
| 2023-02-10 | Mir froen de Gemengerot fir säin Accord ze ginn, dass de Veräin bei der Ufro vun engem „subside extraordinaire" säi Keesserapport vun der aktuellster |

Assemblée générale mat bei d'Demande dobäi leet.

D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hu folgend Froe schrëftlech un de Schäfferot geriicht:

- *Sinn d'Datumer, d.h. ab wéi engem Zäitraum ee sech fir d'Wale kann aschreiwe scho festgeluecht? A wa jo wéini?*

D'Buergermeeschtesch äntwert, datt d'Datumer wéini ee sech fir Walen aschreiwe ka vum Stat festgeluecht sinn a wéini ee sech kann als Kandidat hei an der Gemeng aschreiwe vum President vum Haaptwalbüro.

- *De Lift am Touristzenter Heringer Millen ass zanter annerhallwem Joer net operationell. Wéi gesäit e weidere Verlaf hei aus, virun allem well d'Saison elo geschwënn nees ugeet?*

D'Buergermeeschtesch erkläert, datt de Lift nees fonctionéiert, mee lo wier nach festgestallt ginn, datt den Telefon doran net geet. Moies hätt de Schäfferot nees dozou 2 Commanden ënnerschriwwen, an hofft datt e geschwënn nees geet. Et wier eng never ending story.

Folgend Froe sinn direkt an der Sëtzung gestallt ginn:

De Conseiller Michels renseignéiert sech iwwer d'Moossnamen déi am Flyer stinn, dee verdeelt ginn ass op diem stoung, datt tëschent 01:00 a 05:00 Auer d'Luuchten ausgeschalt géife ginn, an datt se op deene sécherheetstechnesche Plazen an der Gemeng géingen ubleiwen. Hie wëll wësse wou déi genau sinn. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt keng sécherheetstechnesch Plazen an eiser Gemeng sinn, d'Luuchte géingen all ausgoen. Ausser beim Atelier kënnen d'Luuchte banne geschalt ginn a se ginn u mat Beweegungsmelder. Et gëtt vermierkt, déi géingen ze dacks ugoen an dat misst ofgeschalt ginn. Um Freckeisen ware se net direkt aus, well déi mat der Äerenzdall Gemeng geschalt waren.

De Conseiller Barthelemy bemierkt, datt den Aschreiwungstaux vun den auslännesche Walberechtegten net ëmwerfend wier a freet ob de Schäfferot nach eppes ënnerhuele wëll. A wa jo, wat dat wier, fir déi Leit ze motivéiere fir sech anzeschreiwen. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt nach Flyere solle verdeelt ginn a verschiddene Sproochen. Et gouf och un eng Informatiounsversammlung geduecht, op déi d'Gemeng de Retour krut, datt vill Leit sech haut selwer kënnen iwwer den Internet informéieren. 2017 ware just 3 bis 4 Leit an déi Reunioun komm.

De Conseiller Bender schwetzt d'Thema Kläranalg un a seet, datt se am leschte Gemengerot gewuer gi sinn, datt de Projet, net wéi ursprénglech geplangt ka realiséiert ginn. Hie wëll wësse wat den aktuelle Käschtepunkt vun der Kläranlag ass. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt d'Gemeng déi Chiffren net huet, se wieren net ugepasst ginn. De Projet wier vum Sidest gestëmmt ginn. De Sidest hat Rendez-vous mam Waasserwirtschaftsamt, fir d'Ofwaasser iwwer e „Kollekter Mëllerdall" ofzeleeden. D'Waasserverwaltung wier net dovun ofgeneigt. De Schäfferot hätt och gefrot, fir Zuelen ze kréien, éischtens zu dem wat d'Kläranlag géing kaschten, an zweetens zu de Käschte vum Kollekter, fir déi zwou Varianten ze vergläichen, souwuel am Bau wéi fir déi lafend Käschten. De Präis wier viru 6-7 Jar gemaach ginn. De Conseiller Bender wëll wëssen, wat d'Gemeng bis elo bezuelt huet. D'Buergermeeschtesch bemierkt, datt si dat net aus dem Steegreif soe kéint. Si freet firwat hien déi Froen net einfach am Virfeld géing stellen, dann hätt si kéinten d'Zuele kucken. Hien äntwert, well hie se och esou kéint froen. Si seet, da bräicht hie sech net ze erwaarden, datt si direkt kéint eng Äentwert ginn.

Dee selwechte Conseiller schwätzt den Delai vum Rapport vun de Gemengerotsëtzungen nach eemol un. Hie freet, firwat de Schäfferot et net an de Grëff kréich, datt bannen 2 Wochen de Rapport fäerdeg wier. Et wier am Gemengerot gestëmmt ginn an och eng Fro vum Conseiller Barthelemy gewiecht. Seng Fro wier wisou et net méiglech wier. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt et warscheinlech net méiglech ass, et wiere vill Punkten um Ordre du jour an d'Rapporte géifen ëmmer méi laang ginn a misste méi ausféierlech geschriwwe ginn. Fir an DE FUUSS wier de Rapport ëmmer fäerdeg a si kréichen en all Kéier virdrun ze liesen.

De Conseiller Bender seet, datt duerch eng ganz Partie Chantieren vill Gemengeweeër a Gemengestroosse futti gemaach gi wieren. Hie freet wéini déi géinge gefléckt ginn, well verschidde Stroossen net an engem super Etat wieren, wéi zum Beispill déi laanscht den Haff Lies. D'Äntwert dorop ass, datt déi Strooss am Budget 2023 steet a se scho virun de Chantierë futti gewiecht wier.

Dee selwechte Conseiller freet wéini nees Stroosse géinge gespaart ginn. Dorop äntwert d'Buergermeeschtesch, datt d'Gemeng just vu Ponts et Chaussées wees, datt soubal den Zenter Waldbëlleg nees op wier, d'Strooss fir an de Mëllerdall gespaart géing ginn. E genauen Datum hätt d'Gemeng nach net kritt.

De Conseiller Bender seet, datt e Summer virun der Dier géing stoen an d'Touriste komme wäerten. Säit iwwer 4 Joer géife si op d'Parkplazesituatioun am Mëllerdall opmierksam maachen, hie freet ob do eppes fir de Summer geplangt wier. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt déi Parkplazen direkt niewent der Spillplaz solle gemaach ginn. De Schäfferot hätt en Devis bei e puer Entreprise gefrot. Dat géing och am Budget stoen.

Dann hat hien nach eng lescht Fro, déi, laut him, natierlech ëm d'Schoul géing goen. Si wiere lo allen dräi säit 12 Joer an der Majoritéit, de Schäffe Boonen an d'Buergermeeschtesch am Schäfferot an et wieren extrem vill Baugeneemegungen erausgaange mat Wunnunitéiten, si hätten d'Entwécklung vun de Kanner gesinn a se wiere säit 6 Joer drop opmierksam gemaach ginn a lo 5 Méint virun de Walen kéime si mat engem Masterplang, den och deelweis Lacunnen hätt. Seng Fro wier, firwat net éischter op deen Zoustand reagéiert ginn ass. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt wuel schonn éischter drop reagéiert gouf, well déi éischt Pläng fäerdeg sinn, fir déi 4 Säll bäizebauen. Fir d'Spillschoul auszebauen wier net méiglech a beim Precoce kéim d'Gemeng käschteméisseg schlecht ewech, dofir géing et just op engem Site goen. Si géingen sech och net spieren wéi wa si hei an der Majoritéit wieren, si wieren éischter der Meenung, datt si ee Gemengerot wieren. Mir hätte keng Parteien, a wa si sech an der Minoritéit géinge spieren, de Schäfferot geséich dat net esou. Hir Proposë wieren eescht geholl ginn.

De Conseiller Tobes seet, hien hätt och nach 2-3 Froen. Am leschte Gemengerot wieren 3,5 Mio Prêt gestëmmt ginn an am Rapport stéinge gréisser Projeten. Hie freet ob et richteg wier, datt 1 Mio fir d'Kläranlag wier, 1,5 Mio fir d'Landschaftsfleegeholzanlag, 750.000 € fir d'Gemeng an 250.000 € fir d'Bréck am Kalkewee. D'Buergermeeschtesch äntwert, hien hätt déi Chiffre schonn déi leschte Kéier gefrot. Et wiren 3,5 Mio, déi an d'Gemengekeess kéimen, déi wiere fir d'Projetë geduecht, déi d'Gemeng am Extraordinaire Budget stoen hätt, de Sidest hätt eng Mio dovun zougestane kritt, an da géing et dervun ofhäke wéi d'Projete weiderkéimen. Wann de Projet „Gemeng" net ukéim, misst een dofir och näischt ausginn, mee se wieren dofir virgesinn. Dem Conseiller Tobes léich et um Häerz d'Prioritéiten ze kennen, de Büro hätt de Projet „Erweiderung Schoul" mat 23 Mio virgestallt an ausgerechent, datt d'Gemeng pro Joer 2,3 Mio bräicht, wann een déi bei déi 3,5 Mio géing derbäirechnen, da wier ee bei 5,8 Mio, déi ee lo misst ugoen, fir datt d'Maison relais an d'Schoul 2033 géinge stoen. D'Gemeng hätt just eng Offer fir den Ausbau ugefrot. Si hätten eng Propose virgestallt kritt mat 4 Szenarien, et wier ee Betrib den ausgerechent hätt, datt d'Gemeng fir dee Projet 23 Mio bräicht. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt ee Büro déi Analyse gemaach hätt an et dee wier den de Projet géing ausschaffen. Wat et duerno géing kaschten, géing net de Büro soen, mee de Präis kéim bei der Ausschreiwung eraus. Den 1. Deel vum Ausbau Schoul, an zwar déi 4 Säll géingen elo bäigebaut ginn, d'Gemeng géing erweidert ginn, da kéimen nach de Sidest an d'Buvette. De Conseiller Tobes seet, hie geséich d'Prioritéiten anzwousch anescht a punkto Schoul. Et géing bei der Maison relais brennen. D'Buergermeeschtesch confirméiert, datt d'Schoul an d'Maison relais wichteg wieren, et kréich een awer net an engem Jar de Projet duerch. De Conseiller bemierkt, wann dem Büro seng Zuele géinge stëmmen, misst ee sech bewosst sinn, datt een dëst Joer 2,3 Mio op den Dësch misst leeën. D'Buergermeeschtesch äntwert, ob hie géing mengen a Reserve setzen. De Conseiller seet si kéint et nenne wéi si wéilt, 2,3 Mio missten do sinn, wa si an 10 Joer sollten do si wou de Büro et géing wënschen. D'Buergermeeschtesch ass der Meenung et géing lo kee Sënn maachen 2,3 Mio ze léinen, fir se spéider ze hunn. De Conseiller Tobes seet och „net léinen, mee Prioritéite setzen". Hie wier frou wann hie géif gewuer ginn, wou de Schäfferot Prioritéite gesat hätt. Prioritéit, seet d'Buergermeeschtesch, wier fir de Schäfferot och d'Schoul, soss géife si jo näischt maache loossen. Fir eng nächst Legislaturperiod wieren d'Prioritéiten d'Schoul an d'Gemeng.

Hie freet nach wat aus dem Rapport vun den Archäologen erauskoum beim Projet „Ausbau Gemeng". D'Buergermeeschtesch äntwert, et wieren zwou Mauere fonnt ginn, déi keen Impakt op de Projet hätten an et wier nees zougemaach ginn.

Seng läscht Fro ass zum Froebou „vivre ensemble", ob gewosst wier u wéivill Leit dee gaangen ass.




D'Buergermeeschtesch äntwert, e wier un ëm déi 1.550 Awunner gaangen. Hie freet, no wéi enge Critèren de Froebou ausgewäert géing ginn a wat mat de Resultater ugefaange géing ginn. Déi Froebéi, déi erakommen ginn an Etappe verschafft. Et géif esou ausgewäert ginn, datt och am nächste FUUSS e klenge Feedback kéint bruecht ginn.

D'Buergermeeschtesch huet och eng Fro un d'Conseillere Bender, Michels an Tobes, et wier an engem Gemengerot iwwer Hygieneartikelen an der Schoul geschwat ginn. De Conseiller Tobes hätt deemools gesot de Fournisseur unzeginn, vun do wou hie schafft. D'Buergermeeschtesch hätt verschidde Fournisseure fonnt, mee et wier awer och flott, wann de Schäfferot dee vum Conseiller Tobes kréich.

D'Buergermeeschtesch informéiert, datt si eng Propose preparéiert huet, fir d'Subside fir Schüler/ Studenten, an datt dat an den nächste Gemengerot kéim.

De Gemengerot

- entscheet säin Averständnis ze ginn zu der Ofännerung vun der Conventioun, déi de Schäfferot mat der SA Capalux Constructions am Kontext vum PAP Hierheck/In Arken geschloss huet,
- approuvéiert d'Conventioun déi tëschent der Gemeng Waldbëlleg, vertrueden duerch säi Schäfferot an dem Conservatoire de musique du Nord, vertrueden duerch säi Büro vum interkommunale Syndikat, geschloss ginn ass. An dëser Conventioun ass déi finanziell Bedeelegung vun der Waldbëlleger Gemeng fir hir Schüler/ Awunner, déi am CMNord ageschriwwe sinn, vum Schouljoer 2022/2023 u festgehal;
- gëtt säin Accord zum Kafvertrag laut deem d'Gemeng Waldbëlleg, vertrueden duerch säi Schäfferot, der Cioran SA vun Haler eng Emprise

ofkeeft, geleeën zu Haler mat enger Fläch vun circa 67ca zum Präis vu +/- 469 €;

- decidéiert e Posten ze schafe vun enger Botzkraaft (m/w) fir den techneschen Service zu 40 Stonnen d'Woch an där hire Gehalt op Basis vum Kollektivvertrag vun de Staatsaarbechter festzeleeën;

- geneemengt d'Digitalisatiounskonzept, ausgeschafft am Kader vum Klimapakt 2.0, vun der Ekipp Pacte climat a vun där hirem Beroder, dat derzou déngt de Bilan vun den Digitaliséierungsmesuren, déi bestinn, ze maachen an derzou déi weider Aktivitéiten ze definéieren;

- accordéiert e Subsid an Héicht vu 75 € fir déi heiten Associatiounen:

  - Amnesty International
  - Care Luxembourg
  - Fëblux- Fir ëffentlech Bibliothéiken Lëtzebuerg asbl
  - Handicap International
  - Ilula Orphan Program
  - Lux-Lagos asbl
  - Médecins sans frontières
  - Médecins du monde
  - SOS villages d'enfants
  - Amis du Tibet
  - Pharmaciens sans frontières;

- decidéiert eenheetlech fir den Associatiounen déi en ausseruerdentleche Subsid froen, ze soen de Keesserapport an den Aktivitéitsbericht vun der leschter Generalversammlung bei hirer Demande bäizeleeën.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/3

### Sëtzung vum Méindeg, 27. Mäerz 2023

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt : /

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2023-03-01 | Programm iwwer d'lokal Aktioun „Logement" (PAL) a seng Aktiounsberäicher. |
| 2023-03-02 | Projet „Erweiderung vun der Primärschoul zu Waldbëlleg". |
| 2023-03-03 | Projet „preventiv Mossnamen am Fall vu Staarkreen" an der Gemeng Waldbëlleg, an der Uertschaft Chrëschtnech. |
| 2023-03-04 | Ufro, datt e Kand, wat net an der Gemeng wunnt, kann hei an d'Schoul goen. |
| 2023-03-05 | Entscheedung iwwer den Ausbau an d'Gestioun vun de Gréngflächen vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Naturpakt, geméiss dem Punkt 2.4 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt. |
| 2023-03-06 | Entscheedung iwwer nei Planzungen an der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Naturpakt, geméiss dem Punkt 2.7 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt. |
| 2023-03-07 | Entscheedung iwwer d'Gemengegebaier an dem PAP am Respekt vun der Natur am Kader vum Naturpakt, geméiss dem Punkt 2.12 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt. |
| 2023-03-08 | Entscheedung iwwer net oder just deels versigelt Flächen an deenen neie Wunnzonen (PAP) vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Naturpakt, geméiss dem Punkt 2.13 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt. |

| | |
|---|---|
| 2023-03-09 | Entscheedung iwwer d'Gaardenaarbecht an d'Landwirtschaft vun der Gemeng Waldbëlleg, am Kader vum Naturpakt, geméiss dem Punkt 2.15 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt. |
| 2023-03-10 | Entscheedung iwwer d'Promotioun vun der Gestioun, vun der Bewirtschaftung a vum extensiven Amenagement vu Privatfläche vun der Gemeng Waldbëlleg, am Kader vum Naturpakt, geméiss dem Punkt 2.16 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt. |
| 2023-03-11 | Entscheedung iwwer e Konzept fir d'Reduzéierung vun der Liichtverschmotzung vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Naturpakt, geméiss dem Punkt 2.17 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt. |
| 2023-03-12 | Entscheedung iwwer d'Erhéije vun der Resilienz vun de Bëscher vun der Gemeng Waldbëlleg, am Kader vum Naturpakt, geméiss dem Punkt 5.11 vum Moossnamekatalog vum Naturpakt. |
| 2023-03-13 | Projet iwwer déi punktuell Ofännerung vum schrëftlechen Deel vum PAP „bestoende Quartier" vun der Gemeng Waldbëlleg. |
| 2023-03-14 | Festleeë vun der Plaz wou Hochzäite kënne gefeiert ginn. |
| 2023-03-15 | Indemnitéit fir de lokale Veräin, deen de Service mécht wärend de Feierlechkeete um Virowend vun Nationalfeierdag 2023. |
| 2023-03-16 | Entscheedung iwwer eng Färderprime fir Schüler/ Studenten |
| 2023-03-17 | Konventioun mam gemeinsamen Office social Fiels fir 2023. |
| 2023-03-18 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2023-03-19 | Subsidufroen. |
| 2023-03-20 | Verschiddenes. |

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Corinne Meyers a Marc Barthelemy d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, folgende Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung ze setzen:

| | |
|---|---|
| 2023-03-21 | Festleeë vum Alter vun der Zouloossung fir an d'Crèche am Kader vum Masterplang Bildung. |

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, folgende Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung ze setzen:

2023-03-22 Fir net de Reproche gemaach ze kréien, fir op Gemengekäschte Walkampf duerch Publikatioun vum FUUSS ze bedreiwen, froe mir de Gemengerot ëm d'Ofstëmmen iwwer folgend zwee Punkten:

1. De Rapport vun de Sitzungen iwwer de Bulletin communal virun de Walen ze veröffentlechen.

2. De FUUSS net wéi geplangt kuerz virun de Walen, mee kuerz no de Walen ze publizéieren.

**1.** De Gemengerot bewëllegt de Programm iwwer d'lokal Aktioun „Logement" (PAL) a seng Aktiounsberäicher, déi mat Hëllef vum Logementsconseiller fir d'Gemeng Waldbëlleg ausgeschafft goufen, wéi et an der initialer Konventioun „Pacte logement 2.0" virgesinn ass.

**2.** De Gemengerot bewëllegt den detailléierten Avant-projet fir d'Erweiderung vun der Primärschoul zu Waldbëlleg, deen de Bau vu 4 zousätzleche Klassesäll virgesäit a vum Büro Planetplus architectes et urbanistes S.C., fir e geschate Gesamtmontant vu 4.980.000,00 € (TTC) ausgeschafft gouf. Et ass geplangt, dass d'Aarbechte fir d'Rentrée 2025 fäerdeg sinn.

**3.** De Gemengerot bewëllegt de Projet dee vum Büro BEST ingénieurs-conseils ausgeschafft gouf an op der Etude eepi baséiert, deen zwou preventiv Mossname virgesäit géint Staarkreen an der Uertschaft Chrëschtnech. D'Mossnam 32 (Hierheck) beleeft sech op e geschate Montant vun 28.000,00 € (TTC) an d'Moossnam 40 (Loetsch) op 40.000,00 € (TTC).

**4.** De Gemengerot acceptéiert d'Ufro vun Elteren, déi net an der Gemeng wunnen, datt hire Jong ka wärend dem Schouljoer 2023/2024 an de Cycel 1 vun der Grondschoul Waldbëlleg kommen. D'Elteren an d'Kand erfëlle valabel Motiver, wéi dat vum Gesetz iwwer d'Schoulorganisatioun virgeschriwwen ass.

**5.** De Gemengerot hëllt de Plang un iwwer den Ausbau an d'Gestioun vun de Gréngflächen vun der Gemeng Waldbëlleg am Interessi vum Schutz vun der Biodiversitéit an dëst mat Wierkung op den 1. Abrëll 2023.

**6.** De Gemengerot hëllt déi zougeloosse Gréngflächen un fir nei Planzungen um Territoire vun der Gemeng Waldbëlleg.

**7.** De Gemengerot hëllt am Respekt vun der Natur eng Kontrolllëscht un an d'Ëmsetzung dovun betreffend d'Gemengegebaier an d'PAPen am Respekt vun der Natur.

**8.** De Gemengerot entscheet e Prozentsaz vun 10% virzeschreiwen fir net an deels versigelt Flächen fir d'Zirkulatiounsfläche vu Persounen a Parkingen an den neie Wunnzonen (PAP).

**9.** De Gemengerot entscheet Projete fir d'Gaarden- a landwirtschaftlech Aarbechten ze ënnerstëtzen, déi op Pestiziden, chemesch Dünger an Torf verzichten an dëst mat Wierkung op den 1. Abrëll 2023.

**10.** De Gemengerot entscheet d'Färderung vun der Gestioun, vun der Notzung an der extensiver Bewirtschaftung vu Privatflächen an dëst mat Wierkung op den 1. Abrëll 2023, unzehuelen.

**11.** De Gemengerot entscheet e Konzept fir d'Reduzéierung vun der Liichtverschmotzung vun der Gemeng Waldbëlleg unzehuelen an dëst mat Wierkung op den 1. Abrëll 2023.

**12.** De Gemengerot entscheet de Punkt iwwer d'Resilienz vun de Bëscher vun der Gemeng Waldbëlleg op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssëtzung ze reportéieren, fir sech nach méi iwwer dëst Thema beim Conseiller vum Naturpakt



*Foto: Damaris*

an dem Fierschter ze renseignéieren. De Conseiller Tobes seet, hien hätt Bedenken, dass d'Gemeng sech op de Fällalter vun de Bichen an Eeche géif festleeën wéngt der Sécherheet laanscht d'Weeër.

**13.** De Gemengerot bewëllt eestëmmeg de Projet iwwer déi punktuell Ofännerung vum schrëftlechen Deel vum PAP „bestoende Quartier" vun der Gemeng Waldbëlleg. De Projet ass duerch d'Prozedur gaang. De Conseiller Tobes freet no firwat bei „autres constructions" de Passage vun der Héicht erausgestrach gi wier. Dëst ass gemaach ginn, well et just spezifesch Saache betrëfft an den Environnement doranner d'Kompetenz huet, fir et ze autoriséieren. Et hätt net vill bruecht, et stoen ze loossen.

**14.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, ausser dem Gemengenhaus, folgend dräi Plaze festzeleeë fir Hochzäiten ze feieren:

- de Veräinsbau zu Chrëschtnech,
- d'Cafeteria zu Waldbëlleg, rue A Kilker, niewent der Primärschoul,
- an de Site vun der Heringer Millen am Mëllerdall.

**15.** De Gemengerot entscheet dem Veräin „FC Olympia Christnach" en ausseruerdentleche Subsid an Héicht vu 600 € zouzespriechen fir d'Servicer, déi si um Virowend vun Nationalfeierdag iwwerhuelen.

**16.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg vum Schouljoer 2022/2023 un ënner folgende Konditioune Förderprimen ze bewëllegen fir Schüler a Studenten

- Schüler, déi hire Wunnsëtz vum 15. September un vun deem Joer fir dat d'Prime gefrot gëtt an déi iewescht Klassen vun de Lycéeën (classique oder secondaire général) – 3e an 2e ginn, déi als dës vum Stat unerkannt sinn, kënne vun der Gemeng Waldbëlleg eng Förderprime an Héicht vun 150 € zougesprach kréien, wa se hiert Schouljoer mat Succès gepackt hunn;

- et gëtt keng Prime ausbezuelt fir e Schüler, deen d'Joer net gepackt huet, seng Klass widderholl huet oder – wann en um Enn vum Schouljoer d'Schoul gewiesselt huet an eng Klass vum selweschte Studienniveau;

- déi Schüler, déi hiert lescht Schouljoer am Lycée gepackt hunn an en Diplom kruten (1ère, 13e, 14e paramédicale oder equivalent), kënnen eng Förderpime vu 400 € kréien;

- déi Studenten, déi hire Wunnsëtz an der Gemeng Waldbëlleg hunn an op enger Universitéit oder enger Héichschoul studéieren, kënnen eng Förderprime vun 900 € kréie fir den Erhalt vun engem Bachelor-Diplom, fir e „Brevet de technicien supérieur" an e „Brevet de maîtrise" a vun 1.000 € fir den Erhalt vun engem Master-Diplom an engem Doktoratsdiplom;

- dës Studie kënnen zu Lëtzebuerg oder am Ausland stattfannen;

- d'Demandë fir d'Prime ze kréien sinn un de Schäfferot ze riichten fir en Datum, dee vum Schäfferot festgeluecht a veröffentlecht gëtt. Deenen Interesséierte gëtt e spezielle Virdrock zur Verfügung gestallt, deen d'Dokumenter uweist, déi der Demande solle bäigeluecht ginn.

**17.** De Gemengerot bewëllegt d'Konventioun vum gemeinsamen Office social an der Fiels, déi den 22. Februar 2023 tëschent dem Stat, de Member-gemengen an dem gemeinsamen Office social vun de Gemengen Aerenzdall, Fëschbech, Hiefenech, Fiels, Noumer a Waldbëlleg geschloss gouf. Dës Konventioun reegelt d'Relatiounen tëschent deenen dräi Parteien betreffend d'Organisatioun an de Finanzement vun den Aktivitéite vum Office social.

**18.** D'Buergermeeschtesch sot, d'Froe géifen opgeschriw-we ginn, si géif sech neméi op sou Diskussioune wéi déi Kéier virdrun aloossen an da géif schrëftlech drop geäntwert ginn.

De Conseiller Bender huet e puer Froen, hie freet

- ob den Zebrasträifen an der rue de Christnach zu Waldbëlleg, iwwer der Gemeng, nach eng Kéier kéint ugestrach ginn. D'Buergermeeschtesch äntwert awer direkt, dass dat an der Maach ass a si scho wochelaang do hannendrun ass;

- wéi et mat der Mauer bei der Gemeng ass, wou den Enterpreneur dra gerannt ass. Déi gëtt iwwer dem Enterpreneur seng Assurance gefléckt. D'Luucht muss hien och ersetzen;

- ob d'Gemeng guer keng Handhab huet mat der Parksituatioun an der Fielserstrooss zu

Chrëschtnech. De Schäfferot denkt eng Léisung fonnt ze hunn a wëll Parkverbuet an der ganzer Strooss maachen, och an der Mëllerdallerstrooss;

- ob d'Grief laanscht d'Feldweeër reegelméisseg opgemaach ginn, well et wiere verschiddener zimmlech zougewuess. D'Buergermeeschtesch äntwert, dass se eemol am Joer opgemaach ginn, si géing mam techneschen Service schwätzen;

- et wier e Minister am Mëllerdall gewiescht, do wier just de Schäfferot informéiert gewiescht, hie géing sech froen ob de Gemengerot och hätt kéinten informéiert ginn. D'Buergermeeschtesch informéiert, dass de Minister e RDV gefrot hat, just mam Schäfferot. Et wier ëm d'Wanderweeër gaangen, fir Verschiddenes ze verleeë beim Schéissendëmpel.

Dës Froe sinn awer direkt beäntwert ginn.

De Conseiller Tobes

- seet, hie géing un de Mëllerdall ukneppen, et wier e Bréif erausgaang un de Schäfferot well de Passage do méi schwiereg ass. Hie wéilt froe wou d'Gemeng domat drun ass. D'Buergermeeschtesch deelt mat, dass de Schäfferot déi Woch drop eng Entrevue mat de Proprietaire vum Camping hätt, de Schäfferot misst mat hinnen iwwer d'Conventioun schwätzen déi besteet;

- de Wee um Golf laanscht d'Weiere wier nei gemaach ginn, hie freet wéivill Käschten ugefall wieren a wat d'Ursaach gewiescht wier, fir de Wee nei ze maachen. D'Conseillère Meyers seet si kéint sech virstellen, dass et wéinst der Nätzt wier an et wäre vill Lächer do gewiescht. De Schäffe Boonen äntwert, dass de Wee schlecht war, an dass do eppes hätt misse gemaach ginn. D'Gemengenaarbechter hätten de Wee selwer geflécktt. Wat d'Käschten ugéing goen, wier d'Gemeng just Material siche gefuer an hätt mam Bagger geschafft;

- hien huet der Buergermeeschtesch d'Donnéeë ginn zu dem Hygièneautomat, dass de Schäfferot sech kann dorunner inspiréieren. D'Artikelen an deenen Automate wieren e bësse méi deier wéi am normale Verkaf,

- hie freet ob en neie RDV géif ofgemaach géing ginn, fir de Réimerwee kucken ze goen, well hien dee leschten net konnt wouerhuelen. D'Buergermeeschtesch freet no enger Propose fir en Datum. Et ass en neien Datum fixéiert ginn;

- hie freet nach firwat d'Froen net, wéi am interne Reglement vum Gemengerot virgesinn, am Ufank vum Ordre du jour gestan hätten. D'Buergermeeschtesch äntwert, dass een déi 2 Büroen déi d'Projete virstelle koumen net hätt kéinte waarde loossen. De Fait dass se méi zum Schluss traitéiert géife ginn, géing näischt änneren.

**19.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Veräiner Union Grand-Duc Adolphe (UGDA) an Île aux Clowns asbl e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen.

De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmmen géint eng Stëmm (de Conseiller Bender), der Landjugend Furen a Jongbaueren asbl kee Subsid zouzespriechen.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dem Télévie Centre de promesses 2023 Helperknapp e Subsid vu 500 € zouzespriechen, wéi an der Délibératioun vum 11. Februar 2020 festgehalen, all Joer mat dësem Montant um Televie ze partizipéieren.

**20.** De Conseiller Michels deelt mat, dass zu Haler an der Rue des Romains e Gulli komplett verstoppt wier, hie wier sech dat ukucke gaangen, et wier op der Héicht vum Haus 25. De Schäfferot informéiert, dass dee Grill futti ass an dass eng Commande passéiert wier, fir all déi Griller ze ersetzen, déi gezeechent sinn. D'Gemeng géing déi vun de Gemengeweeër iwwerhuelen an d'Chemin repris (CR) géifen iwwer d'Ponts et Chaussées lafen.

**21.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Diskussioun iwwer d'Festsetze vum Alter fir d'Crèche am Kader vum Masterplang Bildung op d'Dagesuerdnung vun där nächster Gemengerotssëtzung ze reportéieren.

De Conseiller Bender bemierkt, datt um Questionnaire *Vivre ensemble*, deen un all Haushalt an der Gemeng verdeelt gi wier, d'Theema iwwer de Besoin vun enger Crèche virum Alter vun 18 Méint traitéiert gi wier, hie wier der Meenung, dass et gutt wier d'Resultat vun dëser Ëmfro ofzewaarden.

De Conseiller Barthelemy hätt gären Informatioune vu verschiddene Crèchen an Nopeschgemengen.

**22.** De Gemengerot entscheet mat 5 Stëmmen géint 3 Stëmmen (d'Conseillere Bender, Michels an Tobes), d'Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen net am Bulletin communal ze veröffentlechen, mee am DE FUUSS virun an net no de Gemengewalen.

De Conseiller Bender erkläert, dass si Demande gemaach hätten, fir d'Neutralitéit virun de Walen ze erhalten, an datt hien der Meenung wier, datt Publikatioun wei virgesinn e puer Deeg virun den Walen dëser Neutraliteit kéint schueden, bezéiungsweis de Wieler beaflossen. D'Sortie vum FUUSS ëm en puer Deeg ze verleeën an zwar direkt no den Walen erschéngt dem Conseiller Bender méi „fair-play" a méi korrekt.

D'Conseillere Barthelemy a Meyers erklären, dass DE FUUSS den 1. Juni op der Gemeng ukënnt an déi lokal Veräiner an d'Schoul iwwer dësen Délai informéiert sinn. Dem Conseiller Barthelemy kéim et spéit vir, fir dës Entscheedung elo ze huelen, well den Datum iwwer d'Erschénge vum DE FUUSS scho säit Méint bekannt wier. Hie preziséiert ausserdeem, betreffend déi éischt Fro, datt DE FUUSS och e Bulletin communal ass.



Foto: Damaris

# LES RAPPORTS DES RÉUNIONS DU CONSEIL COMMUNAL

Les présents rapports sont établis par le secrétariat communal, contrôlés par les conseillers et approuvés par la bourgmestre. Ils se fondent sur les délibérations du conseil communal dont les décisions sont inscrites sous leur forme exacte au dossier des délibérations, signés par tous les conseillers. Tout citoyen peut consulter ce dossier dans les localités de l'administration communale.

Les présents rapports sont rédigés d'une façon plus compréhensible, avec davantage d'explications. C'est pourquoi la version française et la version luxembourgeoise peuvent légèrement diverger. Dans ce cas, les décisions inscrites au dossier des délibérations font foi.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/1

**Séance du lundi, 23 janvier 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés : /

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2023-01-01 | Affaire de personnel communal – demande d'une réduction de stage. |
| 2023-01-02 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2023-01-03 | Prorogation de l'heure d'ouverture de tous les débits de boissons de la commune de Waldbillig à l'occasion de certaines fêtes en 2023. |
| 2023-01-04 | Modifications budgétaires extraordinaires. |
| 2023-01-05 | Décompte de travaux extraordinaires. |
| 2023-01-06 | Décision de recourir à un prêt pour la réalisation de différents travaux extraordinaires. |
| 2023-01-07 | Approbation d'une convention dans le cadre d'un projet de construction. |
| 2023-01-08 | Adoption du Plan d'aménagement particulier (PAP) « Henerecht » à Haller. |
| 2023-01-09 | Avis au sujet du Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) et du rapport sur les incidences environnementales y relatif. |
| 2023-01-10 | Avenant à la convention de collaboration avec Valorlux dans le cadre de la collecte sélective des PMC en vue de leur valorisation. |
| 2023-01-11 | Désignation des membres de l'équipe Pacte nature. |
| 2023-01-12 | Demandes de morcellement de terrains. |
| 2023-01-13 | Demande de subside extraordinaire de l'association Waldbëlleger Musek. |
| 2023-01-14 | Demandes de subside. |
| 2023-01-15 | Divers. |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Marc Barthelemy et Corinne Meyers ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2023-01-16 | D'Kandidatinnen a Kandidate fir d'Gemengewalen kréien d'Méiglechkeet, wa si dat wënschen, sech virzestellen am FUUSS, deen am Juni erauskënnt, ënner gewëssen Oplagen, déi de Gemengerot decidéiert. |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter les points suivants à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2023-01-17 | Mir froen de Gemengerot, fir säin Accord ze ginn, mat der Beeforter Gemeng Kontakt opzehuelen, an eng Plage fir eis Schoul op der Äispist |

| | |
|---|---|
| | auszehandelen. Duerch eng finanziell Ënnerstëtzung kéint dës flott Aktivitéit/ Beweegungsméiglechkeet fir d'Kanner aus eiser Regioun weider erhale bleiwen. |
| 2023-01-18 | An anere Gemenge gëtt en erfollegräichen Ofschloss vun engem Schouljoer vun de Kanner aus hirer Gemeng finanziell valoriséiert. Mir froen de Gemengerot dem Schäfferot den Optrag ze ginn, esou eng Propose och fir eis Gemeng Waldbëlleg auszeschaffen. |

Le conseil communal :

- décide à l'unanimité des voix d'accorder une réduction du service provisoire de 12 mois à un fonctionnaire-stagiaire du groupe de traitement C1, sous-groupe technique, de l'administration communale de Waldbillig ;

- décide à l'unanimité des voix de proroger l'heure d'ouverture jusqu'à trois heures du matin de tous les débits de boissons alcooliques à consommer sur place de la commune de Waldbillig lors de la Fête nationale du 22.06.2023 au 23.06.2023, des kermesses de Haller, Christnach et Waldbillig et lors de la Saint-Sylvestre ;

- décide unanimement de voter un crédit supplémentaire de 60.000,00 € sous l'article budgétaire de 2023 relatif aux travaux de la conduite de connexion du réservoir central Seitert à Waldbillig;

- décide unanimement de voter sous l'article portant sur l'aménagement de l'aire de jeux de la Maison relais un crédit supplémentaire de 25.000,00 €, pour le porter à 45.000 € ;

- décide unanimement de voter sous l'article portant sur l'aménagement de l'aire de jeux de l'école préscolaire un crédit supplémentaire de 5.000,00 €, pour le porter à 35.000 € ;

- marque son accord au décompte concernant les travaux d'aménagement d'une aire de jeux pédagogique et d'aventure sur le site de la Heringer Millen à Mullerthal. La dépense y relative s'élève à 1.341.743,81 € ;

- décide avec six voix contre une voix (le conseiller Bender) et une abstention (le conseiller Michels) de contracter un emprunt de 3.500.000,00 € auprès d'un institut bancaire pour faire face à des dépenses considérables afin de pouvoir réaliser divers projets d'une certaine envergure. Cet emprunt aura lieu sous les conditions suivantes :

| | |
|---|---|
| Montant de l'emprunt : | 3.500.000,00.- |
| Durée : | 20 ans |
| Type de taux : | fixe |
| Cadence de remboursement : | deux fois par an |
| Rythme des arrêtés de compte : | deux fois par an |
| Frais de constitution du dossier : | néant |

- approuve avec 4 voix contre 1 voix (le conseiller Bender) et 1 abstention (le conseiller Tobes) une convention aux termes de laquelle les conditions et modalités entre la commune et l'initiateur du projet en vue de la réalisation d'un projet « Betreutes Wohnen » au lieu-dit « Auf den Horgarten » à Haller sont réglées. Les conseillers Michels et Tholl quittent la salle et ne participent ni aux délibérations, ni au vote.

- décide avec 5 voix contre 1 voix et 2 abstentions

  – d'adopter le projet d'aménagement particulier en tenant compte des observations formulées dans l'avis de la cellule d'évaluation et des observations de certains habitants de la rue Henerecht concernant l'aménagement du bassin de rétention en combinaison d'une aire de jeux et la plantation d'une haie dense faisant la séparation de leur terrain, inscrit au cadastre sous le numéro 738/2407, section A de Haller et le terrain sur lequel est prévu le bassin de rétention numéro 734/274, section A de Haller ;

  – d'exiger une indemnité compensatoire pour terrains non cédés au montant de 25.000 € par are, c'est-à-dire un montant total de 363.500,00 € pour les 14,54 ares de terrain à céder et de définir que cette indemnité servira de

    1. la mise en conformité de l'arrêt de bus, situé le plus proche du PAP, utilisé par les habitants du PAP et notamment aussi par les enfants profitant du transport scolaire organisé par la commune et par les adolescents pour se rendre au lycée ;

2. l'amélioration de la sécurité des piétons aux environs immédiats de cet arrêt de bus, notamment en y aménageant un passage pour piétons avec éclairage public des deux côtés de la rue ;

3. l'aménagement d'une aire de jeux publique sur le terrain du bassin de rétention ;

4. la mise en œuvre de mesures infrastructurelles visant à réduire la vitesse à l'entrée et à la sortie du PAP, afin de renforcer la sécurité routière ;

- décide à l'unanimité des voix de se rallier à l'avis présenté par le collège des bourgmestre et échevins au sujet du projet de Programme directeur d'aménagement du territoire PDAT 2023 et du rapport sur les incidences environnementales (RIE) y relatif et de le transmettre au Département de l'aménagement du territoire (DATer) du ministère de l'Energie et de l'Aménagement du territoire ;

- décide unanimement d'approuver l'avenant à la convention de collaboration dans le cadre de la collecte des PMC (emballages en **p**lastique, boîtes **m**étalliques, **c**artons à boisson), enregistrée sous le numéro 222GC01 et signée le 5 février 2015 entre le collège des bourgmestre et échevins en fonction et le Directeur général de Valorlux. L'avenant porte sur la durée de la convention ;

- désigne Monsieur GOEDERT Jeannot et Monsieur AGNES Claude en tant que membres du groupe Pacte nature de la commune de Waldbillig ;

- décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement de la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 452/1980, section A de Haller, en deux lots, selon le plan joint à la demande ;

- décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement/réunion des parcelles inscrites au cadastre sous les numéros 445/2084 et 442/2083, section A de Haller, selon le plan joint à la demande ;

- décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement de la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 145/3823, section C de Christnach, en deux parcelles selon le plan joint à la demande ;

- décide unanimement d'accorder un subside extraordinaire, notamment la moitié des frais de location de l'illumination de scène dans le cadre du concert de gala, prévu pour le 4 février 2023, revenant à une dépense de 1.320,20 € ;

- décide

  – avec 7 voix contre une voix (le conseiller Tholl) d'accorder un subside de 75 € à l'Union Grand-Duc Adolphe et

  – unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

    - Memoshoah Luxembourg asbl
    - Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung
    - La canne blanche
    - SOS Détresse
    - Ligue médico-sociale
    - Fondation Luxembourg-El Salvador
    - Unicef
    - Frères des hommes asbl

Les conseillers Barthelemy et Meyers ont demandé, conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, à la bourgmestre d'ajouter à l'ordre du jour le point suivant :

2023-01-16 D'Kandidatinnen a Kandidate fir d'Gemengewalen kréien d'Méiglechkeet, wa si dat wënschen, sech virzestellen am FUUSS, deen am Juni erauskënnt, ënner gewëssen Oplagen, déi de Gemengerot decidéiert.

Les initiateurs précisent qu'ils souhaitent obtenir l'unanimité des voix pour leur proposition. Après discussion, la conseillère Meyers et le conseiller Barthelemy retirent leur proposition.

Les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit, conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, à la bourgmestre d'ajouter les points suivants à l'ordre du jour :

2023-01-17 Mir froen de Gemengerot fir säin Accord ze ginn, mat der Beeforter Gemeng Kontakt opzehuelen an eng Plage fir eis Schoul op der Äispist auszehandelen. Duerch eng finanziell Ënnerstëtzung kéint des flott Aktivitéit/

Beweegungsméiglechkeet fir Kanner aus eiser Regioun weider erhale bleiwen.

Le conseil communal décide avec 6 voix et 2 abstentions (la bourgmestre et la conseillère Meyers) de charger le collège des bourgmestre et échevins de se renseigner auprès du syndicat d’initiative et du tourisme Beaufort sur la situation financière de la patinoire.

2023-01-18 An anere Gemenge gëtt en erfollegräichen Ofschloss vun engem d’Schouljoer vun de Kanner aus hirer Gemeng finanziell valoriséiert. Mir froen de Gemengerot dem Schäfferot den Optrag ze ginn, esou eng Propose och fir eis Gemeng Waldbëlleg auszeschaffen.

Le conseil communal décide avec sept voix et une abstention (la conseillère Meyers) de charger le collège des bourgmestre et échevins d’élaborer une proposition pour la commune de Waldbillig d’une prime d’encouragement pour les élèves.



*Foto: Damaris*

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/2

**Séance du jeudi, 2 mars 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés : /

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| | **Séance à huis clos** |
| 2023-02-01 | Affaire de personnel communal – paiement d'une indemnité spéciale. |
| | **Séance publique** |
| 2023-02-02 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2023-02-03 | Avenant à une convention conclue dans l'intérêt de la réalisation d'un PAP concernant des fonds sis à Christnach. |
| 2023-02-04 | Convention entre le Conservatoire de musique du Nord et la Commune de Waldbillig. |
| 2023-02-05 | Compromis de vente concernant une emprise sise à Haller. |
| 2023-02-06 | Création d'un poste de technicien de surface (m/f) à raison de 40 heures par semaine. |
| 2023-02-07 | Concept de digitalisation dans le cadre du Pacte climat. |
| 2023-02-08 | Demandes de subside. |
| 2023-02-09 | Divers. |

Les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2023-02-10 | Nous demandons au conseil communal de bien vouloir donner son accord pour que l'association demandant un subside extraordinaire joigne le rapport de caisse de son assemblée générale la plus actuelle. |

Le conseil communal :

- décide de marquer son accord à l'avenant à la convention conclue entre le collège échevinal et la société anonyme Capalux Constructions dans l'intérêt du PAP Hierheck/In Arken ;

- approuve la convention signée entre la commune de Waldbillig, représentée par son collège des bourgmestre et échevins et le Conservatoire de musique du Nord, représenté par le bureau du syndicat intercommunal, aux termes de laquelle la participation financière de la commune de Waldbillig pour ses élèves/citoyens inscrits au CMNord à partir de l'année scolaire 2022/2023 est réglée ;

- marque son accord au compromis de vente aux termes duquel l'administration communale, représentée par son collège échevinal, déclare acquérir de Cioran SA de Haller, une emprise (place voirie), sise à Haller, section A de Haller, avec une contenance totale de +/- 67 centiares au prix de l'occurrence +/- 469 € ;

- décide de créer un poste de technicien de surface (m/f) à raison de 40 heures par semaine à durée indéterminée au sein du service technique de l'administration communale de Waldbillig et de fixer sa rémunération sur base du contrat collectif des ouvriers de l'État en vigueur ;

- approuve le concept de digitalisation, élaboré dans le cadre du Pacte climat 2.0, par l'équipe Pacte climat et son conseiller, servant à faire le bilan des mesures de digitalisation et projets déjà en cours ainsi qu'à définir des activités prévues ;

- accorde un subside de 75 € aux associations sous nommées :

  - Amnesty International
  - Care Luxembourg
  - Fëblux- Fir ëffentlech Bibliothéiken Lëtzebuerg asbl
  - Handicap International
  - Ilula Orphan Program
  - Lux-Lagos asbl
  - Médecins sans frontières

- Médecins du monde
- SOS villages d'enfants
- Amis du Tibet
- Pharmaciens sans frontières;

- décide à l'unanimité des voix de demander à l'association présentant une demande de subside extraordinaire de joindre son rapport d'activités et son rapport de caisse de sa dernière assemblée générale.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/2

**Séance du lundi, 27 mars 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés : /

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2023-03-01 | Programme d'action local « logement » (PAL) et champs d'action. |
| 2023-03-02 | Projet « Extension école fondamentale à Waldbillig ». |
| 2023-03-03 | Projet « Mesures préventives en cas d'averses violentes » dans la commune de Waldbillig, localité de Christnach. |
| 2023-03-04 | Demande de fréquentation de l'école fondamentale de Waldbillig, cycle 1 pour un enfant non-résident. |
| 2023-03-05 | Décision portant sur le plan d'aménagement et de gestion des espaces verts de la commune de Waldbillig, dans le cadre du Pacte nature, selon le point 2.4 du catalogue des mesures du Pacte nature. |
| 2023-03-06 | Décision portant sur de nouvelles plantations communales en milieu urbain, dans le cadre du Pacte nature, selon le point 2.7 du catalogue des mesures du Pacte nature. |
| 2023-03-07 | Décision portant sur les bâtiments communaux et PAP respectueux de la nature, dans le cadre du Pacte nature, selon le point 2.12 du catalogue des mesures du Pacte nature. |
| 2023-03-08 | Décision portant sur les surfaces non-scellées ou partiellement scellées dans les nouvelles zones résidentielles (PAP) de la commune de Waldbillig, dans le cadre du Pacte nature, selon le point 2.13 du catalogue des mesures du Pacte nature. |
| 2023-03-09 | Décision portant sur le jardinage et l'agriculture urbains de la commune de Waldbillig, dans le cadre du Pacte nature, selon le point 2.15 du catalogue des mesures du Pacte nature. |
| 2023-03-10 | Décision portant sur la promotion de la gestion, de l'exploitation et de l'aménagement extensifs des surfaces privées de la commune de Waldbillig, dans le cadre du Pacte nature, selon le point 2.16 du catalogue des mesures du Pacte nature. |
| 2023-03-11 | Décision portant sur un concept de réduction de la pollution lumineuse de la commune de Waldbillig, dans le cadre du Pacte nature, selon le point 2.17 du catalogue des mesures du Pacte nature. |
| 2023-03-12 | Décision portant sur l'augmentation de la résilience des forêts de la commune de Waldbillig, dans le cadre du Pacte nature, selon le point 5.11 du catalogue des mesures du Pacte nature. |
| 2023-03-13 | Projet de modification ponctuelle de la partie écrite du plan d'aménagement particulier « quartier existant » de la commune de Waldbillig. |
| 2023-03-14 | Fixation du lieu de célébration de mariages. |
| 2023-03-15 | Indemnité à verser à l'association locale qui fera le service lors des célébrations de la veille de la Fête nationale 2023. |




| | |
|---|---|
| 2023-03-16 | Décision sur une prime d'encouragement à allouer aux élèves/ étudiants. |
| 2023-03-17 | Convention avec l'office social commun Larochette 2023. |
| 2023-03-18 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2023-03-19 | Demandes de subside. |
| 2023-03-20 | Divers. |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Corinne Meyers et Marc Barthelemy ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2023-03-21 | Fixation de l'âge d'admission à la crèche dans le cadre du master plan éducation |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter les points suivants à l'ordre du jour

| | |
|---|---|
| 2023-03-22 | Afin de ne pas recevoir le reproche de faire de la campagne électorale via la publication du FUUSS, nous demandons au conseil communal de voter sur les deux points suivants : |

1. publier le rapport des séances communales par le bulletin communal avant les élections

2. ne pas publier le FUUSS peu avant les élections, mais peu après les élections

Le conseil communal :

- approuve le Programme d'action local logement (PAL) ainsi que les champs d'action tels qu'ils ont été élaborés pour la commune de Waldbillig avec l'appui du conseiller logement, comme prévu par la convention initiale « Pacte logement 2.0 » ;

- approuve l'avant-projet détaillé de l'extension de l'école fondamentale de Waldbillig, sise à l'adresse 5, A Kilker à L-7680 Waldbillig, portant notamment sur la construction de quatre salles de classes supplémentaires, élaboré par le bureau Planetplus architectes et urbanistes S.C., au montant total estimé de 4.980.000,00 € (TTC) ;

- approuve le projet élaboré par le bureau BEST ingénieurs-conseils basant sur l'étude eepi, prévoyant la réalisation de deux mesures préventives contre les averses violentes dans la localité de Christnach, notamment la mesure 32 (Hierheck) au montant estimé de 28.000,00 € (TTC) et la mesure 40 (Loetsch), au montant estimé de 40.000,00 € (TTC) ;

- accepte la demande de parents non-résidents concernant l'admission de leur fils, à l'école fondamentale de Waldbillig, cycle 1 pour l'année scolaire 2023/2024. Les demandeurs remplissent des motifs valables d'après la loi portant sur l'organisation de l'enseignement fondamental ;

- adopte un plan pour l'aménagement et la gestion des espaces verts publics, dans l'intérêt de la protection de la biodiversité et ceci avec effet au 1er avril 2023 ;

- adopte les espèces végétales admises pour les nouvelles plantations communales en milieu urbain, sur le territoire de la commune ;

- adopte une liste de contrôle et son application concernant les bâtiments communaux et les PAP respectueux de la nature ;

- décide d'imposer un pourcentage de 10 % de surface non-scellée ou partiellement scellée pour les surfaces de circulation de personnes et de stationnement dans les nouvelles zones résidentielles (PAP) ;

- décide d'adopter le soutien des projets de jardinage urbain et d'agriculture urbaine exempts de pesticides, d'engrais chimiques et de tourbe et ceci avec effet au 1er avril 2023 ;

- décide d'adopter la promotion de la gestion, de l'exploitation et de l'aménagement extensifs des surfaces privées et ceci avec effet au 1er avril 2023 ;

- décide d'adopter un concept de réduction de la pollution lumineuse et ceci avec effet au 1er avril 2023 ;

- décide de reporter le point portant sur la résilience des forêts de la commune de Waldbillig à l'ordre du jour de la prochaine réunion, afin de se renseigner davantage auprès du conseiller Pacte nature et du garde-forestier ;

- approuve à l'unanimité des voix le projet de modifications ponctuelles du PAP « quartiers existants » de la commune de Waldbillig – Argumentaire partie écrite, élaboré par le bureau d'études Pact de Grevenmacher ;

- décide unanimement de fixer comme lieux de célébration de mariages, outre la maison communale, les trois lieux suivants :

  - le bâtiment sis à Christnach, coin rue Hierheck/ Fielserstrooss, dénommé « Veräinsbau »
  - la cafétéria sise à Waldbillig, rue A Kilker, à côté de l'école fondamentale
  - et le site de la « Heringer Millen » sis à Mullerthal.

- décide d'accorder à l'association « FC Olympia Christnach » un subside extraordinaire de 600 € pour les services assurés lors des festivités de la Fête nationale 2023, qui se tiendront le 22 juin à la cafétéria de Waldbillig ;

- décide unanimement d'adopter les primes d'encouragement/de mérite pour élèves et étudiants comme proposées ci-dessous à partir de l'année scolaire 2022/2023 :

  - les élèves, qui ont leur domicile dans la commune de Waldbillig depuis le 15 septembre de l'année pour laquelle la prime est demandée et qui fréquentent les classes supérieures des écoles de l'enseignement secondaire classique ou de l'enseignement secondaire général – 3e à 2e – reconnues comme telles par l'État pourront bénéficier de la part de la commune de Waldbillig d'une prime d'encouragement de 150 €, s'ils ont passé avec succès l'année scolaire ;

  - aucune prime d'encouragement n'est allouée à un élève ayant subi un échec, ayant redoublé sa classe ou ayant, lors d'un changement d'établissement à la fin de l'année scolaire, opté pour une classe du même niveau d'études ;

  - les élèves ayant réussi à la classe finale du cycle d'études secondaires, secondaires techniques ou professionnelles, récompensé par l'obtention d'un diplôme (1ère, 13e, 14e paramédicale ou équivalent), bénéficieront d'une prime de mérite de 400 € ;

- les étudiants qui ont leur domicile dans la commune de Waldbillig et qui effectuent des études universitaires ou supérieures pourront bénéficier de la part de la commune de Waldbillig d'une prime de mérite de 900 € pour l'obtention du diplôme de bachelor, pour le brevet de technicien supérieur et le brevet de maîtrise et de 1.000 € pour l'obtention du diplôme de master et du diplôme de doctorat ;

- ces études peuvent avoir lieu au Grand-Duché de Luxembourg ou à l'étranger ;

- les demandes en obtention de la prime sont à adresser au collège échevinal pour une date à fixer et à publier par celui-ci. Une formule spéciale est mise à la disposition des intéressés indiquant les pièces justificatives à joindre à leur demande.

• approuve la convention de l'office social commun Larochette de l'année 2023 conclue le 22 février 2023 entre l'État et les communes affiliées et l'Office social commun de Aerenzdallgemeng, Fischbach, Heffingen, Larochette, Nommern, Waldbillig réglant les relations entre les trois parties relatives à l'organisation et au financement des activités de l'Office social ;

• décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations Union Grand-Duc Adolphe (UGDA) et Île aux Clowns asbl ;

décide avec sept voix contre une voix (le conseiller Bender) de ne pas accorder de subside à Landjugend Furen a Jongbaueren asbl ;

décide unanimement d'accorder un subside de 500 € au Télévie Centre de promesses 2023 Helperknapp, comme retenu par sa délibération du 11 février 2020 de participer chaque année avec ce montant ;

• décide unanimement de reporter la discussion portant sur la fixation de l'âge d'admission à la crèche, dans le cadre du master plan éducation, à la prochaine réunion du conseil communal. Le conseiller Bender attire l'attention sur le fait que le questionnaire *Vivre ensemble*, distribué à tous les ménages, traite le sujet du besoin d'une crèche avant l'âge de 18 mois et est d'avis qu'il serait opportun d'attendre le résultat de l'évaluation de ce questionnaire. Le conseiller Barthelemy souhaite aussi avoir des informations de différentes crèches d'autres communes avoisinantes.

• décide avec cinq voix contre trois voix (les conseillers Bender, Michels et Tobes) de ne pas publier le rapport des séances communales dans le bulletin communal mais de les publier dans le DE FUUSS avant les élections.

Le conseiller Bender explique que cette demande est faite afin de préserver une neutralité avant les élections et qu'il est d'avis que la publication comme prévu quelques jours avant les élections pourrait nuire à cette neutralité et voir influencer les électeurs. Décaler la sortie du FUUSS de quelques jours, pour tout de suite après les élections lui semble plus « fair-play » et correct.

Les conseillers Barthelemy et Meyers expliquent que le FUUSS arrivera le 1er juin à la commune et que les associations locales et l'école sont informés des délais. Prendre cette décision en ce moment paraît tard selon l'avis du conseiller Barthelemy, étant donné que la date de parution est proposée depuis des mois. Il précise en outre, concernant la 1ère question, que le DE FUUSS est aussi un bulletin communal.

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Gebuerten // *Naissances*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 05/01/2023 | **Claes** | Amy | *Waldbëlleg* |
| 09/01/2023 | **Cantos Orgaz** | Hernán | *Waldbëlleg* |
| 28/03/2023 | **Dhamen Majerus** | Marilena | *Chrëschtnech* |
| 09/04/2023 | **Hesketh Oliveira** | Luisa | *Waldbëlleg* |

## Bestietnesser // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| 02/05/2023 | Tanja Christine **Böhme** & Lucien Paul **Schiltz** | *Waldbëlleg* |

## Pacs // *Partenariats*

| | | |
|---|---|---|
| 27/04/2023 | Ioanna **Panagiotou** & Navdeep **Sangha** | *Haler* |

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| 20/12/2022 | **Pleimling** Elise Alphonsine | *Chrëschtnech* |
| 09/01/2023 | **Schmit** Jean Pierre | *Haler* |
| 08/02/2023 | **Schmit-Dahm** Irène Delphine | *Haler* |

# MIR GRATULÉIEREN



D'Tanja Christine Böhme an de Lucien Paul Schiltz vu Waldbëlleg sinn den 2. Mee bestuet ginn.



D'Léierin Marguy Jourdain geet an d'Pensioun, an d'Léierin Françoise Diedert huet 25 Joer Déngscht hanneru sech. Déi zwou Damme si vum Schäfferot den 21. Abréll am Veräinsbau zu Chrëschtnech geéiert ginn.

*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*



# NEIGEBUERE WALDBËLLEGER

Am Joer 2022 zielt d'Gemeng Waldbëlleg 20 Neigebueren.

De Schäffen an de Gemengerot haten déi neigebuere Kanner an hir Elteren invitéiert. Si kruten ewéi gewinnt e Bam geschenkt.

Fir déi 14 Kanner, déi present waren, haten d'Elteren déi heite Beem ausgewielt:

- 7 Äppelbeem
- 1 Käschtebam
- 2 Kiischtebeem
- 2 Mirabellebeem
- 2 Nësserten.

*Martine Dimmer*
*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*















# HOMMAGE UN DEN NICO SCHLAMMES

De 17. Februar ass déi traureg Noriicht ronderëm gaangen, den Nico Schlammes ass dout, hie wier onerwaart doheem gestuerwen. Et huet eis wéi de Blëtz getraff, mir konnten et net gleewen. Et hat keen dermat gerechent, dass hien esou séier géing vun eis goen. Hie war dach réischt déi Deeg virdrun beim Ern am Atelier an ass gemittlech, wéi sou dacks, duerch Waldbëlleg gefuer, a lo soll hien net méi do sinn.

Den Nico Schlammes ass den 8. Februar 1952 op d'Welt komm. Seng Elteren hu mat him a sengen dräi Geschwëster zu Hiefenech gewunnt.

Den 1. Dezember 1973 huet hien als Sekretär op der Gemeng Waldbëlleg mat engem Posten zu 60% ugefaangen. Bis de September 1993 hat hien och nach en hallwe Poste vum Receveur an der Gemeng Hiefenech.

De 17. Juli 1975 huet hie sech mam Romaine Turmes vu Fëschbech bestuet. Hiert Haus, wéi hätt et och anescht kéinte sinn, huet hien och selwer gebaut. Véier Kanner, d'Joëlle, de Claude, d'Carole an d'Christelle hunn d'Famillje vergréissert, wou dann nach dräi Enkelkanner, de Pierre, de Louis an de Jacques derbäi komm sinn. Den Nico war en houfrege Bopa. Hien huet eis erzielt, dass hie mat sengem Enkel spadséiere war, mat him mam Trakter gefuer ass, an de Precoce gefuer ass, oder Eeër bei d'Hénger oprafe war.

Den Nico war Sekretär mat Läif a Séil, säi Wëssen iwwer „seng" Gemeng war enorm. Hie war un allem intresséiert. Moies fréi ass hie schonn dacks no engem Chantier an der Gemeng kucke gefuer an hat d'Zeitung scho gelies, ier mir um Büro waren. An owes ass hien och mol méi laang bliwwen, fir eppes fäerdeg ze maachen, beschwéiert huet hie sech ni.



Fir eis war den Nico e feinen a mënschlechen Aarbechtskolleeg an e gudde Frënd. Mir hunn eis mat him ausgetosch a mat him diskutéiert. Mat all senge Mataarbechter, genau sou wéi mat all Bierger, war hien diskret, gedëlleg a mënschlech, hien huet sech fir si intresséiert. Mir sinn dankbar d'Chance gehat ze hunn mat him zesummenzeschaffen. Hie war hëllefsbereet an huet eis e gutt Gefill ginn. Mat alle Schäfferéit a senger Karriär ass hie gutt gefuer.



Nieft senger Bürosaarbecht war den Nico Hobbybauer. Hie war mat der Natur verbonnen a frou mat den Déieren. Seng Päerd hat hie beim Bësch zu Hiefenech stoen. Op sengem Wee op d'Aarbecht a fir heem ass hien no hinne kucke gefuer. Beim Haus hat hien och Ponye stoen. Vill Congé huet hien net geholl, heiansdo war hie mol en hallwen Dag mat senger Fra fort oder huet mol eng Stonn fräigeholl fir Hee ze maachen oder no senge Päerd ze kucken.

D'Bierger si gäre bei den Nico op d'Gemeng komm. Mat senger jovialer Aart a Weis war hie beléift a respektéiert. Wann hie seng administrativ Aarbecht net an der Woch wärend den Ëffnungszäite vun der Gemeng erleedegt krut, dann ass hien dacks nach samschdes oder sonndes moies op de Büro komm. Den Nico huet all d'Awunner kannt a gäre mol e puer Wierder mat hinne geschwat. Bis 2013 huet hien zesumme mam Receveur aleng déi ganz Verwaltung geleet. Deemools war nach keen extraen Agent fir d'Baudossieren a fir de Populatiounsbüro agestallt. Et ass net ze beschreiwe wat hie geleescht huet.

Wéi den Nico am Laf vum Joer 2016 ugekënnegt huet op den 1. Januar 2017 a Pensioun ze goen, huet de viregte Gemengerot hien nach Éieresekretär vun der Gemeng Waldbëlleg ernannt. Den Nico huet seng Aarbecht als Gemengesekretär wärend méi wéi 43 Jar zur vollster Zefriddenheet vun alle Schäffen- a Gemengeréit gemaach, mat deenen hien am Laf vun de Joren zesummegeschafft huet. Aus der Deliberatioun vum Gemengerot vum 22.11.2016 geet ervir „Monsieur Nico Schlammes restera dans la mémoire collective de la Commune de Waldbillig comme un secrétaire communal exemplaire, entièrement dévoué personnellement et professionnellement à sa fonction de secrétaire communal de la Commune de Waldbillig. Les collège échevinal et conseil communal actuels ainsi que tout le personnel de la Commune de Waldbillig éprouvent un sentiment inaltéré de reconnaissance et d'amitié envers Monsieur Nico Schlammes. Les collège échevinal et conseil communal actuels souhaitent demander à Monsieur Nico Schlammes de bien vouloir rester attaché à sa Commune dans les années à venir. Les liens d'amitié de l'intégralité du «Team Waldbëlleg» avec Monsieur Nico Schlammes persistent au-delà de son départ en retraite. Souhaitant à Monsieur Nico Schlammes une retraite agréable, pleine de bonheur et de santé." Et ass gerechtfäerdegt ze behaapten, mam Nico ass e Stéck Waldbëlleg verluer gaang. Den Nico war nämlech fir seng Gemeng do an dat nach iwwer seng Pensioun eraus.

Et war dem Nico leider net vergënnt nach vill vu senger Pensioun ze profitéieren. Schonn ier hien a Pensioun gaangen ass, war seng Fra krank. Mir hu gespuert, hie war dacks dowéinst bedréckt, geklot huet hien awer net. Hien a seng Famill hate schwéier an traureg Zäiten, d'lescht Joer ass säi Romaine gestuerwen a lo och nach den Nico selwer.



Nico, déi vill Leit déi op dengem Begriefnis derbäi waren, hu bewisen, wéi déif mir alleguerte mat dir verbonne waren. Déng Frënn a Bekannten aus der Gemeng Waldbëlleg soen dir e grousse Merci fir alles wat s du fir si a fir d'Gemeng geleescht hues.

Mir schécken dir e grousse MERCI no.
Nico, du feels eis. Mir wäerten dech ni vergiessen.

*Pierre Beckené, Martine Dimmer a Filipe Soares*
*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg*





# DÎNER DU PRINTEMPS

De Schäfferot hat dësen 10. Mäerz op deen traditionellen *Dîner du printemps* vun der Gemeng Waldbëlleg agelueden.

D'Cafeteria vun der Sportshal war gutt gefëllt mat dem Personal vun der Gemeng an de Membere vun de Commssiounen, déi sech zesummen e schéinen Owend gemaach hunn. D'Eröffnung huet d'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer gemaach, déi sech an hirer Ried gefreet huet, datt mer erëm kënnen esou zesumme feieren, déi awer och un de kierzlech verstuewenen Éieregemengesekretär Nico Schlammes erënnert huet.

Nieft alle Membere vu Schäffen- a Gemengerot haten sech och déi zwee Éierebuergermeeschteren et net huele gelooss, deen Owend derbäi ze sinn a sech et gutt schmaachen ze loossen.

Dat exzellent Iesse koum vun der Metzlerei Osweiler vun Iechternach, an et gouf näischt weeder dorun nach un deem kompetente Service auszesetzen.

Et war e freedegen a gutt organiséierten Owend an enger schéiner Gemeng.

*Text a Fotoen: Marc Barthelemy*




















# INTERVIEW MAM ROBI BADEN



**Wéi bass du bei de Syndicat an de Mëllerdall komm a wéi laang méchs de deen Job schonn?**

Ech hu mech schonn a jonke Jore fir den Tourissem an eiser Regioun interesséiert. Nieft mengem Haaptberuff als selbstännege Schräiner engagéieren ech mech zanter 30 Joer beim Syndicat d'initiative vun eiser Gemeng, deem säi President ech sinn. Dofir war et fir mech normal, datt ech mech och iwwer d'Grenze vun der Gemeng ewech fir de regionalen Tourissem beim ORT Mëllerdall a beim Leader agesat an eis Gemeng vertrueden hunn.

2008 hu mer de Mëllerdall-Trail an d'Liewe geruff an et koumen dowéinst ëmmer méi Leit an de Mëllerdall. Doraus ass d'Iddi gebuer ginn, mat dem deemolege Schäfferot, déi al Ënnescht Millen, déi deemools eng Ruin war, erëm an d'Rei ze setzen an dorausser en touristeschen Zenter ze maachen, mat enger Brasserie dernieft. Ech hu vun 2009 un dat e puer Joer laang mat opgebaut a geleet, am Benevolat.

Wéi mer awer du méi ewéi 15.000 Visiteuren am Joer haten, an all Woch Kanneraktivitéite mat Baken a Pirateschatzsich waren, konnt ech dat bei mengem Beruff net méi niewelaanscht maachen. Wéi kee sech gemellt hat, fir d'Gérance vun dem neien Touristcenter ze iwwerhuelen, hunn ech dat mat enger hallwer Tâche iwwerholl.

**Wat sinn déi schéi Säiten dovunner?**

Dat Schéint dovun ass, datt een ëmmer mat vill Leit a Kontakt ass; dat mécht mer vill Freed. An ech gesinn och, datt dat Ganzt ëmmer méi grouss wiisst.



Am Ufank hunn ech all zwee Méint e Bakdag organiséiert, wou mir mat Kanner oder Erwuessene Brout op der Mille baken. An elo bake mir an der Saison quasi all Dag mat Gruppe Schuedi a Millebrout.

**Wat sinn d'Erausfuerderungen?**

Et kann ee sech net op deem Geschafenen ausrouen, mee et muss ee sech ëmmer erëm nei Iddien afale loossen an se ëmsetzen. An een, dee mech kennt, weess, datt et mir net un Iddie feelt, an datt ech net zécken, se ëmzesetzen.

Zéng Joer laang hu mer e Millefest organiséiert. Dat gouf mat Corona ausgebremst. Mee do wäerte mir dat nächst Joer dat Ganzt an enger neier Form opliewe loossen.

Eise Chrëschtmaart wiisst vu Joer zu Joer, gëtt ëmmer méi schéin a méi bekannt, och iwwer d'Grenzen eraus. Dëse Summer maache mir déi zweet Editioun vun eiser Mëllerdall-Plage, déi d'lescht Joer e schéine Succès war.

Virun zéng Joer huet de Syndicat d'initiave de Projet lancéiert, fir an der Regioun attraktiv Spillplazen ze entwéckelen an ze bauen. Zanter engem Joer steet am Mëllerdall eng wonnerbar Erliefnes-Spillplaz, op där bei all Wierder Eltere mat hire Kanner sech gutt a laang ameséieren.

Och an der Mille geet et ëmmer virun. Duerch e Leader-Projet mam Périgord konnte mer weider un der Millentechnik schaffen a mir hoffen, datt d'nächst Joer erëm e Millesteen dréint an een esou kann nach besser d'Funktioun vun enger Millen erklären a weisen.

Um Millebueden hu mer mëttlerweil aus enger klenger Stellage e schéine Shop gemaach, an deem ee sech ka Corbeillen oder Picknickskierf zesummestelle loossen.






**Wat géifs du dir fir d'Zukunft an dengem Beruff hei wënschen?**

Ech wënsche mer, datt deen nächste Projet, dee vu Camper-Stellplazen op dem ale Camping Kimmes, geschwë kann ëmgesat ginn, an datt déi Leit, déi sech dofir mat asetzen an der Gemeng wëllen hëllefen, e flotten innovative Projet doraus ze maachen, och mat abezu ginn an op hir Meenung an Erfarung gelauschtert gëtt.

**Fënns du, datt et sech an eiser Gemeng gutt liewe léisst? A wou wunns du elo?**

Mir hunn eng flott Gemeng mat gudder Infrastruktur, flotte Schoulen a Maison relais. Ech liewe gären hei. Soss hätt ech net mäi Betrib hei opgebaut, soss géif ech net hei wunnen an am Mëllerdall schaffen.

Menger Famill huet et nach ëmmer gutt hei gefall. Meng Mamm kënnt aus dem Haus *A Klosen* a mäi Papp aus dem Haus *A Steens*, alles Stackbëlleger. Mir liewe schonn an der fënnefter Generatioun hei zu Bëlleg, a meng Kanner féieren déi Traditioun virun, well si hunn och schonn erëm en Haus hei gebaut.

**Wat méchs du am Léifsten, wann s du no der Aarbecht heemkënns?**

No der Aarbecht freeën ech mech drop, op Waldbëlleg eropzefueren. Obwuel et dacks spéit gëtt, bis ech do ënnen d'Dier zouspären, kann ech awer hei uewen zwou Stonne méi laang vun der Sonn profitéieren. An da genéissen ech et, mat mengen Enkelkanner mam Trakter bei meng Poitou-Ieselen ze fueren.

*Redaktioun: Marc Barthelemy,*
*Fotoen: SIT Gemeng Waldbëlleg, Leader Regioun Mëllerdall*



# HEIZZENTRAL WALDBËLLEG

Den 28. Abrëll ass zu Waldbëlleg déi nei Heizzentral, déi mat Holzhackschnëtz an Heckeschnëtt bedriwwe gëtt, ageweit ginn. No der Begréissung vun der Buerger-meeschtesch Andrée Henx-Greischer, den techneschen Erklärunge vum Büro Goblet Lavandier & associés ingénieurs-conseils S.A. an der Usprooch vum Energie-minister Claude Turmes ass d'Bändche fir d'Ouverture vun der Heizzentral duerchgeschnidde ginn. D'Buerger-meeschtesch huet drop higewisen, dass dëst e grousse Projet fir eis Gemeng ass. De Minister huet d'Gemeng gelueft, dass si op dee Wee gaang ass, zemools zu dësen Zäiten, wou d'Energie en Theema ass.

D'Heizzentral versuergt iwwert e Fernwärmenetz folgend Gemengegebaier:

- d'Gemeng, genannt den „Hentgesbau",
- de Schoulkomplex an d'Sportshal;
- de Service technique an de Pompjeesbau;
- d'Spillschoul an
- d'Kierch vu Waldbëlleg.

Bei der Dimensionéierung vun der Wäermtproduktioun hu missen niewent der Wäermtofnam zwee weider Facteure berücksichtegt ginn. D'Verloschter, déi wärend








der Verdeelung vun der Heizzentral zu de Verbraucher optrieden, si bei dem järlechen Energiefloss betruecht ginn. Weil verschidde Verbraucher mat Hëtzes versuergt ginn, entsteet eng Zäitverschibung vun de Belaaschtungspëtzen. Dëst ass duerch ee Simultanitéitsfacteur berücksichtegt ginn.

Eng bivalent Léisung ass gewielt gi fir de Bedarf: En Holzhackschnëtz- respektiv Heckeschnëttkessel an eng Masuttsheizung, vu jeeweils 400 kW. Duerch dës bivalent Léisung, mat engem héijen Ofdeckungsgrad duerch Holzhackschnëtz an Heckeschnëtt (ca. 85 % vun der järlecher thermescher Aarbecht), erreecht d’Gemeng Waldbëlleg eng gutt $CO_2$-Bilanz. En plus, huet d’Gemeng duerch d’Holzhackschnëtz an den Heckeschnëtt e bewäerten, zouverlässegen, erneierbaren a regionale Brennstoff. De Masutt déngt hei just als Auswäichméiglechkeet (Back Up), deemno als alternative Brennstoff.




Den Holzhackschnëtz- respektiv Heckeschnëttkessel ass am Kader vum Projet LIFE-IP ZENAPA (Zero Emission Nature Protection Areas), an Zesummenaarbecht mam Natur- & Geopark Mëllerdall, subventionéiert ginn.

*Text: Filipe Soares,*
*Fotoen: Filipe Soares, Pierre Haas*

# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

## D'PIRATE SI LASS





Am Februar gouf et am ganzen C1 just een Theema: Piraten.

E grousst Piratefest war geplangt an dorobber ass sech virbereet ginn. Et si Kostümer an Dekoratioune gebastelt ginn, Lidder an Dänz goufen astudéiert. Natierlech sinn och Bicher iwwer d'Liewe vun de Pirate gekuckt ginn an d'Kanner hu vill iwwer d'Geschicht vun de Piraten aus dem 16. a 17. Joerhonnert geléiert, eng Zäit, déi sou anescht war wéi eis haiteg Zäit an d'Kanner dofir faszinéiert huet.





Och ee Besuch beim Kapitän Mullebutz a senge Séisswaassermatrouse stoung fir déi eng am Trifolion a fir déi aner am Cape um Programm. Dëst war wierklech een Highlight an de Kapitän Mullebutz huet all déi kleng a grouss Piraten un d'Matmaachen a Matsange kritt.







Äschermëttwoch war et du souwäit: d'Crew stoung prett an déi kleng Piraten hunn an hire selwergemaachte Kostümer d'Schëff, d'Cafeteria, geentert. Et si Spiller gemaach ginn, et ass gedanzt ginn an natierlech hat och de Smutje eppes ze jicke preparéiert. Déi kleng Pirate ware gutt lass an hu souguer gehollef, nom Fest erëm „klar Schiff" ze maachen.

*Text a Fotoen: Léierpersonal*



# MAISON RELAIS

An der Maison relais gouf fläisseg gebastelt, gespillt, geturnt, giess, gekacht, gemoolt, gebutt, Vëlo gefuer a gelaacht.

*Fotoen: Maison relais*

















*Foto: Susanne Hangarter*



Foto: Susanne Hangarter



# ELTEREVEREENEGUNG

**Generalversammlung vun der Eltervereenegung am Kärespäicher, den 23. Februar 2023**

Et war net einfach e Sall ze fannen. All Veräin ass rëm zu 100 % aktiv , dat mierkt een. Et ass rëm vill lass an de Gemengen, an der Gesellschaft, wat eis alleguer gutt deet.

Am Ufank direkt e Merci un d'Gemeng, datt mir sou schaffe kennen, wéi bis elo. E grousse Merci nach emol, datt mir scho rëm d'Bushal zur Verfügung gestallt kréie fir eisen éischte Kannerfuesbal den nächste Freideg. Mir wëssen, datt et ëmmer rëm vill ze raumen an emzeréckelen ass. Dofir kréien eis Veräiner awer Evenementer op d'Bee gesat, déi der Gemeinschaft gutt dinn an déi eng Gemeng och zesummeschweessen.

Mir sinn hei, fir am Intressi vun eise Kanner ze schaffen. Si sollen sech wuel fillen an der Gemeinschaft, sief et Schoul, Gemeng, Gesellschaft, an an engem gesonden Ëmfeld grouss ginn. Dëst as net ëmmer sou einfach fir eis als Elteren. Eis Kanner si beschäftegt mat hiren Aufgaben vun der Schoul, wëllen och hir Frënn gesin an hunn eng Hellewull vun Aktivitéiten niewebäi. Et ass net einfach fir eis all, dëst alles ënnert een Hutt ze kréien.

Et gëtt alles méi deier, wouduerch een emmer méi op seng Aarbechtsplaz ugewisen ass. Mir brauchen eng Maison relais, déi eis Kanner encadréiert. D'Personal vun de Maisons relaisen huet d'Aufgab, eis Kanner ze empfänken, eng Bindung zu hinnen opzebauen, si an hirer Fräizäit ze begleeden. Dës Bindung, déi sou wichteg ass fir Kanner an hirer Entwécklung. Mir drécken der neier Ekipp vun der Maison relais d'Daumen, datt si sech dëser



Aufgab unhuelen an eise Kanner en harmoneschen Encadrement bidden, den hire Besoinen gerecht gëtt.

Eist Léierpersonal iwwerhëllt dobäi en zousätzleche Volet a muss, no de schwieregen Zäite vum Confinement, Lacunnen opschaffen, Kanner motivéieren a si virbereeden op hir Zukunft am Lycée. Si kennen eis Kanner ganz gutt a spillen eng wichteg Roll an hirem an och an eisem Alldag. Mir sinn ëmmer rëm frou ze gesinn, datt eist Léierpersonal bei eisen Aktivitéite matmécht, den Engagement ass fir eis Gesellschaft e wichtege Grondsteen, dee mir eise Kanner virleeën a mat op de Wee ginn. Ouni eng engagéiert Populatioun gëtt et langweileg, geet dat soziaalt Liewen an d'Dynamik vun der Gesellschaft verluer.

De Krich an der Ukrain dauert elo schonn ee Joer. Vill Kanner an Erwuessener maachen sech Gedanken. Dobäi kennt elo déi Katastroph an der Tierkei a Syrien, wou iwwer 35.000 Leit gestuerwe sinn. D'Vereent Natioune fäerten, datt dës Zuel nach bis op 50.000 klamme wäert. De Klimawandel ass fir eis Kanner och e wichtegt Theema, dat och an de Schoule behandelt gëtt. Et ass wichteg, datt si sech mat deene jonke Leit vun der Gesellschaft fir d'Zukunft vun eisem Planéit asetzen. Dës grausam Noriichten an d'Gedanken iwwer d'Zukunft mussen och vun eis Elteren, Léierinnen, Schoulmeeschteren, Educatricen an Educateuren opgefaange ginn. Eis Kanner denke vill no a brauchen ganz vill Stäip. Dëst geet just, wa mir all zesummen un engem Strang zéien an eis Kanner vun alle Säiten ënnerstëtzen an encadréieren.

Et sti Wale virun der Dir, dobäi ass et wichteg, datt un eis Zukunft geduecht gëtt. Mir stieche vill Vertrauen an eis Politiker a Gemengevertrieder, déi sech fir eis asetzen. Eis Kanner sinn eis Zukunft an et ass un eis all, si op hirem Wee zum erwuessenen, reponsabelen, engagéierte Bierger ze begleeden.



**Comité 2022-23:**

Albert Chantal, Baden Catalina, Chevalier Nathalie, De Montigny Zara, Hild Martine, Mathes Mireille, Reinert Nathalie, Reuter Carole, Schumacher Jessica, Tobes Katrin

Nei Memberen: (Mandat fir 2 Joer): Gaby Osorio, Nadine Varela, Felgen Jean-Marc

*Text a Fotoen: Elterevereenegung*

# KANNERFUESBAL

D'Elterevereenegung huet sech gefreet, dëst Joer fir déi éischte Kéier e Kannerfuesbal ze organiséieren. E Freideg, den 3. Mäerz no der Schoul um 4 Auer ass et am Bushangar zu Waldbëlleg lassgaangen.

Den DJ Steve mam Bob St Trop hu fir Musek an Ënnerhalung gesuergt. Et war gutt Stëmmung an d'Danzpist war ëmmer besat.

D'Kanner an hir Elteren hu sech an deene schéinste Kostümer presentéiert. D'Elterevereenegung huet sech am Cowboy- an Indianer-Look gewisen, a Prinzessinnen, Piraten, a Polizisten hunn natierlech och net gefeelt. Dee schéinste Kostüm ass vun enger Jury mat engem Präis belount ginn. D'Kanner konnte sech iwwer Kino-Billjeeë, Samkats-Bongen an Ticketen fir an d'Housener Schwämm freeën.

Déi Erwuessen haten d'Méiglechkeet, d'Gewiicht vun enger Ham ze schätzen. Deen am noosten dru war, duerft déi grouss Ham als Gewënner mat heem huelen.

Fir Iessen a Gedrénks war och gesuergt, a jiddereen huet sech d'Zockerwatt, grouss Fueskichelcher, d'Chipsen an d'Gegrills gutt schmaache gelooss.

Et war ee gelongene Nomëtteg fir d'Kanner an hir Elteren, deen um 20.00 Auer ausgeklongen ass.

*Text a Fotoen: Elterevereenegung*















**ECHTERNACH**
Ecole Régionale de Musique



# PORTE OUVERTE
## de l'Ecole Régionale de Musique de la Ville d'Echternach

### SAMEDI 17 JUIN 2023 DE 10 À 12H30
### À L'ÉCOLE DE MUSIQUE D'ECHTERNACH

INSCRIPTIONS NOUVEAUX ÉLÈVES, INFORMATIONS ET RENSEIGNEMENTS, PRÉSENTATION DE TOUS LES INSTRUMENTS ET POSSIBILITÉ D'ESSAYER TOUS LES INSTRUMENTS

POUR TOUS LES ENFANTS À PARTIR DE 4 ANS (1ÈREANNÉE PRÉSCOLAIRE, CYCLE 1.1) ET ADULTES


**10:00-12:30**: PRÉSENTATION DES DIFFÉRENTS INSTRUMENTS PAR LES ENSEIGNANTS AVEC POSSIBILITÉ DE LES ESSAYER SUR PLACE ET PRÉSENTATION DES CLASSES DE DANSE.
**12:30-16:00**: CONCERT OPEN-AIR AVEC PLUSIEURS ENSEMBLES INSTRUMENTAUX.

(SUR LE PARKING EN FACE DE L'ENTRÉE DE L'ÉCOLE DE MUSIQUE)

POUR TOUT RENSEIGNEMENT SUPPLÉMENTAIRE, LE SECRÉTARIAT EST JOIGNABLE AU **728254** ET PAR COURRIEL: **SECRETARIAT@EM-ECHTERNACH.COM**

**WWW.EMECHTERNACH.COM** **WWW.FACEBOOK.COM/ERMVE**

# ECHTERNACH
Ecole Régionale de Musique



## Tu veux apprendre à jouer un instrument l'année prochaine, mais tu hésites encore sur le choix de l'instrument?

## Alors inscris-toi pour un Cours d'Essai!

**A PARTIR DE 5 ANS (AU 1. SEPTEMBRE) TU PEUX APPRENDRE LA FLÛTE À BEC, LE VIOLON, LE VIOLON ALTO ET LE VIOLONCELLE.**

**A PARTIR DE 6 ANS (AU 1. SEPTEMBRE) TU PEUX APPRENDRE TOUS LES INSTRUMENTS.**

**NOUS TE PROPOSONS UN COURS D'ESSAI POUR LES INSTRUMENTS SUIVANTS :**
FLÛTE À BEC, FLÛTE TRAVERSIÈRE, HAUTBOIS, CLARINETTE ET SAXOPHONE
TROMPETTE, BUGLE, COR D'HARMONIE, TROMBONE ET BARYTON
PERCUSSION ET PERCUSSION LATINE
VIOLON, VIOLON ALTO, VIOLONCELLE, CONTREBASSE, MANDOLINE, GUITARE BASSE ET HARPE
ORGUE, CLAVECIN ET CARILLON



Intéressé(e)? Alors inscris-toi par e-mail ou par téléphone
E-Mail: marc.demuth@em-echternach.com
Numéro de téléphone : 72 82 54
www.emechternach.com

SCAN ME

Ville d'ECHTERNACH
www.echternach.lu

# ECHTERNACH
## Ecole Régionale de Musique



**L'école de musique est gratuite pour:**

Tous les enfants et jeunes en-dessous de 26 ans qui habitent à Echternach ou dans une commune conventionnée*

**L'inscription coûte 100€ pour:**

Pour toute personne âgée de plus de 26 ans et toute personne qui habite dans une commune non-conventionnée (pour tout cours ne tombant pas sous la gratuité du ministère)

** sont considérés comme élèves conventionnés les élèves provenant des communes suivantes: Echternach, Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Junglinster, Manternach, Mertert, Rosport-Mompach et Waldbillig.*

## Cours d'instruments, de Formation musicale, de Chant et de Danse

**Nouveaux Cours:**

- Cours de Formation musicale pour adultes et Cours de Formation musicale Jazz pour adultes à Echternach et à Junglinster.
- Cours de pratique collective vocale (chorale) pour enfants à Junglinster et à Echternach.
- Cours de chant moderne.
- Cours d'informatique musicale et création.

## Découvrez toute notre offre de cours sur
## www.emechternach.com

Ecole Régionale de Musique de la Ville d'Echternach – Enseignement de la musique et de la danse

10, rue des Merciers
L-6464 Echternach
Tél.: +352 72 82 54
Fax: +352 72 85 13

secretariat@em-echternach.com
www.facebook.com/ERMVE

www.emechternach.com

Ville d'ECHTERNACH
www.echternach.lu

# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*

## AG VUN DER S. P. L.

D'Société préhistorique luxembourgeoise hat de 25. Februar 2023 op hir Generalversammlung invitéiert, an de Veräinsbau op Chrëschtnech.

D'Presidentin vun der S.P.L., d'Madame Denise Leesch, huet déi vill present Membere begréisst an och d'Buergermeeschtesch vun der Gemeng Waldbëlleg Andrée Henx-Greischer an de Gemengeconseiller Marc Barthelemy. Dësen ass Member vun der S.P.L. an och vun der Kulturkommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg an huet an e puer Wierder d'Freed vun der Gemeng ausgedréckt doriwwer, datt d'S.P.L. hire Siège zu Waldbëlleg huet, dat jo den Zentrum ass vun enger Géigend mat ville prehistoresche Sitten. Hien huet verséchert, datt d'S.P.L. ëmmer zu Waldbëlleg wëllkomm ass.



Duerno mécht d'Presidentin d'Sëtzung um 15:15 Auer op a weist an hirer Ried dorobber hin, datt et déi éischte Kéier no zwee Coronajoren ass, datt et erëm méiglech ass, Membere perséinlech ze begréissen. Fir si ass et déi éischte Kéier als Presidentin. Si seet der Madamm Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch vun der Gemeng Waldbëlleg, an dem Här Marc Barthelemy en häerzleche Merci fir déi perfekt Raimlechkeeten, déi d'Gemeng der S.P.L. am Schoul- a Sportzentrum zur Verfügung stellt. Si seet och de Membere vun der Gemengeverwaltung Merci, déi ëmmer ganz frëndlech an hëllefsbereet sinn.

Duerno erënnert d'Presidentin un déi Leit, déi d'S.P.L. am Laf vum Joer 2022 verlooss hunn, de Marcel Ewers vun Haler an de Michel Baudet; eng Minutt laang gëtt u si geduecht.

An hirem Aktivitéitsbericht seet d'Generalsekretärin Marie Paule Wagener dunn, datt d'Assemblée 2022 nach schrëftlech war wéinst der Gesondheetssituatioun am Zesummenhang mam Covid-19. Nonzéng Leit hate sech do ugemellt a siechzéng hir Walziedelen erëmginn.

Nom Doud vum Marcel Ewers hat de Comité eelef Memberen. An der éischter Versammlung no der Generalversammlung goufen d'Aufgabe verdeelt: Denise Leesch, Presidentin; Fernand Spier, Vizepresident; Georges Thill, Tresorier; Marie Paule Wagener, Generalsekretärin, Johny Karger, Materialmanager. Déi aner Membere vum Comité sinn: Georges Jomé, Jean-Paul Muller, John J. Muller, André Schoellen, Jean-Paul Stein, François Valotteau. De Comité huet sech 2022 véier Mol an de Raimlechkeeten zu Waldbëlleg getraff.

De Bulletin Nummer 41 koum am November 2022 eraus, redigéiert ënner der Leedung vun Denise Leesch, Fernand Spier, Jean-Paul Stein, Georges Thill a Marie Paule Wagener. En huet 181 Säiten. En décke Merci geet an deem Kontext un de Foni Le Brun-Ricalens, Direkter vum INRA, de François Valotteau an d'Catherine Gaeng.

D'Informatiounsblat vun der S.P.L. koum véier Mol eraus am Joer 2022; et ass de Link tëscht dem Comité an de Memberen. Den Internetsite vun der S.P.L. www.prehistoire.lu gouf am November 2022 online gesat. Den S.P.L. hofft, domat dobausse méi siichtbar ze sinn a méi Leit fir d'Virgeschicht an d'Aktivitéite vun der Associatioun ze interesséieren.

D'Bibliothéiksgrupp besteet aus de Membere Georges Jomé, Johny Karger, Denise Leesch, Fernand Spier, Jean-Paul Stein a Marie Paule Wagener. En huet sech all drëtte Mëttwoch am Mount getraff. D'Reorganisatioun vun der Bibliothéik ass gutt virugaangen an d'Klassifikatioun vun de Bicher wäert geschwë fäerdeg sinn.

D'S.P.L. kritt reegelméisseg Bicherspende vu senge Memberen a seet hinnen häerzlech Merci dofir. Et ginn all Publikatiounen akzeptéiert, déi als Theema Archeologie a Virgeschicht hunn, oder an deenen Artikelen aus dëse Beräicher stinn. Déi meescht vun de Bicher an der Bibliothéik kommen aus dem Echange vun der S.P.L. mat ongeféier 80 Universitéiten, Fakultéiten an archeologesche Fuerschungsinstituter, Muséeën an archeologesche Gesellschaften.

Am Joer 2022 huet d'Bibliothéik eng honnert Publikatiounen opgeholl. D'Titele vun den neien Acquisitioune stinn am Informatiounsblat; d'Membere kënnen op Rendez-vous an d'Lokaler vun der S.P.L. op Waldbëlleg kommen, fir se ze liesen oder se auszeléinen. Am Joer 2022 huet d'Associatioun Autisme Luxembourg d'Digitaliséierung vun alle Bulletinen ofgeschloss an engem Format, dee laangfristegt Späicheren erlaabt. D'PDF-Dateie stinn um Internetsite vun der S.P.L oder kommen nach drop. D'Käschte vum Scanne vun den éischte siechzéng Bulletinen gouf am Kader vun engem Leader-Programm iwwerholl, déi aner musse vun der S.P.L. bezuelt ginn.

Ënner der Leedung vum Denise Leesch huet de Grupp cailloux dräi Ateliere vun allkéiers dräi Deeg (28. bis 30. Januar, 11. bis 13. Februar, 31. Mäerz bis 2. Abréll) organiséiert, un deene siwe Leit deelgeholl hunn, dorënner véier Universitéitsstudenten aus Köln. An deenen Deeg ass d'Zortéierung vun der Sammlung vum Marcel Ewers virugaangen, an elo sinn ongeféier d'Hallschent vun de Stécker klasséiert.



Ofgeschloss ass d'Klasséiere vun der Sammlung vum Jean-Paul Scheifer, wat heescht, datt elo eng Etude doriwwer ka gemaach ginn. Do derbäi sinn ënner villen aneren 2.815 stengen Aaxten; déi ganz Sammlung ass e wichtege Bäitrag zur Geschicht vum Neolithikum an der Regioun Dikrech.

Vu Mäerz bis Dezember 2022 goufen zéng Deeg laang Stécker zortéiert a klassifizéiert, déi bei enger Onmass vu Prospektiounen iwwer 40 Joer gesammelt goufe vum Paul Rousseau, Member vun der S.P.L.

Donieft gouf den 28. Juli eng Aarbechtsversammlung zu Waldbëlleg organiséiert mam Julien Vitani, Doktorand op der Universitéit vu Paräis 1, deen eng Dissertatioun iwwer d'funktionell Analyse vun Armschutzbänner ugefaangen huet. An dëser Sëtzung hunn d'Membere vun der S.P.L. dem Här Vitani esou Armbänner ofginn, déi op verschiddene neolithesche Sitten am Land fonnt goufen. Den Här Vitani krut och eng Partie Kiselen aus dem Devon, mat deenen hien experimentell Rekonstruktioune maache wëllt.

2022 huet den Inra dem Karel Sikk e Prêt accordéiert, fir all Felddokumentatiounen ze digitaliséieren, déi de Joseph Herr, Grënnungsmember vun der S.P.L., an der Dikrecher Regioun bis 1986 gemaach hat.

Nieft permanente Relatioune mam Inra huet d'S.P.L. reegelméisseg Kontakter mat dem MNHA an dem MNHN, ewéi och mat den Universitéiten an Institutiounen, awer och mat Fuerscher, souwuel zu Lëtzebuerg ewéi am Ausland.

Membere vun der S.P.L. hunn de 16. Dezember 2022 um Virgeschichtsdag vum Kontaktgrupp Préhistoire vun der belscher FNRS deelgeholl. Den S.P.L. war do vertrueden duerch de François Valotteau, deen an Zesummenaarbecht mat A. Hauzeur, Y. Waersegers a P. Posselt eng Kommunikatioun um Bandkeramik-Site vu Remerschen „An der Uet" presentéiert huet. Dëst gëtt an den Notae prehistoricae n° 42/2022 publizéiert.



*Op der Foto vum Comité, vu lénks: Romain Meyer, Jerry Grün, Georges Jomé, Marie-Paule Wagener, André Schoellen, Luc Franck, Denise Leesch, Philippe Colbach, John J. Muller. Et feelen op der Foto: Jean-Paul Muller, Jean-Paul Stein, François Valotteau*

2022 waren och nees Aktivitéite mat de Membere vun der S.P.L. Den S.P.L.-Member Jerry Grün huet am Kader vu *Guide fir een Dag* dräi Ausflich organiséiert op Englesch mam Theema *The unknown and prehistoric City of Luxembourg*. D'*Nuecht vun der Virgeschicht* war fir den 10. September virgesinn, mee huet wéinst staarkem Reen leider missen ofgesot ginn. Den 29. Oktober huet den S.P.L.-Member Serge Frantzen eng Visitt vum Uespelter Schlass organiséiert, mat der Sammlung vu prehistoreschen Iwwerreschter, déi an der Regioun Weiler zum Tuerm fonnt goufen.

Virun der Presentatioun vu sengem Rapport huet den Tresorier Georges Thill ugekënnegt, datt hien no 44 Joer op dësem Poste seng Kandidatur net méi stellt. Am Joer 2022 weisen d'Konten en Defizit vun 9.342,22 Euro. Déi héich Ausgaben entspriechen haaptsächlech der Schafung vun der Website, déi am Joer 2021 decidéiert gouf, an den Drockkäschte vum Bulletin Nummer 41. Den 31. Dezember 2022 huet d'S.P.L. awer nach 41.031,88 Euro op de Konten. Dee relativ grousse Montant kënnt zum gréissten Deel dohier, datt an de leschte Joren de Bulletin de la S.P.L. net all Joer publizéiert gouf, an datt d'Drockkäschte manner waren ewéi erwaart. Dës Suen erlaben der S.P.L., mat Virsiicht aner Projeten unzegoen, ewéi zum Beispill d'Digitaliséierung vun ale Bulletinen, wat ouni finanziell Reserven net méiglech wier.

Eng Reserv ass och néideg, fir d'Drécke vun den nächste Bulletinen ze finanzéieren an déi aktuell Ausgabe vum Veräin ze garantéieren, well d'Joresbäiträg vun de Memberen net all dës Käschten eleng kënnen decken. Den Tresorier seet besonnesch deene Membere Merci, déi hire Bäitrag mat engem munchmol substanziellen Don erhéicht hunn. D'Konte bei der BIL an der BGL goufen 2022 zougemaach an en neie Kont bei der BCEE opgemaach. D'S.P.L. huet elo zwee Konten: BCEE an CCPL.

De Rapport vum Tresorier gouf iwwerpréift vu Carel Kremer a Laurent Schroeder. Am Numm vun de Keessereviseuren huet de Laurent Schroeder d'Zuele vum Tresorier bestätegt an d'Exzellenz vun de Konten an déi virsiichteg Aarbecht vum Tresorier festgestallt. Duerno huet hien d'Decharge vum Tresorier gefrot, déi



eestëmmeg ugeholl gouf. De Laurent Schroeder ass d'accord, dës Charge virunzeféieren. Eng zweet Persoun muss am Laf vum Joer fonnt ginn.

D'Decharge vum Comité gouf eestëmmeg vun der Assemblée ugeholl.

Fir d'Erneierung vum Comité hunn dräi Leit hir Kandidatur net méi presentéiert, nämlech den Johny Karger, de Fernand Spier an de Georges Thill, allen dräi Pionéier vun der S.P.L. Si loossen e grousst Lach am Comité. Si ginn no 44 Joer an d'Pensioun, an deene si de Veräin mat groussem Engagement gedroen hunn. Si wëllen nawell zur Verfügung bleiwen, fir wann néideg eng Hand mat unzepaken.

Op der anerer Säit hu véier nei Leit hir Kandidatur presentéiert: Philippe Colbach, Ingenieur-Hydrogeolog, Luc Franck, Geolog, Jerry Grün, zanter Jore Member vum S.P.L., an de Romain Meyer, Geolog bei de Ponts et Chaussées.

Dës aktuell Membere vum Comité wëllen virun derbäi bleiwen: Georges Jomé, Denise Leesch, Jean-Paul Muller, John J. Muller, André Schoellen, Jean-Paul Stein, François Valotteau a Marie-Paule Wagener. D'Generalversammlung huet den neie Comité per Akklamatioun ugeholl.

D'Denise Leesch huet e ganz grousse Merci ausgeschwat un déi dräi Leit, déi no véieravéierzeg Joer de Comité verloossen: de Fernand Spier, um Ursprong vun der Grënnung vun der S.P.L., de Georges Thill, deen d'Finanze vun der S.P.L. mat grousser Ëmsiicht an all deene Joren dirigéiert huet, an den Johny Karger, deen sech ëmmer mat Begeeschterung ëm den dokumentareschen Deel vum Associatiounsliewe gekëmmert an déi verschidden Aktivitéiten um Bild fixéiert an dee sech och ëm den Entretien vun der Ausrüstung gekëmmert huet. Et wäert net einfach sinn, déi dräi Piliere vun der S.P.L. ze ersetzen, mä deen neie Comité wäert sech beméien, de Veräin esou wéi bis elo virunzeféieren. Déi dräi Geéiert kruten e Kuerf mat regionale Produkter vun der Heringer Millen als klenge Kaddo fir hir grouss Meritte geschenkt.

De Bäitrag vun de Memberen ass aktuell 30 Euro, 15 fir Schüler a Studenten. Verschidde Membere hu festgestallt, datt momentan vill Associatiounen de Präis vun hirem Abonnement erhéijen wéinst de Käschte vum Pabeier, déi an d'Luucht ginn. D'Generalversammlung huet sech dofir entscheet, den aktuelle Betrag op d'mannst fir d'Joren 2023 an 2024 ze halen.

D'Denise Leesch stellt de Budget 2023 vir, deen 13.297,26 Euro un Ausgaben virgesäit, géint 5.495 Euro u Recetten. An den Ausgaben 2023 stinn d'Rechnunge fir d'Digitaliséierunge vun de Bulletine 17 bis 35 mat engem Betrag vun 2.792,26 Euro, an och 8.000 Euro fir de Bulletin 42, am Fall wou 2023 genuch Artikelen dofir do sinn: Mindestens 180 Säiten sinn erfuerderlech. Fir d'Website bleiwe just d'Käschte fir den Hosting, also ongeféier 220 Euro.

No der Liesung an Erklärung vum Budget 2023 gëtt d'Versammlung hir Zoustëmmung.

D'S.P.L. plangt, d'Partnerschaft mam Natur- a Geopark Mëllerdall (NGPM) auszebauen. Dës Aktivitéiten fir 2023 si fir jiddwereen op:

- Studiendeeg, a Bléck vun 3 Deeg
- Lokalgeschichtsdag zu Viichten
- Ausstellungsbesich
- Aféierung an d'Virgeschicht, moies Theorie a mëttes praktesch
- Archeologesch Spadséiertouren
- Nuecht vun der Virgeschicht

Kuerzfristeg geplangte spontan Aktivitéite sinn nëmme fir d'Membere vun der S.P.L., zum Beispill Visitten op Ausgruewungssitten, verschidden Ausflich asw. Fir dës Fäll kënnen nëmme Membere kontaktéiert ginn, déi hir E-Mail-Adress oder Telefonsnummer matgedeelt hunn. Eng Visitt

vun der temporärer Ausstellung „D'Land als Patrimoine: vum Neolithikum … bis bei eis!" am Prehistomusée vu Flémalle/Léck gëtt vun eisem Member Jean-Claude Muller organiséiert.

Aktivitéite vun de verschiddenen Aarbechtsgruppen vun der S.P.L. ginn an der éischter Sëtzung vum Comité no der Generalversammlung definéiert an am Informatiounsblat matgedeelt.

D'Denise Leesch freet, ob d'Memberen d'accord sinn, op den offiziellen Dokumenter vun der S.P.L. och den Numm op Lëtzebuergesch, also *Lëtzebuerger Gesellschaft fir Urgeschicht* opzehuelen. D'Meenungen iwwer dës Fro si gedeelt: E puer fannen den Numm net gëeegent, anerer wëllen dat net kommentéieren. Fir Evenementer ass et OK, awer net fir eng offiziell Ännerung: Dofir brauch et eng Ännerung vun de Statuten vun der S.P.L.

D'Denise Leesch huet verschidde Punkte vum Gesetz vum 25. Februar 2022 iwwer de Patrimoine culturel virgestallt, déi fir d'S.P.L. relevant sinn. Si huet bedauert, datt d'Associatioun net beim Ausschaffe vum Gesetz consultéiert gouf. Op *www.chd.lu* kann een deen Dossier iwwer d'Debatten an der Chamber consultéieren.

No enger lieweger Diskussioun krut de Comité d'Mandat vun der Assemblée generale, fir en Dokument ze preparéieren mat all de Punkten aus dem Gesetz, déi fir d'S.P.L. net gëeegent sinn. Do geet et virun allem ëm d'Eegentumsrecht u prehistoreschen Objeten, déi um Buedem fonnt ginn. Do sollt sech an den Nopeschlänner inspiréiert ginn.



Eng speziell Versammlung gëtt organiséiert, fir déi Leit zesummenzebréngen, déi heirunner interesséiert sinn, fir e gemeinsame Positiounspabeier ze verfaassen. Et ass wuel näischt am Gesetz ze änneren, mee et ass wichteg, esou eng Positioun ze fannen an ze vertrieden.

Déi aner Punkten aus dem Gesetz konnten net ugeschwat ginn. Dofir gëtt spéider eng nei Versammlung ugesat.

Den Éierewäin gouf ewéi gewinnt vun der Gemeng Waldbëlleg offréiert. Et war d'Geleeënheet fir d'Memberen, mateneen ze schwätzen an zesummen e Patt ze genéissen.

*Marie-Paule Wagener,*
*Secrétaire générale,*
*21 Batzent, L-8551 NOERDANGE*

*Marc Barthelemy: Iwwersetzung a Fotoen,*
*ausser d'Foto vum Comité,*
*déi vu Membere vun der S.P.L. gemaach gouf*

# ËMMER FIT



Am September 2022 war Rentrée, och mir vum Turnveräin „Ëmmer Fit" sinn an déi nei Saison gestart. Mir waren erstaunt an iwwerrascht wéi vill Zoulaf mir haten. Dofir turne mir säit November all Méindegowend an zwou Gruppen:

1. Grupp 19h00-20h00
2. Grupp 20h00-21h00

Dëst wéi gewinnt zu Waldbëlleg an der Sportshal, ënner der Leedung vun der Agata Klimek.

D'Agata léisst sech Woch fir Woch e flotten an ofwiesslungsräiche Programm afalen. Mol ginn d'Been an d'Bauchmuskele gestäerkt, mol den Uewerkierper an d'Äerm trainéiert. Verschidden Intensitéitsgraden, Versiounen a Variante gi proposéiert, sou, datt och jidderee matmaache kann. Mol méi, mol manner ustrengend ass den Training, mee eent ass sécher, mir sinn entretemps all vill méi FIT!

D'Joer 2022 hu mir den 19. Dezember zesummen ofgeschloss. Dëst no eisem Training mat engem Patt de Fin d'Année an e puer gudden Häppercher. Iwwer d'Feierdeeg hate mir eng kleng Paus, fir du ganz motivéiert den 9. Januar eisen éischten Training fir 2023 unzefänken.

Mëttlerweil ass den Ouschterhues passéiert an d'Fréijoer huet ugefaangen. Et ass also un der Zäit esou lues un der „Bikinifigur" ze schaffen. Dofir huet d'Agata eis all e flotten Training opgestallt. Falls déi eng oder aner Übung Iech nit bekannt sollt sinn, frot de Google, dee weess a kennt jo bekanntlech bal alles a kann och hei sécherlech weiderhëllefen.


Vill Spaass beim „turnen" a mir hoffen de Muskelkater gëtt nit ze hefteg.

Wien dann op de Goût sollt komm sinn a gär bei eis matmaache well, ka méindes owes op Waldbëlleg an d'Sportshal kommen a sech déi Saach ukucken. Ab 7:00 Auer geet et lass, den 1. Schnuppercours ass gratis.

Bei Interessi oder Froen, mellt Iech einfach op folgender Adress: ***emmer.fit@gmail.com***

Mir verbleiwe mat léiwe Gréiss a wënschen Iech all eng gutt Gesondheet

*de Comité vum Turnveräin „Ëmmer Fit"*







WALDBILLEG


WALDBILLEG

# UERGELFRËNN WALDBËLLEG

Sonndes, den 19. Mäerz 2023 um 17 Auer konnte mir eis Kolleege vum Ensembel Ad Libitum nees an der Waldbëlleger Kierch begréisse fir e Concert mam Titel: „Georg Friedrich Händel: The Triumph of Time and Truth".

Dësen Ensembel, wéi säin Numm et seet, ass e Grupp „à géométrie variable": Vun engem Concert zum nächsten ass de Line-up jee no Bedarf nämlech aneschters. D'Beate Wins (Gamba) an de Rosch Mirkes (Uergel/Cembalo) suerge fir de Basso Continuo a si bal ëmmer dobäi. D'Jehanne Strepenne (Gei) ass schonn an eisem Purcell-Concert zejoer am Mee opgetrueden. Et war awer fir d'éischt, datt d'Sylvie Langehegermann (Sopran) bei eis war, an et war eng Freed, hirer schéiner a kräfteger Stëmm an dësem Programm vun Händel-Arien nozelauschteren.

Den Händel ass 1685 zu Halle an der Saale op d'Welt komm, am selwechte Joer wéi de Johann Sebastian Bach. Hien huet sech awer net wéi de Bach mat der evangeelesch/kierchlecher musikalescher Welt an den däitsche Länner zefridde ginn, mä ass duerch Europa gezunn, mat Etappen zu Hamburg an an Italien, bis hie seng zweet Heemecht zu London fonnt huet. Do huet hien um Ufank weider italieenesch Opere geschriwwen, bis de Goût vum Londoner Publikum ëmgeschloen huet an Oratorien mat engleschsproochege reliéisen Texter op eemol „in" waren. Hien huet sech als e Meeschter an deenen zwee Genre bewisen.

An dësem Sënn war dëse Concert och an zwee gedeelt: Am éischten Deel huet d'Sylvie Langehegermann uewen um Duxall, mat Uergelbegleedung, Arie mat engleschen Texten, am zweeten Deel ënnen an der Kierch, mat Cembalobegleedung, Arien aus italieeneschen Opere gesongen, mol eleng, mol zesumme mat der Jehanne Strepenne op der Gei, déi als zweet Stëmm mat der Sängerin duettéiert huet.

Am éischten Deel hu mir Arien aus „Der Messias", „Joshua" an „The Triumph of Time and Truth" souwéi aus der Oper







„Semele" héieren. Tëschent den Arien huet de Rosch Mirkes Extraiten aus dem Händel senge Sonate gespillt, esou datt dësen Deel als eng Unitéit ouni Applaus verlaf ass.

Am zweeten Deel sinn d'Museker erof an d'Kierch komm an hunn dann Arie mat italieeneschen Texter opgefouert, déi deelweis immens virtuos an hirer Komplexitéit waren, souwuel fir d'Sängerin wéi och fir d'Geiistin. Dem Händel seng Opere sinn dem Konzertsgänger vläicht manner gutt bekannt wéi seng Oratorien, mä dat lescht Lidd „Lascia ch'io pianga" huet duerch Filmer wéi „Farinelli" méi e breede Publikum erreecht. Als Zugab huet d'Sylvie Langehegermann dem Händel säi weltbekannte Largo, mam richtegen Numm „Ombra mai fù" aus der Oper „Serse" gesongen.

E „klengen awer renge" Publikum vu ronn 25 Leit huet gewosst, d'Prestatioun vun dësen talentéierte Museker ze schätzen, déi d'Kierch mat hire wonnerbare Kläng gefëllt hunn. Mir hoffen den Ensembel „Ad Libitum" an der Zukunft erëm zu Waldbëlleg héieren ze kënnen.

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Fernand Reisen*

## Fir an Ären Agenda:

- ***Mëttwoch, 28. Juni ëm 19 Auer:***
  Generalversammlung zu Chrëschtnech am Veräinsbau;

- ***Sonndeg, den 22. Oktober ëm 17 Auer:***
  Concert „William Byrd (1539-1623)" mam Ensemble The Art of Music
  (Dirigent an Organist: Mick Swithinbank);

- ***Sonndeg, de 17. Dezember ëm 17 Auer:***
  Chrëschtconcert mam Méllerdaller Männerchouer (à confirmer).

# KALATOU ASBL



Am leschte FUUSS hu mir bericht, wéi als éischten Haaptprojet vun der Asbl. Kalatou d'Schoulgebai zu Kpakouate opgeriicht ginn ass.

Am Laf vun hirer leschter Rees an den Togo huet eis Presidentin, d'Madamm Thérèse Bagnah, weider Dierfer an der Regioun identifizéiert, déi dréngend eng Infrastruktur brauchen, fir datt d'Schüler sécher a gesond ënnerriicht kënne ginn. Dat sinn d'Dierfer Tougoung, Nabonga an Talkimbounte, déi alleguer op entleeëne Plazen an der Région des Savanes leien.

An deenen Dierfer sinn all Kéiers eng 200 bis 400 Kanner scolariséiert, a wéi sou dacks feelt et hinnen un deem Néidegsten: zolidd Schoulgebaier, proppert Waasser, Miwwelen a Schoulbicher.




Unhand vun der Landkaart gesäit een, dat d'Région des Savanes am Norde vum Togo läit, am Sahel, wou et am Duerchschnëtt méi waarm a méi dréchen ass wéi am Rescht vum Land. D'Leit liewen haaptsächlech vun der Landwirtschaft oder der Véizuucht, déi an dëse klimatesche Konditiounen alles anescht wéi einfach sinn. Dobäi kënnt, datt d'Regioun un der Grenz zum Burkina Faso läit, wou vill Leit virun den Djihadisten an den Togo geflücht sinn. Dohier sinn si méi wéi jee op d'Hëllef vun internationalen ONGen ugewisen.

De Projet, an dësen Dierfer all Kéiers en Abris fir d'Schüler ze bauen, wäert viraussiichtlech am Ganzen (déi 3 Dierfer zesummen) ëm déi 80.000 € kaschten. Als klenge Veräin hu mir fir esou Zomme misse baussent de Grenzen vun der Gemeng Waldbëlleg kucken, an tatsächlech hu mir vum Lions Club, vun de Kiwanis an aneren Hëllefsorganisatiounen Ënnerstëtzung versprach kritt. Mir sinn och um Iwwerleeën, wéi eng Aktivitéite mir ënnerhuele kënnen, fir dëse Projet ze finanzéieren.

Natierlech si mir awer fir all Don hei aus der Gemeng immens dankbar.

Dir kënnt en Don maachen op ee vun de Konten vun der Fondation Fonds interculturel:

CCP: LU88 1111 0878 7590 0000 oder
BCEE: LU69 0019 1000 0116 0000

Dir kritt dann e Certificat vum Fonds interculturel, deen Iech et erlaabt, Ären Don vun de Steieren ofzesetzen.

D'Madamm Bagnah reest dëst Joer nach zweemol an den Togo, am Mee an am Oktober, fir de Projet virunzebréngen.

Mir sinn nach ëmmer op der Sich no Spillsaachen a franséische Kannerbicher fir d'Schoulen an der Regioun Dapaong. Wann Dir eppes fir eis hutt, da kontaktéiert w.e.g. eis Presidentin Thérèse Bagnah, 9, rue de Christnach, L-7680 Waldbillig, Tel. 691 79 97 61; E-Mail: kalatou.info@gmail.com.

**Am Comité vu Kalatou sinn:**
BAGNAH Thérèse (Presidentin);
WICKENS Henry (Sekretär);
STEVENS Elli (Caissière); a
BADEN-LOBITZ Danielle.

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Thérèse Bagnah*

# D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH

Am neie Joer ass gläich nees mat intensivem Fléien um AMC-Terrain weidergefuer ginn esou wéi et zejoert opgehalen huet! Keelt, Reen, Bulli, Schnéi, Wand … fir en aktive Member vun den Aeromodelliste gëtt et meteorologesch keng Brems fir deen interessanten Hobby! Bei méi beschwéierleche Konditiounen ass d'Paus um 3 Auer, sou wéi hei beim Deele vum Dreikinneksflued mat der Kréinungszeremonie, déi am Chalet um Fons Mehlen Aerodrome ofgehale gouf.



Geet et nach duer fir e Seegler-Remorquage virum Schluet?







Nee, elo reent et ewell riicht eran, séier mat den Apparater ënner d'Bâche!



„Ah, de Reebou weist et: elo geet et gläich weider." … awer Landung am Bulli!









Schnéi ass och gemeeschtert gi mat Kufen un dem Landegestell oder mat Droneflich wou sech géigesäiteg geknipst gouf.



Enn Januar hat en erfuerene Kolleeg e Mëssel beim Starte vu sengem Motor. Kuerz nom Demarrage ass et fir de Speck am Bee gaangen. Huerteg war sanitär Hëllef op der Platz! Merci dem Infirmier de garde an de Pompjeeë vu Chrëstnech, awer och den Ambulanciere vum CGDIS aus der Fiels, fir hir huerteg Interventioun um Terrain – et war nawell eng gutt ginn – awer deen dapere Pilot ass, no véier Wochen am Spidol, nees aktiv um AMC-Fluchfeld – an d'Sécherheetsvirkéierunge sinn nach intensivéiert ginn!





Am Fréijoer ginn „d'réunions de service" vu bannen no bausse verluecht.





De Krukerten hire Passage iwwer ëm Terrain, wéi all Joer e wonnerbare Spektakel fir eis interesséiert Piloten. Dëtt Joer waren et deer Fiederdéieren nawell jett!



Ei, nees eng Sonn déi gutt hëtzt mat positiver Wierkung op Läif a Gemitt.





Déi éischt Méi- a Walzaarbechten um Terrain sinn ugelaf, an d'Seeglerschleef- a Landemissioune sinn an der fräscher Fréijoersloft nees gutt reusséiert !





Ugangs Abrëll ass d'Joresversammlung am Hôtel/Restaurant Cigalon ofgehale ginn an 2 nei Membere goufen opgeholl: de Norbert H. vu Schrondweiler an de Valentin N. vu Chrëstnech!



Soubal d'Wieder matgespillt huet war nees Betrib um AMC-Terrain an den Ousterkuch ass ewell op der Terrasse geschneekt ginn!



Bei Interessi fir dem AMC seng Aktivitéiten, kënnt Dir Äntwerten op Är Froen bei **Mehlens Pol** kréien.
Tel: 621 21 91 29.

*Redaktioun a Biller:*
*Henri Beissel, Marcel Delleré, Jos Gaspard, Romain Hanten, Pol Mehlen, Push Steffen.*

# WALDBËLLEGER MUSEK



D'Waldbëlleger Musek konnt och dëst Joer hir gewinnte flott Concerten an der Gemeng ubidden.

De 4. Februar war de grousse Galaconcert an der Sportshal. Do huet natierlech misse fläisseg geprouft ginn.















Den 1. Mee huet d'Musek den Tour vun der Gemeng gemaach an och um Hentgesbau e Meekranz opgehaangen, nodeems de Schäffen- a Gemengerot e Ständche gespillt krut.

*Fotoen: Camille Goedert*

# CLUB DES JEUNES CHRËSCHTNECH

De Club des Jeunes Chrëschtnech huet d'Joer nees mat flotten Aktivitéiten ugefaangen:



Mir hu mat de verschiddene Kavalkaden gestart, wou mer zu Dikrech, Esch, Waasserbëlleg a Réimech mat waren.



Do dertëscht hate mir d'Buergbrennen, wou mer traditionell op dem Hougeriicht d'Buerg verbrannt hunn.

Den Highlight vum Joer hate mir elo den 22. Abrëll, wéi mer mam DJ AL eise legendäre Knëppelbal haten. Ëm déi 700 Leit hunn dëst Joer nees de Wee op Waldbëlleg fonnt,





wou mir mat enger super Stëmmung gefeiert hunn. Mir soen ee grousse MERCI.



Mir hoffen, Iech all d'nächst Joer ob eiser 20. Editioun vum Knëppelbal erëmzegesinn.

*Text: Maud Moulin, Fotoen: CdJ*





*Foto: Damaris*



Foto: Damaris

# KULTUR A GESCHICHT //
# *CULTURE ET HISTOIRE*



*De Foni Lebrun-Ricalens mat der Buergermeeschtesch*



*... mam Marcel Ewers*

## D'WUERT VUM FONI LEBRUN-RICALENS

De FUUSS kritt vill positiv Reaktiounen. Hei ass als Beispill de Bréif vum Foni Lebrun-Ricalens, dem Direkter vun dem nationalen Institut fir Archeologie INRA. Als Verantwortleche fir vill Publikatiounen ass hie gutt placéiert fir anzeschätzen, wéi gutt an interessant esou eng Zeitung ass.

De Foni Lebrun-Ricalens ass Member vun der Société préhistorique an hat do enke Kontakt mam Marcel Ewers. Hie war och 2019 derbäi op enger Konferenz am Kader vun der Ausstellung vun dem Marcel Ewers senger Sammlung an der Waldbëlleger Kierch; vun do sinn déi Fotoen hei derbäi, déi d'Damaris gemaach hat.



*... bei sengem Virtrag*



*... als opmierksamen Auditeur*

**Monsieur Barthelemy,**

Venant de recevoir le nouvel exemplaire du mois de janvier 2023 de la revue DE FUUSS éditée par la commune de Waldbillig, envoi dont je vous remercie, je vous prie de féliciter vivement de ma part l'administration communale, ainsi que toutes les personnes qui ont œuvré, une nouvelle fois, à la réalisation de cet excellent périodique.

Il me tenait à cœur de souligner, comme je l'avais fait encore en décembre 2021 à Haller auprès de notre regretté ami Marcel EWERS, la grande qualité éditoriale du bulletin DE FUUSS qui n'a rien à envier à d'autres « Gemengebueten », tant son édition est particulièrement exemplaire, aussi bien sur le fond que sur la forme.

En effet, d'une part, sur le fond, la qualité des contributions textuelles et visuelles s'avère très instructive, agréable et appréciable. Elle offre aux habitant(e)s de votre commune (et du Grand-Duché) un large éventail d'informations concernant les diverses activités de votre dynamique commune et des milieux associatifs, souvent à vocation intergénérationnelle.

D'autre part, sur la forme, la qualité du papier, de l'impression et de la mise en page, du choix et de la composition des illustrations et photographies, contribue, avec ce « bel objet » entre les mains, au plaisir de la lecture et de la découverte d'informations. Connaissant les difficultés de mener à bien tout projet éditorial, dans cet exercice le hasard n'a pas sa place. Ce résultat est le fruit de la recherche constante du meilleur équilibre entre textes et visuels, de leur harmonie dialectique.

Je parle là aussi en connaissance de cause, suite au dépôt d'un article sur le « Reenert » pour le dernier numéro de DE FUUSS. Ayant personnellement fait la bonne expérience des corrections proposées par les personnes ayant effectué le lectorat et le lay-out du dernier numéro, veuillez leur adresser mes vifs remerciements pour leurs critiques et conseils toujours constructifs. Veuillez également exprimer toute ma gratitude aux membres de l'équipe éditoriale qui avec professionnalisme ont discrètement mais efficacement assuré - dans l'ombre - un excellent travail de secrétariat d'édition, et ce, in fine, pour le plus grand plaisir des lecteurs et lectrices.

En feuilletant les différents volumes de la revue DE FUUSS, nul doute que Michel Rodange, ce défenseur de l'écrit imprimé et de sa diffusion auprès du plus grand nombre, serait fier des publications éditées sous l'égide de sa cité natale.

Dans l'attente de découvrir le prochain numéro, veuillez croire, Monsieur Barthelemy, en l'expression de mes meilleures salutations.

*Foni Le Brun-Ricalens*

# DE FUUSS

**INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG**

## VUN 2018 BIS HAUT

Hei kucke mer hannescht op déi lescht fënnef Joer an déi wichtegst Evenementer an der Gemeng, esou wéi se am FUUSS beschriwwen a gewise goufen.

Den 8. Oktober 2017 waren d'Gemengewalen gewiescht, an den neie Gemengerot a Schäfferot hat sech forméiert a sech fir d'éischt am Dezember 2017 gesinn.

*Zesummegestallt vum Marc Barthelemy*

## D'Joer 2018




Am Februar 2018 koum den éischte **FUUSS** eraus mat der neier Ekipp, mat der Nummer **2018-1**. Do goufen den neie Schäfferot an den neie Gemengerot presentéiert. Déi nei Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer an den ale Buergermeeschter Jean-Luc Schleich sinn interviewt ginn. De Jean-Luc Schleich huet och un de vill ze fréi verstuerwene Carlo Gratias erënnert. Fotoen hunn un de Chrëschmaart am Mëllerdall an un eng Kraiderwanderung erënnert.



*Den neie Gemengerot.* Foto: Filipe Soares



*D'Andrée Henx-Greischer nach als Schäffin.* Foto: Pierre Haas



*Den neie Schäfferot.* Foto: Inneministère




*E wäisse Chrëschtdag.* Foto: Touristcenter Mëllerdallv



*De Jean-Luc Schleich als Buergermeeschter.* Foto: Pierre Haas



*Carlo Gratias.* Foto: Famill Gratias



*Ënnerwee Kraider plécken mam Hans-Joachim Hoppe.* Foto: Touristcenter Mëllerdall




Am **FUUSS 2018-2** stoung d'Schäfferotserklärung, also dat, wat an deene fënnef Joer an der Gemeng geschéie sollt. An da gouf gewisen, wéi d'Elisabeth Koltz dat kostbaart Stéck restauréiert huet, op dat eis Gemeng houfreg ass: d'Maquette vum Fiissche-Monument um Knuedler, also de richteg originale Fiisschen, deen zanterhier an der Gemeng zu Waldbëlleg ausgestallt ass. D'Jacqueline Penning an den Ern Wagner hunn d'Geschicht vum Bëlleger Fräiheetsbam verzielt an de Maxime Bender huet de Marcel Ewers portraitéiert. D'Maison relais krut en neie Comité, de Willy Smit huet de Pierre Majerus ofgeléist als President vu Jonk & Al.



*De Comité vun de Fiissercher.*
Foto: d'Fiissercher a.s.b.l.



*Déi restauréiert Maquette vum Fiisschen.*
Foto: Elisabeth Koltz




*De Marcel Ewers a seng Fra bei sech doheem op der Dier, mat Membere vun der Kulturkommissioun, Maxime Bender, Henry Wickens, Marc Feidt.*
Foto: Marc Barthelemy



*Den neie President Willy Smit bei senger Usprooch.*
Foto: Denis Dimmer



*D'Plaz vum Fräiheetsbam.*
Sammlung PeWa




Am September an der Nummer **2018-3** goung et ëm déi grouss Iwwerschwemmunge vun Ufank Juni, déi fir vill Leit katastrophal waren. Op Nationalfeierdag war gefeiert ginn. An et gouf en Artikel iwwer d'Duerffest zu Haler vum 15. Juli. De Maxime Bender huet déi bekannten Däschtennisspillerin Sara De Nutte vun Haler virgestallt.



*D'Katastroph am Mëllerdall.*
Foto: Filipe Soares




*D'Opraumen.*
Foto: Filipe Soares



*Och den neie Gemengerot ass present.*
Foto: Marc Barthelemy



*D'Buergermeeschtesch erënnert an hirer Ried un déi tragesch Iwwerschwemmungen.* Foto: Marc Barthelemy




*Fir eng Kéier eng gespaarte Strooss ouni Chantier.*
Foto: Damaris




*Um Ball.*
Foto: Vincent Lescaut



*D'Waldbëlleger Musek ewéi ëmmer vir am Cortège op Nationalfeierdag.*
Foto: Marc Barthelemy




De **Fuuss 2019-1** war gepräägt vun engem Reportage iwwer déi wonnerbar Ausstellung vum Marcel Ewers senger eenzegaarteger Sammlung an der Waldbëllleger Kierch. Hei konnt de Marcel seng prehistoresch Artefakten adequat a senger Gemeng presentéieren. An der Gemeng gouf et eng Feier fir déi nei genannten Éierebuergermeeschtere Gérard Bender, Edouard Lies a Jean-Luc Schleich an den Éieregemengesekretär Nico Schlammes. De Marc Barthelemy huet iwwer d'Uelegsmillen zu Chrëschtnech geschriwwen. Am November war e Cäcilieconcert vum Männerchouer an der Waldbëlleger Musek. D'Uergelfrënn haten Ad Libitum invitéiert. Jonk & Al waren um Ausfluch an d'Bourgogne.


*De Marcel explizéiert virun Experten ...*
*Foto: Damaris*


*... an och de Kanner.* *Foto: Damaris*

## D'Joer 2019


*De Chouer um Cäcilieconcert.*
*Foto: Camille Goedert*


*De President vun den Uergelfrënn Henry Wickens bei der Usprooch.*
*Foto: Damaris*


*D'Chrëstnecher Uelegsmillen.*
*Foto: Pierre Haas*


*Vu lénks: Gérard Bender, Andrée Henx-Greischer, Edouard Lies, Nico Schlammes, Jean-Luc Schleich.*
*Foto: Gemeng Waldbëlleg*


*D'Waldbëlleger Musek um Cäcilieconcert.*
*Foto: Camille Goedert*



*Um Duxall vun der schéiner Waldbëlleger Kierch.*
*Foto: Damaris*


*Jonk an Al zu Beaune.*
*Foto: Willy Smit*


*Den neie Maskottchen.*
*Foto: Badminton Regioun Méllerdall*

*Den Indiacaturnéier vum CdJ.* *Foto: Jill Beckené*







De Schéissendëmpel 2019.
Foto: Jean-Luc Schleich



De Schéissendëmpel 1942.
Collection privée

Am Juni 2019 an der **zweeter Nummer** vum Joer huet de Jean-Luc Schleich den definitive Punkt gemaach iwwer d'Geschicht vun deem Monument, dat méi ewéi all anert fir eis Regioun a fir den Tourismus am Mëllerdall steet, dem Schéissendëmpel. Flott Fotoe waren et vum Turnveräin Ëmmer fit a vun den Aeromodeliste vu Chrëstnech, mee awer och vum Lëtzebuerger Owend, deen d'Kulturkommissioun mat groussem Succès an der Greisenscheier organiséiert hat. D'Chorale Sang Mat Waldbëlleg Haler huet zesumme mat der Chorale Ste Cécile Beaufort d'Radiosmass zu Waldbëlleg gesongen.



Beim Yoga.
Foto: Isabelle Oberlé



D'AG vun den Aeromodellisten.
Foto: AMC



De Mëllerdaller Männerchouer um Lëtzebuerger Owend.
Foto: Damaris



De Serge Tonnar.
Foto: Damaris



D'Chorallen no enger Prouf.
Foto: Damaris



An der **Nummer dräi vun 2019** gesouch een d'Feierlechkeeten an d'Fester vun den 140 Joer vum Schéissendëmpel, dem Millefest, dem Nationalfeierdag, a vum Männerchouer, dem Badminton, dem Club des Jeunes a vu Jonk & Al.



Den neie Panneau.
Foto: Pierre Haas



Vill Leit waren derbäi.
Foto: Pierre Haas



De Männerchouer huet 25 Joer.
Foto: Mëllerdaller Männerchouer



D'Millefest vun uewen.
Foto: Leyla Barthelemy



De Schäffen- a Gemengerot mat de geéierte Bierger. Foto: Filipe Soares




Et war vill lass. Foto: Filipe Soares

Jonk & Al op Dagesrees an der Stad. Foto: Willy Smit







2020 ass ugaange mat enger ganz literarescher **Nummer 2020-1**, mat all den Texter iwwer de Mëllerdall a Fotoe vun engem schéinen Owend mat Liesungen a Musek um Kärespäicher am Mëllerdall. Viru genee 75 Joer war d'Ardennenoffensiv an dofir haten de 7. Dezember d'Friends of Patton's 26th Infantry Division - Luxembourg (FPYD-Luxembourg) eng Night Vigil zu Waldbëlleg gehalen. Den neie Wee beim Schéissendëmpel fir op de Parking gouf ageweit an d'Jugendpompjeeë waren ënnerwee. De Mëllerdaller Männerchouer huet 25 Joer gefeiert mat engem Concert vun de Cojellico's Jangen. Let's do brunch hat et geheescht am Hierscht bei de Chrëstnecher Fraen. En Noruff huet un déi ganz beléifte Marianne Jacobs erënnert, déi 12 Joer laang mam Schoulbus gefuer war.



*Musek: De Michel Pilz an de Benoît Martiny* Foto: Damaris



*Liesung: D'Eugénie Anselin* Foto: Damaris



*Liesung: De Steve Karier* Foto: Damaris



*D'Buergermeeschtesch tëscht zwee Ministeren.* Foto: Pierre Haas



*Op der neier Trap.* Foto: Pierre Haas



*D'Cojellico's Jangen. Ganz riets de kierzlech verstuerwene Jean-Marie Kieffer* Foto: Claude Hansen



*D'Jugendpompjeeën zu Reisdorf.* Foto: Jonathan Thill

## D'Joer 2020




An du koum Corona. E virdrun onvirstellbare Lockdown, an eis aller Liewen huet sech ferm geännert. Dat war de groussen Theema am **FUUSS 2020-2**. Esou just war et nach fir de Galaconcert vun der Waldbëlleger Musek duergaangen an och d'Uergelfrënn haten nach e Concert kënnen organiséieren. Och d'Société préhistorique luxembourgeoise S. P. L., déi jo hire Siège zu Waldbëlleg huet, konnt hir Generalversammlung nach ofhalen; et sollt déi lescht sinn, op där de laangjärege Member a President Marcel Ewers perséinlech present war. Den Erny Wagner huet d'Geschicht aus dem Krich vu sengem Heemechtshaus erzielt, dem Kelleschhaff, deen ëm Chrëschtdag 1944 zerstéiert gouf. D'Damaris huet direkt dräi Lokalgeschichte presentéiert, vum Hähnchenkönig, mat dem Remy Theisen an iwwer d'Haus Nummer 1 an der Michel-Rodange-Strooss. An och d'Sobipo ass virgestallt ginn. Schéi vuneneen distanzéiert hu Schäffen a Conseilleren sech bei de Fändele fir den Europadag auserneegestallt.




*D'Presidentin vun der Waldbëlleger Musek Annik Reinert.* Foto: Camille Goedert



*De Maxime Bender.* Foto: Camille Goedert



*D'Mannschaft vun der Sobipo.* Foto: Damaris



*Den Ensemble Cantique bei den Uergelfrënn.* Foto: Damaris



*Vill Nolauschterer an der Waldbëlleger Kierch.* Foto: Damaris



*Gepaakten Nolauschterer*
Foto: Damaris



*... mat ville Leit.* Foto: Damaris



*Et gëtt Wuecht gehalen ...*
Foto: Damaris

*D'Marianne Jacobs wierdeg encadréiert.* Foto: Gemeng Waldbëlleg





*Let's do brunch.*
Foto: Chrëstnecher Fraen



*Déi nei Kläranlag.*
Foto: Sidest




Wéi Der all wësst, war Corona net séier gedoen, och net am FUUSS. An der drëtter **Nummer 2020-3** gouf d'Redaktioun an der adequater Tenue fotograféiert, also mat Mask, grad esou ewéi d'Aeromodelisten, déi sech net ënnerkréie gelooss hunn. Och en aneren Dauerbrenner hat säin Optrëtt, nämlech d'Chantieren an der Gemeng, déi jo nach vill méi nohalteg sinn ewéi d'Pandemie. An der Maison relais gouf et Team-building. De Fernand Huss, dee méi ewéi zwee Joerzéngten am techneschen Déngscht vun der Gemeng Waldbëlleg geschafft an e geleet huet, gouf am Interview virgestallt.



*D'Aeromodelliste sinn och vermummt ...*
Foto: AMC



*10 Joer provisoresch Präiteler Bréck.*
Foto: Marc Barthelemy



*... mee si fléien nach.*
Foto: AMC



*D'Haus Nummer 1 an der Michel-Rodange-Strooss.* Foto: Damaris



*De President vun der S. P. L. Marcel Ewers bei senger Usprooch.* Foto: Marc Barthelemy



*De Fernand Huss.*
Foto: Gemeng Waldbëlleg



*Den Europadag.*
Foto: Maud Moulin



*De Kelleschhaff vum Bëlleger Säitert aus gesinn, mat Vue op Freckeisen.*
Foto: Ern Wagner



*Team-building.* Foto: Maison relais

# D'Joer 2021




Och am **FUUSS 2021-1** war d'Redaktioun nach ëmmer maskéiert. D'Kanner an der Schoul haten eng Aféierung an d'Aarbecht dobaussen, an de CIS eng Übung fir den Noutfall. Wonnerschéi Fotoe gouf et eemol méi vum Damaris, dës Kéier vun de Ballonen iwwer Waldbëlleg. D'Isabelle Oberlé hat sech op d'Sich nom Schwaarze Mann gemaach, den Henry Wickens huet Kalatou a. s. b. l. an d'Damaris den Haler Chrëscht virgestallt. En Noruff huet un de laangjärege President vu Jonk & Al Pierre Majerus erënnert. Am Interview huet d'Birgit Kausch, Geowëssenschaftlerin beim Natur- & Geopark Mëllerdall, expliziéiert, firwat de Mëllerdall sollt vun der Unesco als Global Geopark unerkannt ginn, wat am Abrëll 2022 du geschitt ass. An amplaz vum Agenda, dee wéinst Corona eidel blouf, sinn eng Partie Bicher iwwer Lëtzebuerg virgestallt ginn, fir d'Zäit doheem ze verdreiwen.



*Nach ëmmer am Corona-Look.*
*Foto: Mara Di Giambattista*



*Wat maache bei engem Akzident.*
*Foto: Jonathan Thill*



*D'Kanner hu gutt geschafft.*
*Foto: Änder Erpelding*



*De guer net esou Schwaarze Mann.*
*Foto: Pierre Haas*




*En heefegt Bild: Ballonen iwwer dem schéine Mëllerdall.*
*Foto: Damaris*



*D'Thérèse Bagnah, Grënnerin vu Kalatou. Si koum aus dem Togo op Waldbëlleg*
*Foto: Thérèse Bagnah*



*De Pierre Majerus bei Jonk & Al*
*Foto: Denis Dimmer*



*D'Bichersail bei der Gemeng zu Waldbëlleg.*
*Foto: Damaris*




*Den Haler Chrëscht an d'Esther hunn eng impressionant Kollektioun vu Militärgefierer.*
*Foto: Damaris*



*De Mëllerdall: Waasser.*
*Foto: Pierre Haas*




*De Mëllerdall: Fielsen.* *Foto: Pierre Haas*



*De Mëllerdall: eng laang Geschicht.*
*Foto: Pierre Haas*



*Den Ouschterhues an der Schoul.*
Foto: D'Enseignante vum Cycle 2




Am **FUUSS 2021-2** waren d'Masken nach ëmmer aktuell esou ewéi hei an der Schoul. Den Éierebuergermeeschter Gérard Bender huet e wonnerbaren Artikel iwwer déi grad esou wonnerbar Restauratioun vum Hentgesbau geschriwwen. Déi Haler Leit haten trotz Corona net op d'Buergbrenne verzicht. De beschte Cyclist vum beléiften Tour du Duerf, de Christian Berens vu Waldbëlleg gouf virgestallt, grad ewéi d'Laure Smit, Hobbykënschtlerin zu Chrëschtnech, an d'Jenny Bofferding vu Chrëschtnech mat hirem rezente Gedichtband.




*Eise beschte Mann um Vëlo.* Foto: Filipe Soares




*Buergbrenne geet och anescht.*
Foto: Esther Wagner



*Keramik vu Chrëschtnech.*
Foto: Isabelle Oberlé





*Gedichter aus Chrëschtnech.*
Foto: Isabelle Oberlé





*Den Hentgesbau war quasi eng Ruin. E groussen Opwand war néideg.*
Fotoen: Archiv Gemeng Waldbëlleg




An der drëtter **Nummer 2021-3** fir dat Joer gouf et alt erëm ze vill Waasser: E Schluetreenn hat de 14. Juli schlëmm Iwwerschwemmunge bruecht. Den Éierebuergermeeschter Jean-Luc Schleich huet d'Gebuertsdagsjoer vum Reenert agelaut. An der Gemengeféierung gouf et eng Neierung: Nodeems de Schäffen Théo Moulin fortgeplënnert war, ass de Jean-Joseph Tholl, genannt Jojo, neie Schäffe ginn. Conseilleren a Schäffe sinn agesprongen, fir de Bierger vun der Gemeng déi virgeschriwwe Schnelltester ze erméiglechen, fir datt se konnten de Weekend virun d'Dier goen. D'Elterevereenegung huet den Ofschloss vum Schouljoer gefeiert, d'Corinne Meyers huet de Projet Akerblumm virgestallt, d'Isabelle Oberlé d'Hobbybeiefra Olga Goedert, an d'Beweegungswoch huet d'Bierger un d'Bougéiere bruecht.



*Jean-Joseph Tholl, den neie Schäffen.*
Foto: Gemeng Waldbëlleg



*D'Gemengeféierung peekt eng Hand mat un.*
Foto: Marc Barthelemy



*Dem Michel Rodange säi Gebuertshaus ass nom Krich nei opgebaut ginn. Hei eng Foto aus dem Joer 1927.*
Collection privée



*D'Kanner um Haff Am Aker.*
Foto: Corinne Meyers



*D'Elteren organiséiere vill Aktivitéite ronderëm d'Schoul.*
Foto: Elterevereenegung



*D'Beiefra bei der Aarbecht.*
Foto: Camille Goedert



*Vill lass bei der Beweeguungswoch.*
Fotoen: Ulrike Sauer an Olga Goedert




Am **FUUSS 2022-1** huet d'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer un den Éierebuergermeeschter Edouard Lies an u seng Fra erënnert, déi 2021 verscheet waren. Um Gemengeniesse war d'Stëmmung gutt; um Meet & Greet kruten ewéi all Joer nei Bierger wéi och Alagesiessener Informatiounen iwwer d'Gemeng an hir Veräiner. Fotoen aus der Maison relais an aus der Schoul weisen den Nowuess gutt versuergt a bei gudder Laun. D'Haler Lett hunn de Benefice vum Buergbrenne gespent.



*D'Buergermeeschtesch an hir Beamte genéissen d'lesse vum Traiteur Osweiler vun Iechternach.*
Foto: Marc Barthelemy



*Meet and Greet ... and talk.*
Foto: Marc Barthelemy



*D'Madame an den Här Lies, mat derhannert der Duechter an dem Eedem.*
Foto: Damaris



*An der Maison relais ass et de Kanner gutt ergaangen.*
Foto: Maison relais



*Op wie waarden d'Kanner aus dem Cycle 1?*
Foto: Léierinne vum Cycle 1



*E Scheck vun den Haler Lett.*
Foto: Claire Larry



*De Buergermeeschter Edouard Lies.*
Archiv Gemeng Waldbëlleg




De **FUUSS 2022-2** war bal ganz fir en immens léiwen an interessanten a bekannte Mënsch, deen eis verlooss hat, de Marcel Ewers vun Haler. Et gouf u säi Liewen erënnert, säin Asaz fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich a fir d'Virgeschicht an der S. P. L., der Société préhistorique luxembourgeoise, u seng politesch Karriär an der Gemeng an un déi immens vill Artikelen, déi hie fir de Gemengebuet an DE FUUSS geschriwwen hat. An deem FUUSS stoung esouguer en onveröffentlechten Text vun him iwwer d'Alebuerg zu Beefort. No der Coronazäit gouf et fir d'éischt zanter Laangem e Meekranz an d'Waldbëlleger Musek konnt och erëm Concerte ginn. Déi nei Schoulkommissioun huet sech forméiert. Mir hate manner Corona, mee awer Krich an Europa! D'Gemeng huet en Haus amenagéiert fir ukrainesch Flüchtlingen; aus der ganzer Gemeng hunn d'Bierger mat Spenden do derzou bäigedroen.



*De Marcel Ewers mam Jean-Luc Schleich an dem Marc Barthelemy.*
Foto: Gemeng Waldbëlleg



*De Marcel Ewers gëtt 2005 als Schäffe vum Buergermeeschter Gérard Bender vereedegt.*
Foto: Gemeng Waldbëlleg



*D'Ausstellung vum Marcel Ewers senger Sammlung.*
Foto: Marc Barthelemy



*De Marcel Ewers expliziéiert.*
Foto: Damaris

*E Meekranz vun der Musek.*
Foto: Camille Goedert





*D'Schoulkommissioun.*
Foto: Martine Dimmer


*D'Waldbëlleger Musek.*
Foto: Camille Goedert



## D'Joer 2022

De Minister Claude Haagen. Foto: Pierre Haas






Am **FUUSS 2022-3** gouf déi nei Spillplaz am Mëllerdall presentéiert. An der Schoul war vill lass an et gouf fir déi alleréischte Kéier am selwechte Summer e Schoulfest an en Duerffest, an och Nationalfeierdag gouf gefeiert. Et war no zwee Joer Paus erëm e Knëppelbal beim Club des Jeunes. Déi wonnerbar Spillplaz am Mëllerdall war fäerdeg an: D'Supporter wollte schonns all op den Terrain stiermen, Tréine së gefloss an et ass nëmmen nach drop gewaart ginn, datt den Arbitter ofpäift. An der 96. Minutt wuer et dunn souwäit! Den FCO ass geklommen!



*D'Buergermeeschtesch expliziéiert, wéi et zu der Spillplaz koum.* Foto: Pierre Haas

*Eng imposant Konstruktioun.* Foto: Pierre Haas



*D'Kanner freeë sech.* Foto: Pierre Haas



*Nationalfeierdag an der Hal.* Foto: Filipe Soares



*Nationalfeierdag, de Cortège.* Foto: Camille Goedert





*Knëppelbal beim CdJ.* Foto: Maud Moulin



*Liesung am Cycle 1.* Foto: Léierpersonal



*Grillfest fir de Cycle 4.* Foto: Léierpersonal

*De Précoce op Visite zu Waldbëlleg an der Schoul.* Foto: Léierpersonal





*D'Schoulfest vun der Elterevereenegung mat Spiller an lessen ... ... a mat engem Cajatonconcert.* Fotoen: Elterevereenegung



*Vill Freed fir d'Kanner um Duerffest.* Foto: Elterevereenegung





*Concert um Duerffest mat Zaltimband.* Foto: Thierry Faber

*D'Haus fir d'Flüchtlingen.* Foto: Martine Dimmer




*Den FC Olympia wënnt de Barragëmatch ... ... a klëmmt!!!* Fotoen: FCO






*Den Éierebuergermeeschter Jean-Luc Schleich presentéiert d'Biographie vum Michel Rodange op engem grousse Colloque am Kader vun de Walfer Bicherdeeg.* Foto: Claude Schmit






*De Reenert-Timber vum Foni Thissen.* Collection privé




Am **FUUSS 2023-1** huet de Reenert fir säin 150. Geburtsdag e groussen Optrëtt. Un der neier Publikatioun vum Educatiounsministère huet eisen Éierebuergermeeschter, de Jean-Luc Schleich, e ganz weesentlechen Undeel mat enger Biografie vum Nanettsméchel, déi all wëssenschaftlech Erkenntnesser vun de leschte Joerzéngten zesummefaasst. De Foni Lebrun-Ricalens huet iwwer säi Grousspapp geschriwwen, de bekannte Moler Foni Thissen, an deem seng Timbere mam Michel Rodange an dem Reenert. Et war erëm e Chrëschtmaart am Mëllerdall. De Recyclingzenter Jonglënster krut eng Goldmedail, den techneschen Déngscht vun der Gemeng nei Leit, Ëmmer fit en neie Comité, an d'Gemeng erëm eng Brennerei, um Freckeisen.



*E prima Recyclingzenter mat lénks dem Romain Tobes, dem Vertrieder vun eiser Gemeng.* Foto: Recyclingzenter



*Um Chrëschtmaart am Mëllerdall war wéi ëmmer vill lass.* Foto: Damaris



*Endlech gëtt erëm gebrannt an der Gemeng.* Foto: Rom Buchholtz

*De Service technique vun eiser Gemeng.* Foto: Gemeng Waldbëlleg





*Hei sinn se ëmmer fit.* Foto: Comité vun Ëmmer fit

## D'Joer 2023




Deen heite **FUUSS 2023-2** erënnert natierlech un den Éieregemengesekretär Nico Schlammes. D'Société préhistorique hat hir Generalversammlung, et ware Buergbrennen an dat traditionellt Fréijoersiessen, déi Neigebuere kruten e Bam a Maske ginn et op den 1. Abrëll (keen Abrëllsgeck) guer net méi – et schéint, wéi wann alles erëm kéint normal lafen.



*Den Nico Schlammes am Gespréich mam Theo Moulin, den 1. Juli 2022 bei der Aweiung vun der Spillplaz am Mëllerdall.* Foto: Pierre Haas



*D'Presidentin Denise Leesch bei der Usprooch.* Foto: Marc Barthelemy



*D'Iesse vum Osweiler vun Iechternach kënnt ewéi gewinnt gutt un.* Foto: Marc Barthelemy

*Kee Stuerm, kee Corona, et kënne Buerge gebrannt ginn.* Foto: Damaris




Foto: Damaris

# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*

## ENQUÊTE SUR LE VIVRE ENSEMBLE DANS LA COMMUNE

### Chères habitantes, chers habitants,

Vous avez récemment eu l'occasion de répondre à un certain nombre de questions portant sur le « vivre ensemble dans la commune de Waldbillig » et nous tenons à vous remercier vivement de votre participation.

Le but en était d'avoir une vision plus précise sur l'état d'esprit actuel au sein de la population et d'évaluer de manière systématique les besoins et souhaits concernant les sujets clés, à savoir l'intégration et le vivre ensemble dans la commune. Pour assurer une bonne cohabitation, l'intégration est un facteur important pour que chacun trouve sa place dans notre société. Le terme d'intégration est souvent limité aux nationalités, mais il englobe bien plus que cela. Toute personne, indépendamment de son origine, sa culture, son âge, sa couleur de peau, sa religion, son orientation sexuelle, son statut social, son apparence physique ou son handicap, a le droit de faire partie de notre société et ne doit pas en être exclue.

Actuellement la commission consultative communale d'intégration est en mesure de vous fournir les premiers résultats concernant la participation au sondage ainsi que l'utilisation des trois langues principales du pays. L'évaluation complète du questionnaire nécessite un certain temps et sera donc publiée ultérieurement.

### Participation au sondage

